

Lezebuurjer Gedichter
a Proosashteker
fiir ons Shoulen

Zesumegeshtallt fun ènger shtaatilecher Komissjoun.

II. Hèft.



Gedrekt zu Lezebuurch, 1947.

Drekerai Charel MUNSHAUSEN

Lezebuurjer Gedichter
a Proosashteker
fiir ons Shoulen

Zesumegeshtallt fun ènger shtaatlecher Komissjoun.

II. Hèft.



Gedreht zu Lezebuurch, 1947.

Drekerai Charel MUNSHAUSEN

Aus dem Réenert ¹⁾

fum M. RODANGE.

I. Gesangk

Et vaar esou em t Pèishten,
t shtung ales an der blei,
an t filercher di songen
hiir lider shpeit a frei.

Duu rift de leif, de kinek,
al deier op e fèst
am Grengvallt zesuemem,
an t koumen al seng bèst.

Di rèich als vi di aarem,
den hirsh an t pèèrt an t rei,
se vaaren al geruf gin,
a miitok, mesh a krei.

Se koumen al mat trèpen,
t gesouch éé baal kéén ²⁾ èn,
zu fous an op de fliichten,
mat shnievlen a mat zèn.

A van och kée geif féélen,
daat viir dem kinek leif :
vien hèt geduecht, dat Réenert,
de fuus, evèch do bleif ?

Dien haat e beist gevesse,
daat shait den hèlen daach ;
ze gou' bai al dei hèèren,
daat vaar net senger saach.

1) och Réénert ooder tradizionèl Renert, als èèjennum.

2) ken.

En haat sech s al gelueden,
e must et sèlver soon :
dem daks blous, sengem nevei,
diem haat en nèisht gedoon.

De kinek haat ferbueden
den deier, grous a klèng,
al shtielen a bedreien,
an doutschlei ééshtlech shtrèng.

De Rénert kènt t gesèzer,
an t shlef dra vi seng buurch :
Mè kempt en net gut driver,
da kricht en drener duurch.

En duecht : «Du bas baim kinek
dach viirklech shuns ferkloot,
an t véés éé : vèit fum faier
kan aal gin den zaldoot.

Nuun haat um fèst och fiische
kèng grimel sech ferroch :
F'il deier si baim kinek,
dem fuus seng fainden och.

Den Isegrim, de volef,
fung glèich ze kloen un :
Déén haat de louse fiischen
am uerchsten opgezun.

E koum mat senge frenen ;
a munchen, dien do shtéét,
as feng e raue bruder,
troz sengem rènge kléét.

Se hieven t shwènnz an t ouden,
se dreke sech erbèi :
De volef tret zum kinek,
a fiirt net em de brèi.

Hie soot : «Mèin hèèr a kinek,
o heiert dajch ¹⁾ meng klo !
Almèchtech a fershtènech
dat voort diir emer jo.

Diir mist iech dajch erbaarmen !
Vat èich jeliden han
mèi lieve langk fam Rénert
jèt shoat a shimmp a shan !

En hat mer t fra begaajchelt,
mat shwèze blannt jemaajcht,
a vi en hiirer mit voor,
èis alebit èuslaajcht.

Dan hat e mer meng jongen,
bai Klierf a menger hiel
jetelert a jeshmassen,
éé shlampp, den aner shiel.

Ech lus e shon zitiiren,
e kwam ojch ¹⁾ op t jeriicht,
den nèistert hat jeshwueren,
en hèt dat nek jeshtiicht.

Kukt, van èch ojch kennt shwèzen,
als vi de Mèz (Metz) fan Eéch :
sèks vojche gif èch rieden
fam Rénert senge shtréech.

A kennten t vellzer gierver
al ieselshèkt ojch han,
an ditèn nèist ojch brègden
als parjemènnt derfan :

1) Di Jrèi bushtaave jch ze shwèze vi sos ch haner é, è an i. Um èn fum
vuurt ging et och mat j, z. B. naj.

Da kennt één nek drop shraiven
di shtréech, dei déé sho moujeh,
an dei en najeh vèrt maajchen.
Nujé, èch shwat genoujeh !»

Drop koum den honnt, de Finèt,
erbèi zum kineksshtoul ;
franseisesh konnt déé shwèzen
als vei èng gaberjoul.

Hie soot : «Dèr vesht, hèèr kinek,
ech sin zu Bieles viirt ;
t lèsht ooves koum de Rénert,
en huet den drongk geshpiirt.

E sat sech rouech nider
om hivel enrem kuesht
a soot : «Eng shape grééchen,
fum bèshten déén sh de huesht.»

Mèr fungen un ze shproochen,
de mann as fil geréésht ;
e kan och gut erzielen
am shpaaz an och am éésht.

En drongk en èzlech shapen,
e gouf rècht frou derbai ;
op éémool koum et klappen :
«Vien as do ?» «T polizai !»

Vaat sollte mèr do maachen ?
Hèèr kinek, vei dèr vesht,
ech hun, bedèkt mat blieder,
do shtoon èng héémlech kesht.

Dei op, an dran de Rénert ;
du koum dan t polizai.
Ech soot : «Gesit, diir hèèren,
gesit, t as nemesht hai.

Bai mèr as uerder», soot ech,
«am zaap as vi am shtoot :
dèr vèert mech nit erdapan,
diir hèèren, hun ech gesoot.

Berdouf ! mecht duu de Rénert
e saaz an èus der kesht,
an ouni ze bezuelen
as mèr de fuus entvesht.

Duu duecht ech u meng vuushten ;
dei kesht voor halef fol :
mèin iessen haat de Rénert,
an ech sèi protokol !»

«Hèèr Fin,» jèut duu de kueder
a shprung fu sengem séés,
«t as rèècht, dat iech de fiischen
dei vuusten huat gefréés.

Vaat velt diir héa ferkloen ?
Hèèr Fin, èèr klo as hual :
Diir haat dem uarme kuaader
dei vuuste jo geshtual !

Ech dèngken dru mèi léaven,
et as jo jaar ent daach,
duu gung ech metes feshen
em Faine bai der baach.

Ma t véader vaar net ginstech,
kéé feshche koum erèus ;
du duajcht ech : Gi an t milen,
a fèngk der do èng mèus.

Ech shlof eran an t kichen :
Kéén maische bèi nach no ;
ma t géadel op der sidel,
dei suz ze nèipen do.

Ech sat mech bai en brantrout,
ech shillzen éés an t hoost :
Do hungen aaver vuusten,
et vaar main sil e kwoost.

Ech duajcht t viir net gesendeht,
vèl t milre sin och deif ;
an hai ant do en viistchen,
su èpes as éém leif.

A kuurz, ech vaar douaven,
eroof och mat em saaz ;
op éémool jèizt do t milesch :
Hai, Finèt, hual mer t kaaz !

Ech duajcht net, dat déan do viir ;
ma héa mat bil a bal
miir no, an an der Hoossecht
as t viistche miir entfall.

An t plaaz duu mat der viistchen
op t milen zrek ze goon,
huat Finèt se no Bieles
an a seng kest gedroon.

Su kemt den honnt un t vuusten,
hèèr kinek, net mat réécht !
De Rénert as kée gouden,
de Finèt, déan as shléécht.»

De reibok souz ze refle
mat ongedollt om vues,
en haat och fil ze kloen
als afekoot fum hues.

En as e rèiche kèèrel,
an dreit e grouse baart
a vunt net vèit fu Frumbrech
bai Leshen an der Haart.

Dée soot : «Mer géét fum Rénert
hai net zum Fin eroof,
evèl als deif a mèèrder
ferdeint de fuus sain shtroof.

Fu Bieles bas no Bailer,
fun El bas Echèternooch,
vou get, èich froon, diir heiren,
esu en nèistert nooch ?

Ging rèich a kinek ener,
dem Rénert lich nèist droon,
gif héén derbèi gevanen
e mufel fun em hoon.

Vaat deinen iis t geséézer ?
héé nicht sech nèist derèus,
héé lieft, als van héén heir viir,
a laacht de kinek èus.

Vi hot en et mam Lampert
gemaakt, mam uermen hoos ?
De mann, déé kéé beléédecht,
do lèit e grangk om voos.

Den héésche voor op t kirmes
bai sainer fra hiir mam.
Dei gouf em kouch fer t kaner,
an och e bischen ham.

Héé gung op hèem fol frèèden,
mat sainem grannz am douch :
Om Kronnhoof fonnt e bieden
de fuus an éénem bouch.

Gekloptsechgestnech, prouder !
Ma git e bische loos,
èich gif geir mat ééch shwéézen,
soot Rénert duu zum hoos.

Eich si jo nuu pestuer
om Kroeknoop, der vest,
ma t féélt mer un em koster ;
diir sait e goude grest :

Vaat dengk ééch ? Gift der velen
als koster bai miir shtoon ?
Eich gif ééch t nute liiren
a liiren t oarjel shloon.

Den héésche voor zefriden,
a klèich gung t liier oon :
De Rénert sollt héé vaisen,
fir t masgebiet ze soon.

Baim domnus du bas dignus
suz Lampert do am moos,
duu krèift de fuus noom bentel,
a mecht sech t douch éés loos.

En hééft de kouch zum himel,
de koster hèmst alt éés :
Ma fuus mat domnus dignus
hoot t ham mam kouch gefréés.

Hèèr kinek an diir hèèren,
èich prèuch ééch net ze soon :
Et hot dem uermen hééschen
gevas net gout gedoon.

E suz do draish ze dèngken :
«O viirs du èus dem kuuer !»
an duu, ablaaz ze shéélen,
duu graazt en hanrem uuer.

«Dèich helt en tonervieder,
lo kent dèi jengster daach,
dèu booz !» jèut do de Rénert,
an helt den hoos mam graach.

Eich kum dohier gegaang duu,
sos viir den hoos net mi.
Vi hoot de mann geliden,
al klider dein hem vi !

Vaat sol èich nooch fil rieden ?
Hai heleft kée geshwééz :
Den dutshlaach as ferbueden
an t shloon och duurch t gesééz.

T as zèit, de fuus ze shtroofen,
hèèr kinek, shtrooft en hèt,
sos grit der t heich ferivelt
fun ale praave lèt.»

«Zum gaalje,» rift de volef,
«en hat die langk ferdeint ;
vie véés najch, blaift e loofen,
zu vat e sech erkeint ?»

De kinek soot : «Diir hèèren,
diir koumt fu vait a bréét ;
a fant iech hai zesuemen,
daat mecht mer groussech fréét.

Mam Rénert as et aanesht :
Ier kloë sin net nai ;
a vèèr hie gannz onshelech,
da vèèr hien och vuel hai.

T kemt sèlten èpes gudes
fum Rénert dach eraus ;
ech voor shons laang gedelech,
nuu géét t gedollt mer aus.

Et shingt, en uecht mech veinech,
a mai gesèz fir naisht,
e mecht, vaat onerlaapt as,
da laacht en sech an t faisht.

As éé flaicht fun iech heëren,
dien t saach mei kloor gesait ?
Ech vel nuun ales vessen,
an och, vou t vourecht lait.»

Duu shtoung dan op daks Grimpert,
dem fuus als afekoot :
«Hèèr kinek,» soot en heiflech,
«dan heiert ue mai root.

An nuu fir uonzefèngken :
Sou hêt éé kée geriicht ;
vèl Rénert guer net hai as,
do as t ferkloe liicht.

Hèèr volef, loost daat kloen !
Ech soon, et as iert glek,
dat net mai monongk hai as,
sonst leicht diir shons om rek.

Vèl vie mat iech must iessen,
déé gouf nach sèlte fêt,
a sit diir èngem shelech,
da vellt één, dat één t hêt.

Hèèr kinek an diir hèèren,
de volef as net vééch ;
daat vel ech iech bevaisen
aus mei als èngem shtrééch.

Mai monongk an de volef,
dei haaten t vuurt sech gin,
ze déélen al shlabaitchen
als vei zwée brider din.

Se vooren t lèsht am vanter
bai Fleiber op der juecht,
se haaten naisht gefaangen,
an t gung shons haart un t nuecht.

De volef vaar fun honger
a mithéét halver beis,
Duu koum en Hieverlèner
mat ènger kaar fol keis.

Se konnten déés kéé kaafen,
vèl kéén e groshen haat :
duu huet de louse volef
dem fiische gut geshwaat,

E sollt him dach erdèngken
e metel fir de mo !
An huurtech voor de Rénert
mat sengem metel do.

Héé lèèft a léét sech nider
(et voor meng sèkster frèch)
op t shtroos als van hien dout vèèr,
shtrèkt aarm a béén evèch.

De keismann kempt a fent en,
déén huet em èng gekraacht ;
dem monongk huet de rimchen
net grailech gut geshmaacht :

An ievel blaift e laien,
sai shpillche mecht e gannz ;
duu helt de keismann èntlech
mai monongk mat dem shwannz.

«Daat get e faint puer mōulen,
esou e fonnt as raar !»
Sou soot en an duu vèrft en
de fiische, vup, op t kaar.

Vaat brauch ech nach z erzielen ?
Mai monongk maust am doch
a verft déés keis dem volef
eraaf a bis genoch.

Duu èntlech hien eraaf och,
a las op t déél fum keis :
Do haat de braafe volef
de rèsht shuns am gefreis !

Net bèsser gung et hauer
mat èngem shwain emool,
daat hung bai èngem bauer
geshluucht un èngem nool.

Mai monongk licht dem volef
duurch t fenster t shwain eraus :
Op éémool gung t gediber
an t jaizen un am haus.

Si koume mat de grééfen
a mat der visenha,
an déémool koum mai monongk
op t hoer em en a.

Zum glek, en as e shmoken,
duu mecht en dan e saaz,
a vutsht iech duurch e shlefchen,
t kweim kaum derduurch èng kaaz.

«Ma nevei», soot de volef,
«et shingt, daat gouve res !
Komt iesse, vaat nach hai as,
daat shmaacht elo geves.»

Héé verft em duer de shprengkel,
èng shangk och fun der heis !
Ech froen iech, diir hèèren,
vie geif dan do net beis ?

Hèèr kinek, kukt de volef
a kukt seng zaien un,
dei fir e faulen aapel
e volefséét iech dun !

Do shtéét seng gannz familjen,
a jeiden huet e krak :
de Shrapjann fun der Knapsheicht,
de Shtup mam laange shrak.

De Graphaans fun der Flëisdech,
de Kroop fum Lemelshaf,
de Fleifuurz och an t Golltaus
de Bas fum haarde graf.

Daat si ferflucht gesèlen,
dei huet si bis op t feis,
t gesait één, dat e jeiden
drai piert zu boz opfreis.

Draizengte Gesangk.

Sou huet et sech dem shèlem
Nach éémool gut geshekt :
De fiische lit am gannzen,
Ké viirtche get geflekt.

E kan de lije feis maan,
E mecht e fliichten dak :
Se klengken als vi t vourecht,
A gannz als vi èng klak.

Den Isegrim, déé shtéét do,
E bèist sech alt op t zèn,
A séét : Et shengt, daat leien
Fam Rénert krit kéén èn.

Diir loost iech, hèèr, najch feiren
Fam nèistert on der naas :
En hat fam gelt gelujen,
E leicht ojch néés fam haas.

Sèi shpeiigel as en lijen,
Sèi kamm an ojeh sèi rangk.
Vèl mist hie soon èng vourecht,
Da geif e shtierveskrangk.

Daat soot dir vuel, hèèr kinek -
A vien da séét et nek ? -
En as net feks am kidel,
En draift et den an dek.

Diir soot : en as e shalek,
Vie véés dan daat ojeh nek ?
Ech soon : en as e mierder,
Ech brèèchen em de rek.

Diir soot : en as e kwééshen,
En huet net fil fernoneft :
En as e komunist, hèèr,
A fun der archster zoneft.

Et gouf najch ké gehongen,
Sou shlècht vi Rénert as ;
A lost der al hie loofen :
Mèèr kemt en nek mei las.

E sol mer nek entveshen,
Ech han e mat dem kraajch :
Nu komen al seng shpiler
Op éémool on den daajch.

Hèèr kinek an diir hèèren,
Ech han de fuus ferkloot,
Ech kloen najch, hèèr kinek,
Gesin da, vaat der soot.

Fiiir bater mech ze krèngken,
Voor allt dem fuus seng frèkt :
Mè ales krit èng kiier ;
Hèèr fuus, mèin daajch as hèkt.

Ech han em t allt geshwueren,
Ech meich em èès sèi bèt :
Nu lèustert mech, hèèr kinek,
Evèl diir heiert jèt !

Di shlèchtegkéét fam Rénert
Ze shraive, geif ent boujch ;
Ech soon hai drèi dèèr saajchen,
An èng viir shuns genoujch.

Meng fra voor èès em Houfelt ;
Fa shni voor ales vèis.
De fuus souz om kanaal do
A moujch ent lajch an t èis.

Meng fra se froot : «Vaat maajcht dèr ?»
Hie soot : «Gesit, èch lajchen ;
Elo get haieraner
Mèi shwannz emool geshtajchen.

Diir vèèrt dajch dat vol vossen,
Sou fingt éé masse fesh.
T as shaat, èch mus e veinech
Duer hanen an de besh.

An t lajch et as nu fierdech,
Ech brèujch en shton or zwou :
Ech fierten, do an déérbans
Da freiert t lajch mer zou.»

Meng fra, dei voor fervonert,
A mèngt, si iis ojch fesh ;
Hie soot : «Diir kent der fingken,
Sou lang èch sin am besh.

Da shtéécht eraan de shwannz hai,
Sezt rouech shtaif a fèst,
Da bèist u jider hoor sech
E fesh an alt di bèst.»

Hie gung, Meng frèchen folecht,
Mè t voor iech grailech kaal :
De shwanz as hiir gefrueren
An t èis a fil ze baal.

Se fung éés on ze zeien
An daajcht : do klongken t fesh ;
Duu kwam de fuus geflujen
Vi t vieder èus dem besh.

A fung duu on ze jèizen :
«E volef a kéén èn !»
Duu kwam èng dosent bauren
Mat flennten duurch t gefèn.

Vaat sollt meng frèche maaichen ?
Hèèr kinek, volt der t vossen ?
Se haat fu lèuter èngsten
De shwanz am èis gelossen.

Dat sin dem fuus seng denger ;
A van et iech gefèlt,
Hai as se, velt der kuken,
Vi as meng fra entshtèlt.»

Do must de kinek laachen,
Fil aaner laachten och,
An t heiert één dernievent
Nach munche kwééshe shproch.

De kinek soot zum Rénert :
«Vi shtéét et mat der saach ?»
De fiische soot : «Hèèr kinek,
S as klaar as vi der daach.

De shwanz die shtouch am vaasser,
An t vaasser as gefruer ;
T fra jèut, an t baure koumen :
Duu vaar de shwanz ferluer.

Van sii de shwanzz vollt shtiechen
An t èis, daat gung sii un.
Souz ech dan do am vaier ?
Hun ech hiir dru gezun ?

Ech droo jo kée bromèter,
An och kée gringe frèsh,
Kéén eiveje kalèner
Och no a menger tèsh.

Mè alerhannt get t vieder
An ènger vanteshnuecht ;
Ech soot jo, t kennt vuel freiren :
Dan helt éé sech anuecht !

A gitferéé sol vessen,
Sou mènge ech dach gannz,
Oor hien sech t nues sol bozen,
Oor veitshe mat dem shwanzz.

Se as fershampeleiert.
Di fra, daat as nuu klaar ;
Dach vèten ech, am iessen,
Do déét et hiir kéén haar.

De shwanzz, et vaar e mivel,
En huet se dak jheneiert ;
An dach, en as en ivel,
Daat nemesht gèèr ferleiert.

Kée shwanzz, o fei, der doner !
Se glèicht nuu ènger géés !
An ales mus vuel laachen,
Van s op shtéét fun dem séés.

Se haat mam shwanzz fil viesen :
Den houfert vaar ze grous ;
Se huet mam shwanzz gesendecht,
Um shwanzz och kruut se t bous.

Fiir t déémüt nuun ze eiven,
Do as t geléenhéét !
T as kèng, dei an den himel
Mat shlééf a shinjong géét.

Mè kuurz, vaat velt de voléf ?
Seng frèchen as jo do.
An hun ech sii beléédecht,
Se kom dan hier a klo.

M. RODANGE.

Dem Leivèkerchen sèi Lit.

IV.

De bauer um doudesbèt a seng kaner. De vèèrt a sééjen fun der aarbecht.
Dem bauer seng aarbechte fiirum pleien a baim pleien.

T koum e bauer éés zum shtierven,
déén zu senge kaner soot :
Veinech vèèrt diir fu miir ierven,
hun ech mech och fil geploot.

Klèng as t zuel fun aise shteker,
aaver éént as dach ze lueven,
vèl an èngem fun de reker
lèit e kwasht fu gollt begrueven.

Sicht haifiir a sicht dohanen,
doeruechter, an der met !
Gruevt a vult, diir vèèrt et fanen,
a fergievens sicht diir net !

Vi de pap nu vaar begrueven,
gin seng kaner sech un t sichen.
Lèit et enen ? lèit et ueven ?
Daat vaar seier den ze richen.

Mat den hèèlen, mat pioshen
vèrfen s ales duerchenèèn,
ma se fanen net e groshen !
Neme buedem, shol a shtèèn !

An du gouven s onzefriden,
vèl hiir aarbecht vaar net liicht :
Huet en aaner se fiirshniden ?
Haat de pap se flèicht beriicht ?

Ma éé bruder soot : «Nun hu mer
vuel gedrèsh daat aidelt shtrei
duurch de leive, laange sumer,
a ferluer as al ais mei.

Nun a Gottes Namen ! seien
loos mer duer dan aise véés,
dat daat aaner jaar mer kreien
èpes dach fiir aise shwéés !

An du seien s an dei shteker :
Gouf jo daat èng fruucht derno !
An der fuur vi op de reker
shtong als vi e rit se do.

Ja, an hèt één dra geshiven
och e raat fun èngem plou :
Riicht op viir et shtoon dra bliven.
Dèngk, do vaaren t kaner frou !

A se sooten : «Jo, nuun hu mer
fonnt, vaat aise pap èis soot,
a mer hun am lèshte sumer
èis net emesos geploot.

T as èng sééchen, leive bauer,
aaver gut fiir dech erduecht :
Get der t aarbecht dak och sauer,
huel daat baishpil vuel an uecht !

Mat der aarbecht t fèllt beleien,
brenge diir lijen och an t depen.
Vels du fruucht hun, mus de pleien
an net shenen oder shtrepen.

T fèllt mus loft a vaasser drengken
an der son hiirt frentlecht liicht,
shungsdeif mus et ene blengken
haner m plou diir an t gesiicht.

Rèis erèus al shtéén a breimer !
hanrem plou dech dak gebekt !
T deshteln èus der vuerzel zei mer,
dat diir t fruucht net dran ershtekt !

Brooch erèus den deive buedem,
bai der rouer plei en an,
dat den zaarte vuerzelfuedem
mol krit a gut vuesse kan !

Ma du mus dorèus net shèfen,
dat sech daat op éémool meich :
Daat «ze nidrech» géét op t hèfen
an zum hallzbroch daat «ze heich».

Huel deng aal ferduerve shteker
deif mam plou, ma no der rai :
Det jaar daat fu veinech reker
an daat aanert jaar daat hai !

M. RODANGE.

Dei fun der Shtroos.

Miir shafen op de shtroossen,
Miir bauen t autosbun ;
Fu mueres frei bis ooves
Si miir gannz daaper drun.

Miir maache jider aarbecht,
Sou shweier vei s och as,
A van één oft alt t flèm krit,
Da get op t zèn gebas.

Sou shti miir meint a vochen
Am rauen Eifel-vannt ;
De kap brauch naisht ze dèngken,
Miir shafe mat der hannt.

Al aarbecht as èng eier,
Frun aarbecht shrèkt kéén zrek ;
Ma nemen an der fraihéét
Brengt t aarbecht fréét a glek.

Lambert SCHAUS.

(Steiningen 1941)

Drai Kueben.

Drai kuebe souzen op `èngem rais,
drai kuelshwaarz kueben, am shnei an am ais.

Dien eishte mecht t aan zou a bekt de kap :
«Drai dé op de fliichten an naisht am krap.»

Dien zwééten hieft gairech t shnievel an t luucht :
«Kèng dreche shwaart, kèng gefruere kuusht.»

An dien drete knadert héés vei èng sé :
«Ech véés èng mautsh fer vochen an dé.

Op der héét lait de vollzer groof am shnei,
Dem vollzer groof déét kéén zannt mei vei.

E lait an em gruef, gefruer vei e shtéén,
E séét net mei jo, an e vengkt net mei néén.

Sain honnt as fort, sai pèert as derduurch,
A seng fra as gefaangen dohéém an der buurch.»

Marcel REULAND.

Van ech emool grous sin.

Van ech mool grous sin, mama,
Maan ech diir t aarbecht emerzou ;
Duu kans dech dan an t fotèl sezen,
Da kaims d a kraishs d och net mei sou.
Fil gèllt gin ech diir da ferdengen,
Eng gannzech tèsh fol ooder zwou ;
Da kene mer och kuch ons baaken,
Gèldu, mam, da bas de frou ?

E sheint nait haus gin ech diir kaafen,
en haus mat èngem giertchen drun ;
Duer planzen ech diir béém a blumen
An ales, vaas de nach vels hun.
Van t son da shengt an t filercher sängen,
Déés duu dech gannz shei sondes un ;
Da gi miir zwéé am gaart shpadseiren,
Graat vei dei raich et emer dun.
Gèldu, mam, da bas de frou ?

Duu kans et och mool éémool gut hun,
Sou laang hues duu dech shons gehait ;
Deng ae si gannz rout fum kraishen,
Dain hoer get shons gro lansht t sait.
Sou blééch a gourech sin deng baaken.
Ech vest dach gier, vouun daat lait.
O Hèrgot, loos mech huurtech vuessen,
Das t mama mech mool grous gesait.
Gèldu, mama, da bas de frou ?

Ech suerje fiir dech an ech shafen,
Meng frééden al vel ech diir soon ;
Vaas duu gier hues, daat vel ech maachen,
A miist ech och zeng shtone goon.
De beise lait vèert ech ferbiden,
Das sii dech krèngken an dech ploon,
An ni an nemer vèert ech laiden,
Das sii dech op de kierfech droon.

Vèl du mus emer, emer bai miir sìn,
Bis miir zesuemen an den himel gin.
Gèldu, mam, da bas de frou ?

W. GOERGEN.

De Bauerejong.

Vei den èèchebaam fol saaft
Vuurzel an der hèèmecht shleit,
Vou e vuestem shèft a kraaft,
Das kèè vannt, kèè shtuurm e beit,
Sou de bauerejong och ze
Un der shol, der èèjner, klieft,
Dei e plout an eicht mat mei
A fiir dei e lieft a shtrief.

Faier liicht a sengem blek,
Haart fum vieder si seng fèisht,
Gannz glèichmeissech si seng shrek,
A sèin hèèrz, daat fèèrt glaat nèisht :
T aarbecht as fiir hie kèng plo,
Gèère shaft e frei vei shpeit,
T kennt* èus sengem monnt kèng klo,
Vaat en upaakt, daat gereit.

Frèi op frèiem fous hie shtèèt
An dem frèien hèèmechtslannt ;
A sèin èèjne vé hie gèèt
Keng um Hèrgot senger hannt :
Emer as e foler mut,
Vaat e velt, velt hien am fong,
Vaat e mecht, daat mecht e gut ;
T as e lezebuurjer jong !

Theodor WIES.

*) ooder kent.

Bauerelitchen.

(Aus dem foleksshtek «De Lanebauer».)

I

Fiir dat e lannt gut fuere kan,
Suercht fiir zefride bauren dran !
Vie shaaft iech melech, fléesh a brout ?
Vien heleft iech aus muncher nout ?
Vie vierkt a vudert daach an nuecht,
Um fèllt, am haus an an der gruecht ?

Refrain.

II

Vien as zuur aarbecht sho beréét,
Van t son reisht graat um himel shtéét ?
Vie kent ereisht fum fèllt erhéém,
Van t kaner babeln an den dréém ?
Vien huet och daks nach kèng rou,
Van t pèèrt am shtall brelt ooder t kou ?

Refrain.

III

Vien huet bai alem gude mut,
E kloore blek, en èrdecht blut ?
Vien huet zuur aarbecht e frouit lit ?
Vie shtéét zuur héémecht trai a braaf,
Hèlt emer heich den aale glaaf ?

Refrain.

Daat as de bauer an dem lannt,
Iech aleguert as hie bekannt.
Haalt emer heich de baureshtannt,
Vèl hien as t seil fum héémechtslannt.

H. REITER.

T Hééméchshaus.

Donide bai der Visebaach,
Do shtéét main hierzecht hééméchshaus.
Et luust mat sengem shtreien daach
Sou frentlechfrou an t vèllt eraus.

Van ooves shpeit ech shloofe gong
Als kannt, fum laange shpile mit,
Dan huet meng mam mat miir gesong
Dem Hèrgot e fromt ooveslit.

Em t hééméchshaus sin ech geshprong
A gleklech frouer kanerzait.
Daat lit as nuu sho laang ferklong,
Dei zait as vait, o vait, o vait !

Dach zit et mech nach emer zrek
Zum hééméchshaus am visegronnt.
Op ech nuu léét hun ooder glek,
Shteits hun ech do de fride fonnt.

H. REITER.

Aise Shaashtech dèmmpt.

T haiser bruken an der vaarmer son
Vei fershloofen henger an dem sannt ;
Fun dem tuer shleit t auer dreidech t shton,
An am Oner lait de sumervannt.
Aise shaashtech dèmmpt, miir baaken !

T mam dei shtéét firun der deiver mul
A fershaft den dééch mat flengken hèn.
T kuurble vaarde shon op bèngk a shtul
Op daat brout fum véés fun aiser gèn.
Aise shaashtech dèmmpt, miir baaken !

Am baakueve brènen èscht an dèèr,
T krekelt, gloust a sidert, flaamt a liicht ;
T zile gin durchhezt bis an de kèèr.
T mèncht één, t keim èng hèks op t hougeriicht.
Aise shaashtech dèmmpt, miir baaken !

Ageshos get èntlech ruecht fiir ruecht,
E baakueve fol. A kent eraus
T bèkecht dan aus hiirer shwaarzer nuecht,
Richt no freshem brout et uetert t haus.
Aise shaashtech dèmmpt, miir baaken !

Pol NOESEN.

Den Anjelus fum Millet.

Vat shtéét de bauer do om fèllt ?
Seng kaap hien an den hènèn hèlt,
De kap gebekt, de blek gesèngkt ;
Vat mèncht der, vorun hie vuel dèngkt ?--
Hie biet den Anjelus.

Seng fra, dei faalt dei flèissech hèn ;
Den Ave mecht dem daach en èn.
De sééje Gottes rift s eroof,
Dat t eije fol gin an net doof -
Si biet den Anjelus.

An t son, dei huet mat roudem gollt
De gannzen himel baal erfollt ;
Si shwieft nuun hèèmlech do am dall
A lèushtert op de klakeshall --
Si biet den Anjelus.

En dierfche lèit am hanergronnt,
An t son, dei fierft seng haiser bonnt.
Seng kiirch, dei shtrèkt den tuur an t loft,
An t andacht zit duurch t duerf vei doft-
Et biet den Anjelus.

An t klèkchen do am heijen tuur
Et vaist en al zum himel t shpuur ;
et klengkt sou hèll, sou rèng, sou shein,
Et mèngt èèn, t viiren himelstein --
Et biet den Anjelus.

De flouer lèit sou shtel, sou vèit,
Kèè lieven èè mei drop gesèit.
Kèèn hèmchen, dien de kap nach dreit,
Kèè fughel, die mei drop nach fleit --
Hie biet den Anjelus.

J. P. BRAUN.

Onst Eisslek

I

Komt kuken onst Eisslek, vei as et sou shein !
Van op ale bierjer golltblimercher blein ;
Miir hééshen iech velkem, komt seier haihin,
T natuur huet jo hai aus dem folen mool gin ;
Kukt nemen hiirt kléét un, daat fongkelnoolsnai,
Daat glenert a fongkelt fu gollt a fu sait ;
T son sèlver, dei kent sech dra shpijlen a laacht.
O Hèrgot, vei raich hues du t Eisslek gemaacht. (bis)

II

Hai fant diir èng leftchen, dei t baake rout fierft ;
Hai huet diir e folek, vou t trai sech ferierft ;
Hai shloen al hierzer mei frai an der brost ;
Am Eisslek ze lieven as viirklech èng losht ;
Mat flais a mat kraaft gin hai t hèke geshlas
Fun ènger zefridner, kèèrejèr ras ;
Kèng zwéét mat de laiden sech bèsser fershtéét.
O komt dach an t Eisslek, t as ales beréét ! (bis)

III

Huet diir dan sou gieren onst Eisslek durchshtrief,
Da get diir gevuer, vei t natuur iech erhieft ;
Èèr lider ershaalen durch bierch an durch dall,
An t Sauer helt vaidech mat fort hiire shall ;
Sii brengt dan dem Gutlannt e mat als e grous
A léét en der Musel am èn an de shous ;
Hiir shwèster sol maachen dem nooper bekannt,
Vei hèrelech as ales hai ueven am lannt. (bis)

IV

Da sangt der mat shtollz an da sangt der mat fréét,
Vei shein as dach t Eisslek am gollthèle kléét ;
Da biet der mam Lentz esou from vei e kannt,
O Hèrgot, behit dach onst leift héémechtslannt !
Fun al dééne lèner, dei sheinst fun der vèllt,
As kéént, daat vei onst ale menshe gefèlt.
Kukt nemen ons bierjer, vei ales dra laacht !
Den Hèrgot huet t Eisslek am sheinste gemaacht.

M. WORRE.

Aus dem téaatershtek «E Sumerdraam».

Lèsht zéén fum feneften akt. Om shpaicher zu
Vollz am shlas.)

De Puk kent erageshprongen.

Puk :

Lo trapt de bier rem durch de besh,
lo kalen t frèshen rem am vaier,
lo géét de fiischen op seng shlech
a mecht sain tuur em shtall a shaier.

Lo hault de volef op der héét,
lo lauden an de leshen t ongken,
an dèèrbans, shtaif fu midechkéét,
de bauer lait am bèt ze rongken.

Lo déét de kaizchen rem seng kréésh,
a lait enzwoush am duerf e krangken,
da veimert en, an t get em vééch,
an t iverkomen en t gedangken.

Lo maan sech t gééshter op am graaf
an héém an t haiser an hiir saachen,
lo doon se héémlech shrain a shaaf
an t dunen an de kumre kraachen.

A miir si monter, fresh a frou,
miir shprangen iver zongk an hèken,
mer kraachen duurch di klèngste fou
a shlaufen an di héémlechst èken.

Marcel REULAND.

Sumernometech.

Am liilarouden taimerjènchen,^{o)}
die laansht de paat um ramble' blit,
do brengen t héémelmais e shtènchen
am deive, vaide metesfrit.

E kieverlek kraicht iver t sholen
gemitlech senger aarbecht no,
an t sééjoomes¹⁾ brecht vei e shtolen
a shléeft derduurech dro em dro.

Eng paipel tuurkelt doll an drongken
evei ferblent fum hèle liicht,
de leivèk klemt an t glek fersongken
heich an den himel op, gannz riicht.

A ronderemer t grieser, t eien,
dei veie lues am vaarme vannt,
am bloen himelsmier do zeien
vais shefer ivert t sumerlannt.

o) le tym, Thymian.

1) sééchoomes

Am liilarouden taimerjènchen,
die laansht de paat, um ramble' blit,
do brengen t héémelmals e shtènchen
am deiven, deive metesfrit.

Albert ELSÉN.

De Koplabinzi.

De Koplabinzi vuunt am besh,
huet dausent shtemen, deif a fresh, -
de Koplabinzi kukt duurch t basht,
en hukt am fielz, e brukt a rasht ;
dach rifs de fum hangk,
en ergraift de klangk,
e mecht draus e shaalen,
e kan sech net haalen,
e babelt,
e shnabelt,
daat dannzt him duurch t glider,
da vèrft en sech nider ;
fum fielz eroof sho shleit en t raat,
e sengt, e grengt sho vait dei sait am paat.

Gin t lait him no mat luesem tret,
de Koplabinzi vaist sech net ;
nach kéén huet, vei s am besh do gin,
de Koplabinzi mool gesin ;
a kée véés sain haus,
an e laacht s al aus ;
en drudelt em t léen,
um klangk sech ze fréen,
e pootert,
en trootert ;
a vels du e sichen
em t ééchen, duurch t bichen,
de Koplabinzi as ferflun,
en hof zum fielzeshlas, an hien as un.

De Koplabungzi sprengt flingklangk
fu fielz zu fielz, fun hangk zu hangk ;
en as fil honert jooren aal,
en huet e baart, e shlééft e baal,
dach mecht en e saaz,
en as flengk vi t kaaz,
rift hai an dohanen,
du kans en net fanen,
e vudert, en dudert,
seng kréesh leist e klengken
vi bèl, dei do blengken ;
de Koplabungzi Viderhall,
fun dall zu dall e shteist, e sheist de shall.

Fr. BINSFELD.

Gut Nuecht !

Ech shtong am gaart meng paif ze raachen,
T voor faieroovent. Fun der gaas
Klengkt hèll de shall fum kanerlaachen,
Den daa mecht graas a blumen naas.

Fum milevier erop dausht t Sauer.
E fèllthong rift an der gevaan
Seng jong erbai, vèl op der lauer
Lait shon de fuus mat shaarfen aan.

Eng nuetsklak laut, kènt diir hiirt rufen ?
- De lievech erann ! Dei doudech eraus ! -
Nuu, kaner, hèll mat iech an t shtufen !
Fiir haut as shpill a laachen aus.

Gut nuecht, gut nuecht, diir alegueren,
Dei diir fu kraiz a léét naisht vest !
Gut nuecht ! Shlooft fèst, bis maar de mueren
Èèr mam an t son iech vaakrech kest !

J. KINTZELE.

Reimecher Shproch un t Shmoleven.

Shmoleven, shmoleven, sait der nèès do ?
T huet èè misht fèèrten, diir geift iis begèssen,
T huet èè gevoart vei één mat dem èessen.
Shmoleven, shmoleven, sait der al do ?

Shmoleven, shmoleven, t Musel as èèr !
T bèrjer an t gaassen, de Grein an t Gevènchen ;
Duefiir bezuelt der mool net e korèntchen.
Shmoleven, shmoleven, jèt naun dohèèr !

Shmoleven, shmoleven, baut naun èèr glek !
Nèshter un t dééch ener zeilen a lèen,
Feidert èèr kaner, lei'rt se sengen a fleien !
Shmoleven, shmoleven, baut naun èèr glek !

Shmoleven, shmoleven, t kermes brengt frèèt !
Teshent zwou kermessen shafe miir reshtech,
Sengt diir fu morjes bis ooves iis leshtech !
Shmoleven, shmoleven, grein get nèès t hèèt !

Shmoleven, shmoleven, reimecher gèsht !
Kent dan den hèrsht an diir musht iis beloossen,
Féélt diir iis iver al haiser a shtroossen !
Shmoleven, shmoleven, glek dan op t rèès !

Pol NOESEN.

Ooventfriden.

Kukt dohanen, fèèr am oovent,
Iver Frangkraichs hééljem buedem
Luust se néélech nach eraus ;
Hiire golden diadéém
Raich besaat mat diamanten
Zaubert honertdausent faarven, -
T blengkt vei gollt a selvergaarven !

Al ons bierjer an ons besher
Dei de shtollz fun onsem lèntchen,
Em hiir kopen, em hiir shpezen
Liicht e rout-vaïs-bloe bèntchen. -

A vei groussech golde shlaangen
Krauchen duurech viis an dèèler,
Duurech shtiet an duurech vééler
T Uelzecht, t Sauer, al dei baachen,
Dei am valzer dreinen, sangen,
A vei tuurteldauve laachen. -

An dei uuraal gééshtervaiden,
Dei se duurech t lannt beglééden,
Ziele fu fergaangnen zaiten
Vou ons aal a kanerfrééden
Sech op hiiren èsht gejupelet,
Vou se, aus de jonge ruden,
Dei se haen bis se bluden,
Fipefapen hu getupelet. -

T nuetsklak pengkt !
Op liichter flijelhannt
dreit den ooventvannt
de shall eraus,
Fun haus zu haus,
Zum duerf eraus
Op t fèllt a sengt :
T pengkt ... ! T pengkt ... !
T as faieroovent !
De bauer leist de plou
Aus senger knuurkjer hannt,
E vesht de shwéés aus dem gesiicht
A kukt èng vailchen iver t lannt,
Daat am ooventrout
Lait emgeplout
E blek sech from geint himel riicht :
«Gef ons daat dééjleht brout !»

Hot em ... Ii ... An itibo... !
An èerdech trapt de bidi las ;
E véés och gut, vou t bèsser as ...
Am shtall hènkt dei gefelte raaf
mat hé a shtrei a sos nach laaf,
En hueverdessèèr kent derzou,
Duerno èng vuelferdengte rou.

Frentlech vengken dei klèng haiser,
Lueden si op t nuetsrou ann.
Ai ! Onzielech fenstershaiven,
Dei am lèshte shtraal sech raiven,
Vei se glenren, vei se blengken,
As van èè mat faiergaarven
Hanendrun eraus geif vengken.
Rout a blo sin t haiserkaapen, -
T glek, daat shtel derener lieft,
Friden, déén deriver shwieft,
Mecht daat gannzt zou onse faarven. -
Do ! De lèshte soneshtraal
As fershwonon aus dem dall
Iverall rou
Maach t lueden zou.

Tony HURST.

Fautefielz

Vien as mat hierz a seil derbai
Fiir mat miir op de paat ze goon,
Dien uevent Boufert léét ferbai,
Fir ons ¹⁾ duurch besh op t heicht ze droon ?

T as do, vou t fielze viechter shtin,
Dei nieft der raicher eirepuert
De Miersherdall vait iversin ; -
Déén nuem elèng al mei ershpuert.

1) ooder onns.

An t seil ervècht an t hierz erfréét,
Se fleie mat op lichtem fous,
Si droon an andacht a gebiet
Dem Fautefielz e freijoorsgrous.

T natuur ferbozt graat fèllt a baam :
Se klapt die groussen tèpech aus
An neit rondem en naie saam,
Vou grenge saamèt luust eraus.

Si shtekt mat bleiendoftjer sait
Fil blumen, rout a vais a blo,
Fershpréét s an t fèllt vei duergehait
Op greng a giel a selvergro.

Al baam shtéét do vei no dem daaf,
Hiir bleie laachen an der son,
Se glenre frou am naie laaf
A liichte bleievais an t ron.

De paat lééft lengks de besh erop
Op suebelbuedem, vééchem mous,
A son a shiet dei shpilén drop, -
Déé paat fervinnt den uerchste fous.

Vei frentlech greisse béém a shtraich,
Fernaipen sech am freijoorskléét,
A vaakelter a moolbiertraish
Shtin uechterall am kréés fershpréét.

Hai ! t gukuksblum, dei aartlech pop,
Op grenger hauf de giele krannz,
Laacht houfrech an al èken op ;
Si dreint den eishte freijoorsdannz.

Kuk ! t miissercher um oushtershtraus,
Se luussen aus dem selverpèllz
Fu vaiden hiirem balkô aus
Op t shlas fum shtollze Fautefèllz !

T méereische shtéet am greng rak
Ze vaarden op hiirt shpezekléet,
Deivail t natuur der ééch e frak
Fum alersheinste greng beréet.

A biirken, bich a pepelcher
Gebozt, gekléet bis op de lèp,
Geresht a greng shnepelcher
Noom lèshte mout, mat lauter knèp.

Bst ! Laushtert mool, van t iech gelift !
Op t vuert shtéet ales vei èng fèsh, -
De gukuk «gukguk, gukuk» rift -
Hut diir haut suen an der tèsh ?

A Fengken as vuel houchzaitsfréet,
De komper Kuep vèert koshter sin, -
Eng mierel op der flüt begléet
De fengk op senger mandolin. -

Graat vou de paat baal t glecht erréecht
Do shtéet, an aaler shtèngentruecht,
Fu joore selvergro gebléecht,
De Fautefielz seng eirevuecht.

Vei majesteitèsh hien hai trout
A baal zwéehonert mééter heicht !
Vei raich sin hierz a seil belount,
An t sheinst fum sheinste kent ereisht !

De Fautefielz vengkt lengks eran
E léet sain traapegangk erop
Luet onns an t fielzeshlas eran
Muir raise monnt an aen op !

O Fautefielz, du héélecht héém !
As t hai, vou t krep fum Hèèr geshtaan !
Vaar net Sai graaf an desem shtéén,
Aus déém den Hèèr nés opershtaan !

Hai shwieft de géésht fum aale glaaf :
Ons Gotesmam mam Jéuskannt
Vunt enrem daach fu grengem laaf
An ènger hueler fielzevannt.

Si shtraalt a leift fum héeljentroun
Fun traien denger rengks emgin, -
Sou frai vei sii hiir gele kroun,
Dreit op der vèllt kèng kinigin.

Duurch t fielzefenster drengt e shtraal
Déé krengelt, rengelt em hiirt kléét,
E glenert zrek am Miersherdall, -
Den dall ervècht a freijoorsfréét.

Fum balkô aus um fielzenhaus
Kukt sii rondemer iver t lannt,
Shtréét raiche mamesééjen aus
Op al dei, dei sii unerkannt.

A sit diir mool am léét gedrekt, -
Bai mennishe fant diir kéén, net één,
Déén t veimerdall iech iverbrekt,
Hiir hierzer si baal ais baal shtéén, -

Léét èère vonnsh, èèrt ugeléén
Um Fautefielz sai shtènge rek,
Sain hierz as net vei hien, aus shtéén,
E babelt kèngem mennsh et zrek.

Froot a gefoor, a léét a fréét,
En as zu jider zait beréét,
Um shmuelen huelvé èèrt geléét
An t liicht um vé zuur seilechkéét. -

Tony HURST.

De Shmat fum Prenzebierech.

An der shmet fum Prenzebierech
Leist de shmat den unzelt sängen,
Leist mat kraaft den humer shpilen,
Dat ronderemer t fongke shprangen.

Fortgedroen iver t bierjer
Gin dem shmat seng seis gedangken
Mat dem klangk fu senger aarbecht :
Shafen, shtrieven, kèemools vangken.

Vèl de shmat fum Prenzebierech,
Leist seng seil am unzelt sängen,
Leist seng leift a kwongke flaamen
A sèn hierz am humer shprangen.

Seng gedangke fleie vaidér
Bis s a Shmate viderhaalen
A mat naiem klangk op flijel
Zrek nèès op de Prenzert shaalen.

Zielt, de shmat geséént mat kaner, -
T krit vuel muncherèè gro hoer
Van e séét : genèè an zuelen,
Nach èènt mei vei meint am joer.

T shmaten haat se al ze zilen,
Haat ze neie, veie, vieren,
Haat ze kache, brachen, drilen
An de shmat haat s al z ernieren.

Net mat knoutren, nèè, mat bieden
Gèèt hie vei en traien denger
Duurch daat haart a batert lieven,
An de shmat brèuch kèngem senger.

Paakt mat senger knuerkjer lengker
T zaang mam glidjen aiseklompen,
Shwèngkt a riechter hannt den humer,
Leist e pang ! op t aise plompen.

An am takt leist hien et klengken,
Lengks et rengken, riechts et fengken,
Lengks et dreien, riechts et beien.
Lengks et shwènken, riechts et pengken.

Da mat kènerblek betruachten,
Enersichen, èusprobeiren, -
Vesht de shwèès a shpèizt dernieven,
Fiir glèich drop nèès t hèn ze reiren.

Nèès an t faier, an am zeien
Fèngkt de balech un ze rongken,
Bleist èus opgefelte longen,
Flaamen zenglen èus de kwongken -

Hèèmlen, shmèèchlen em de klompen
A ferbrènen al seng senen,
Bis a glidechvèissem kuirper
T oodre vèis vei melech renen.

Sho pezt t zaang sech fèst an t aisen,
Hupsdech mus den humer shprangen
An am takt fum humerdannzen
Fèlt den unzelt a mat sängen :

Rang-pang-pang ! Vei t fongke shprezen,
Liichten iert s an nuecht fergoan,
Hin an hier am shtierendènzchen,
Un an èus as hiirt beshtoen.

Rang-pang-pang ! Sho bruert sech t aisen,
Shtrèkt sech, fiir sech jhust ze léen,
Dreint a kremt a beit a rengelt
Vei dem shmat sèin iverléen.

An de klompen die krit fuermen,
Vei den humer komandeiirt,
Bis e gannz an ouni fééler
Als houfaisen rèusshpadseiirt.

Fèerdech leist de shmat zefriden
T aisen an de kèssel fueren, -
Tsht ! am vaasser hèucht èng aarbecht,
Dei dem shmat seng konnsht gebueren.

Sou e shmat, dien a seng aarbecht
Hierz a seil léét matenaaner,
Jidràè ka seng aise preifen,
T rèist kèè Grün se èusenaaner.

Vèl de shmat fum Prenzebierech
Leist seng seil am unzelt sängen,
Leist seng leift a kwongke flaamen
A sèin hierz am humer shprangen. -

Zanterhiir vaar fil gesheien, -
Krich as shon erivergaangen,
Mat den zèiten, mat de jooren
As de Prenzeshmat fergaangen.

Nach gesin ech t kuele kwongken,
Dei dem shmat seng hannt gereiert,
Heiren nach de balech rongken,
Déé fu senger hannt gefeiert ;

Gesin sèi shtaarken aarem shwèngken
An den humer hupsech shprangen, -
Heiren nach den unzelt pengken, -
Frèèt a lèèt dorèuser sängen. -

Laang sho lèit sèi mide kiirper
An der roudet iert begrueven, -
T sin der nach, dei un hien dèngken,
A seng aarbecht haut nach lueven.

Tony HURST.

Shtoolvierk.

T posh lèèft op geriedert flijel,
Shet hiir golltbaach, deif am nèipen,
Duurch de shnievel fum konvèrter
A seng shtoolgepanzert trèipen.

T deier zidert, sèngkt den hener,
Shtèipt sech op seng shtoole flangken,
Riicht sech heich an ... drop en haulen ...
T gèèt dem mennsh duurch muerch a shangken.

T loft sheist èus geprèste longen,
T saust mat drok duurch glidech vaalen,
Shèèt de fosfoor an de shwievel
Dei hai èus dem golltbèt faalen.

Vei et vudert ! vei daat dudert !
Ouni fil hai z iverdraiven
Kan, mat folem drok, daat bloosen
T milen a gannz Holannt draiven !

Vei e météoor fum himel
Déé fu senger bun dernieven,
A baim opfall hai op ierden
Sech zu naiem flok vel hieven

Mat miljoune goldne shtèèren
As sèi sonevoon gelueden, ...
Iert de shtèèrendannz baim Kronion, -
Nach an hiirem golltbèt bueden ...

Fun der iert am bann gehaalen
Rapt de lupes un de kèten,
Sol de flok him net gelengen,
Mus op t manst hien t shtèère rèten

À sho sheisse faiergaarven
Eus dem rommp fum onggehaier,
T nuecht gèèt op an èngem glener
Vei e miir fu liicht a faier.

Blezrakeite gi geint himel,
Zeien duurech t nuecht hiir shtraalen,
Sheden t shtèèren èus den heichten,
Dei a golltréén niderfaalen.

T nuetsfèst as e gèlecht voner
Hai am dall fu fréedefaier,
Vou t geshpènster t faakel droen
Duurch de Buurgron iver t Shnaier ...

Vou s am shèin fun hiirer faakel
Hèèmlech iver t kopen hushen,
An den Huese Gron duurchlaafen,
Bis s am Hèèdefèltche kushen. -

T nuecht zeit hiire rido driver,
Fiir de gèèshtershput ze hiden ; -
Ueve shleift de Gaaljebierech ...
An den dall lèit deif am friden. -

Mè am rèich fun dammp a faier ...
Fiiru gèèt daat uerecht roosen,
À sho paake krèftech èèrem,
Fiir op nais èng charge ¹⁾ ze bloosen. -

Tony HURST.

1) sharsh.

Geblesmashinen.

Laangeshtrèkte shtoolkolossen,
Dei a shrauve fèstgehaalen,
Laie vei shwaarz onggehaier
An der rai an hèlen haalen.

Doudech lain s am bann ferzaubert,
Shtel a raat a kolveshtaangen
Bis der daach, vou hiire mèèshter
Leist se èus de kète shprangen.

Ouns am bonnt mat hèl an dèivel
Kan de mennsh den zauber leisen, -
Damp a gaas a shtroom sin t gèèshter,
Dei se èus dem bann erleisen.

Eènt fun desen zauberviirder
Rift de shtoolkolos an t lieven, -

T shwongkraat dreint op dausent tuuren,
T pisteng bloosen, t rieder sangen,
An den takt shloon t kolveshtaangen,
Dei am ritmus mat e shprangen.

An am ritmus mat e sangen,
Mat e knoutren, mat e bloosen,
An daat lit daat klengkt sou soner
As van èè mam mennsh geif roosen :

Leis mat dausent pèèrt mech draiven,
Mech a fèt an uelech raiven,
Dat mèi shtoolent hierz mus klapen
Fiir al aarbecht emzerapen

Miir mashine si mei velech
Gin dem patron fil mei melech

Maachen t aarbecht och mei velech
A mei seier a mei belech !

Mennshe filen sech erhueven
Op dei voner, dei mashinen,
Op dei voner, dei se lueven,
Vèl se hèèr a kniecht fervinen.

Tony HURST.

Heichueven.

(Auszich aus dem «Gaaljebierch»)

A mat hezen a mat bloosen
Kent de shtéén da baal un t gleien
A bai dausent graat un t shmélzen,
Fiir um golltbèt opzebleien.

A sho paake krèftech èèrem,
Shloen zou, de shtop ze shprèngen,
Fiir den auslaaf aus dem Golltbèt
Duurech t goslach frai ze zwèngen.

Lieven, licht a gollt fun aisen
Aus dem bann fun dongkle muechten,
Komt un t licht a briecht ons suerjen,
Brenge ons licht an dongkel nuechten !

Aus dem goslach shpruze shtèèren,
Dannze viichtelcher an zwierech,
An e golltkwèl shprudelt lieven,
T lieven aus de shtèng fum bierech.

T kuli ¹⁾ lèèft a gele baachen
An de rout erlichten haalen, -
Faiershlaangen, dei am kilen
An der ril zu gos erkaalen.

A sho paake krèftech èèrem,
Shtopen t lach, fiir nai ze shtiechen,
Hieven t aisekuch aus rilen,
Shloen zou, de gos ze briechen.

1) la coulée.

Shweier aarbecht, uerecht draiven
Hai am raich fun dampp a faier !
T aarbecht huet èng kroun am Minèt,
S as den Escher leif an daier.

T aarbecht liicht vait iver t grèzen
An der nuecht mat faierzééchen,
An den Hèrgot lueft dei afer,
Dei bis an den himel rééchen.

Poolriicht sheissen tiir geint himel,
Viechter iver shaf an zaiten,
Droon den ootem fun der aarbecht
Vei e fuendel uechter t vaiten.

Tony HURST.

Hymnus

(Aus dem Gaaljebierch.)

Van deng rout entbleiste kopen
Goldech an der mééson laachen
O meng héémecht ! kuk, dai bierech
Kan op iert en himel maachen.

Do, den agangk a Shlarafen
Liicht mat grouse, roude vonen,
Dei dem bierech zaie shtoen,
Vaat de mennsh aus him gevonon.

T shtèng, dei shwèzen nach fun zaiten,
Dei mer aus den uuchte kènen,
Vou den nuetsjéér an t karunje
Hei fum bierch den dall duurchrènen.

Elergron an aisekaulen
Vengken an hiir iiregaarden,
Vou de paat duurch Eide feiert
An nai voner iech ervaarden.

T kwèl am besh an t kwèl um bierech,
T Elerbaach sou selverkloer,
Nach am bann fum aalen zauber,
Sange vei frun honort joer.

Sangen t so fum hungerbiirchen,
Fun de viichtelcher an zwierech,
Fun dem bierechgéésht, dem fromen,
Dei nach haut am Gaaljebierech.

Vou se humre mat den dèler,
Mat e klappen, mat e vulen,
Mat e kraishen, mat e laachen,
Mat e rapen, mat e rulen.

Hèke liichten, dène greissen,
Ééchen dréémen, biirke vaachen,
Haartnool, ginnz, leiffgrabètshtrei,
Op al paat entgeint iech laachen.

As deng shtem och haart, mai bierech,
Sang miir, oui dech ze shumen,
Vèl èng héémecht oui lider,
Vier e gèèrtchen oui blumen !

An deng shtem klemt aus den deiften
Bis un t liicht fun denge kopen,
An de klangk fun dengem litchen
Kent sech a main hierz fershtopen.

Lues shtraicht mééloft iver t krounen,
Déét al blieder frou erbieven
A fu leift a fraihéét sängen, -
T eivech melodi fum lieven.

Dei ferzaubert shtroofen loossen
Aartlech traish an hèlem beien,
Mat de blumen vei am valzer
Hin an hier am takt sech veien.

Kukt, vei t zaubertein op vaalen
An de bloen himel fleien,
Vou vais voleken se lééden
An dermat duurch t vèllten zeien.

Mat e fleien seis gedangken
Iver mier a raum an zaiten,
An e vonerlannt fu soen,
Vou al vuurt en draam bedaiten.

Gaaljebierch, du gèlecht voner !
Vou miir gelen eije glanen !
Och, de géésht kan ni erfaassen,
Vei hai hierz a seil emfanen.

Onergrentlech deift gehééchnes,
Daat an dengem shous ferbuerjen,
Ges ons kraaft a losht, z erdroen
T viirklechkéét mat hiire suerjen.

Gaaljebierch, ssimbool fum lieven,
Bas den ufangk, die miir sichen,
Duu bas t èn, daat miir net fanen,
Va miir t ouni licht fersichen ! -

Tony HURST.

Lit fun den èsher Minètsdèp.

I

Mèr sin dei èsher minètsdèp,
dei nuecht an daach di vudern
deif enerm buedem vei ais pèp
a sech frum dout ni shudern.
De rèichtom èus der hèemechtiert
erèus di mèr e grueven,
si mèr och aarm a shlècht geniert,
duurch èis get hie gehueven.

II

Mèr sin dei èsher minètsdèp,
mer haale fèst zesumen,
a faalen och mool shtrèp a klèp,
fiir dei mer èis di shumen,
maar si mer dach nèès shtaaver fren
an dèèle braav t gefooren,
bis sèit u sèit èis flèicht geshwen
dem dout seng fèusht dèèt booren.

III

Mèr sin dei èsher minètsdèp,
shtin trai zou Lezebuurch ;
hu mèr ais piken an de grèp,
dan, hèèmecht, hief kèng suerch !
ais pèp hun ni de faint gefaart,
kom kèè sech un èis raiven,
vèl mèr, mèr si fun hiirer aart
a velen t eivech blaiven.

Siggy fu LEZEBUURCH.

E Gèngler géét al Daach duurch t Vèllt.

E gèngler géét al daach duurch t vèllt,
e grouse, shtaarken, daishtre mann,
a vou enzwoush sai shiet hifèlt,
do shtoussen t lait de réédel ann.

Hie kent am do, em halefnuecht,
am sonebrannt, am dekste shnei ;
hie fent al vé, et hèlt kèng vuecht
hien oof, a vier et èng armei.

Hie klapt un t paart fum kineksshlas,
a leist och t haip om vé net aus ;
hie rubelt do, vou musek as
an tret gedaam an t shtelsten haus.

Hie kènt al mennsh mat num a shtannt :
de pèter an der sidel, de kniet
an t moot, t madam an t jengste kannt,
hie kènt al dierfer an al shtiet.

T velt kée mat him ze dongen hun :
«Miir brauchen naisht fun iech am shtoot !»
«Diir vaart reisht hai, diir haalt iech drun !»
«Vien huet iech ais adrès gesoot ?»

Sou rufen s aleguer fol shrèk ;
hien èntfert net a shtuurkt gannz beis,
sii duke sech frun him an d'n èk.
A muer da lauden èngem t peis

E gèngler géét al daach duurch t vèllt.

Pol NOESEN.

Draianzwanzech.

Hinzert, Fébruaar 1944.

Em t braake facht e shtaive vannt.
Duurch muerch a shangke brecht de frasht.
De Prais huet num fir num genannt,
a frun him, mann fir mann, do shtongen :
draianzwanzech lezebuurjer jongen.

Sii fueren an der daach, die groot ;
sii sezen, knei u knei gedrekt.
De Prais voor haart. Et gouf kèng gnoot.
De vannt huet iver t brooch gesongen :
draianzwanzech lezebuurjer jongen.

T gevaan lait rouech op der boor.
An t kuebe jaizen deif am besh.
Eng shtenchen nach. Dan as et kloor.
Dan as blutrut hiirt hèèrz geshprongen :
draianzwanzech lezebuurjer jongen.

Fil rouse fierve vaarm de shnei.
Op heicht an dêlte gouf et hêll.
An t son, èng fairech vonerblei,
licht alen, dei duurch t daishtert gongen :
draianzwanzech lezebuurjer jongen.

Willelm WEIS.

De Beifchen an t Nos.

Eng greng baamnos louch op der shtroos,
De klènge Pierchen huet se fonnt.
Hien huet sech glaats kèng zèit geloos
A shtecht se huertech an de monnt.
Hien haat nach knaps an t nos gebas,
Du huet e shon t gesiicht ferzun.
En huet se rem op t shtroos geshmas :
«Dei do, dei kan en aaneren hun ».
Du mecht sèi bruder t nos dan op
A séét éégaangs zum klènge mann :
«Hai, t léék an t shuel si blous èng shtop,
De seisse kier as banen dran.
Am lieven as et t sèlvecht saach,
Och do kent t mei fer t eisht ;
Blous dien, die vudert daach fiir daach,
Get duurch de loun getreisht.»

J. P. BRAUN.

Eng Keisgeschicht.

(No ènger bekannter faabel.)

Zwou kaazen haate keis geshtuel.
E voor gut faul a veinech huel :
Ma vei s un t dèèle vollte goon,
Du konnte si sech net fershtoon.
T huet kèng dèèr aaner rècht getraut.
Du hu se leiver fiirgebaut
An hun dem aaf den opdraach gin,
Hie sollt baim dèèle riichter sin.
Den aaf, dien huet duurch t zèn gepaf.

En duecht : Du mechs dai shnetchen hai.
 E soot : Miir kreien t saach an t rai.
 Hien dèèlt de keis an helt èng vo.
 Ma t glèichgeviicht, et as net do.
 Dei halshecht hai, dei as ze liicht.
 Dei do, dei huet zefil geviicht.
 Du bèist e glèich mat sengen zèn
 E shtekchen oof fum deksten èn.
 E léét beit déélen nèès op t vo.
 Ma t glèichgeviicht as nach net do.
 Du huet den aaf sech hèll geflas
 An huet an t aanert shtek gebas.
 Et shengt, en as net gannz gediicht.
 Vèl namool as e shtek ze liicht.
 An hie bèist hai an hie bèist do :
 Fol ierjer kuken t kaazen no.
 Dei saach, dei get en dach ze bonnt.
 Se rufe vei èus èngem monnt :
 «Hèèr riichter, heiert, heiert, loost dach no !
 Miir haale gut dei déélen do.» -
 «T geriicht nach net, daat kukt noom rècht.»
 Hie vai a bèist an daat net shlècht.
 Den aaf haat ales baal am mo.
 Du leist en dan e beschen no :
 Vaat nuun de rèsht hai ubetreft,
 Sou liest der jo shon an der shreft :
 «Vie fiir dech shaft, déém gef sèi loun !
 Och riichtermei ferdingt èng kroun.»
 Dorop helt hien nuun an t gefreis
 Och nach de rèsht fum gude keis.
 An domat vooren t kaaze las.
 Si hun den ierjer alt ferbas,
 «Ma niimools», hun se sech gesoot,
 «Get èè baim dèèle mei gefroot.»

J. P. BRAUN.

De Mekejann.

Zou Houshent voor e koshter,
Déén huet kèng noute kannt ;
Si soen, et vèèr dèèr jongen
nach haut alt fil am lannt.

Am viirtshaus voor et aanesht,
Do voor em naisht ze rèng ;
En huet do kannt al glieser,
Dei grous an och dei klèng.

Mè sange konnt de Jènes,
Sou heich evei e vollt ;
An dobai as e kéémools
Um toun eroofgetrollt.

Daat vaar genuch fiir Houshent ;
A muenech aaner paar,
Do dongen s et nach drener -
Gut koshtere si raar.

Ma van hien och no nouten
naisht richteich sange konnt,
En haat dach ètlech saachen
Alt aus sech sèlver fonnt.

E vost, dat va fil nouten
An ènger rai do shtin,
Dat t vaise fun de vierder
Da riicht evèch och gin.

A van hien noute fonnt huet
Gannz deif eroof do shtoon,
Da vost en och gannz secher,
dat t shtem gannz deif mist goon.

E vost, vou an de raien
Eng heich erop do shtéét,
Dat do den toun am sangen
Gannz heich an t luucht och géét.

Et voor op kiermessondech,
Den hèèr huet t mas gedoon,
Am kouer shtongen t sènger,
T groust buch voor opgeschloon.

Et vèèr flaicht nach alt èpes
Fu senger konnsht ze soon,
Mé haimat vèèrt diir secher
Meng séeche sho fershtoon -

De koshter huet gesongen,
An t gong och gut genuch ;
T voor shuet, e shtung eveinech
ze vaiit evèch fum buch,

A vaat nach mei voor uerech,
En haat de brell fergèès,
An dobai vaar en och nach
Eng grimelchen am shwèès.

A vei en huet gesongen
geraat daat shweierst shtek,
do flit - et voor am sumer -
ganz lues erbai èng mek.

Si flit an t buch a sèzt sech -
Vèl meke sin net shai -
Op t sait vou gouf gesongen,
bai t nouten an èng rai.

Si voor esou shwaarz vei t nouten -
An t raie voore rout -
Fu fèèren déét é mèngen,
Dei mek vèèr och èng nout.

A vei de Jèn op t plaaz koum,
Vou sii sech haat gesaat,
En huet se matgesongen,
Vei hie gelies do haat.

Àn al seng vaise vooren
Gannz riichtevèch koraal,
Eng nout mei ooder maner,
Daat as do gannz égaal. -

Mè kuk hai ! Ei de Jènes
Nach haat den toun eraus,
Fèngkt t mek iech un ze kraichen
A rekt mei ueven aus.

De Jènes mèngt, en hèt sech
Fersin, an t nout dei lei
Nach mei erop. E sengt se
Fiir t zwéét - a fil mei hei !

Mè t mek dei kraicht alt fiirun,
De Jèn gesait net gut,
E léét sech vait eriver
A sengt se néés fol mut.

Mè dèèrbans voor och t mek shon
E shtek mei heich erem -
De Jèn zit fèst den ootem
An hieft mei heich nach t shtem.

Sou gung daat dengen emer
Mei heich, et voor ze dom !
An t sènger al om duksall,
Dei laache sech baal krom,

Daat mecht dem Jèn kée bokel,
En helt et nach mei graf,
Et huet de lait, maivèrech,
An t ouden aal gepaf.

De plafong huet gezidert,
T as muencheréén ervècht,
Al fenstren hu gerabelt,
E fraamensh foul an t shwècht.

A vei de Koshterjênes
Den hekste kréesh vollt dun,
Do as - hai néé, vei glungen -
Seng nout him fortgeflun.

Vat huet de Jèn fu voner
Fiir aen duu gemaacht !
Zou Houshent op der kiirmes
Gouf ni esou gelaacht !

De Jèn huet kiirmessondech
Kéé monnt mei opgedoon, -
Dei meksafèèr, dei voor em,
Pardjeft op t shtras geshloon.

En huet nach fil gesongen
A fil gedrongk, de mann ;
E lait sho laang um kiirfecht,
Um kraiz shtéét : «Mekejann.»

E kruut sai shtek net fèerdech
Gesongen, t voor ééndun -
Vèl vaat éént maner dauert,
Vaat t lait et lever hun.

H. GODEFROID.

Den Noé als Kapèlmééshter.

Vais : Der Kuckuck und der Esel.

Die hatten groszen Streit, etc.

I

Den Hèrgot soot zum Noé :
«Bau diir èng grousech kesht,
Vèl dei ferkome mennshen,
Maa miir net laang mei mesht.
Ech loossen s al ersaufen
An hiirem senekwasht.»

Fun angsht huet duu t gedeiesh
Al hééderhaart gekrasht :

REFRAIN :

(t deiereshteme gannz traurech nomaan.)

Mumuu, bèbèè !
Houhou ! bapbap !
Kike - rikii !

II

Den Hèrgot soot zum Noé :
«Daat fei, daat déét mer léét !
Da maach alt glaich dain naacher
Nach fil mei laang a bréét,
An huel och fun al deier
Eng kopel mat op t réés.»
- Fu fréét hu glaich al beishten
Gejaut bis dat se héés :

REFRAIN : (frou)

Mumuu ! bèbèè !
Houhou ! bapbap !
Kike - rikii !

III

Duu koum daat èlent vaasser,
Et gouf en aale pul.
Den Noé souz am naacher
A fei, èng hèlevul.
Hie soot : «Hèt ech èng musek
Mat op de vé alt kruut !»
Glaich hun zengdausent beishten
Gebiiirelt a getuut :

REFRAIN : (haart)

Mumuu ! bèbèè !
Houhou ! bapbap !
Kike - rikii !

IV

Den Hèèr soot nèès zum Noé :
«Daat brele mecht één daaf !»
Rum ! koumen aus dem aacher
Al beishten rausgelaaf.
Den Noé leist se lupen,
Daat fei huet aal geshtongk,
Hie géét sai pètche shlupen
An nuurelt bai dem drongk :
Mumuu ! bèbèè !
Houhou ! bapbap !
Kike - rikii !

Aloys RIES.

De Volef an de Fuus um Geriicht.

De volef soot,
De fuus hèt hie beshtuel,
An huet en duerfiir ugekloot.
De fuus guf op t geriicht befuel.
Den aaf, dé sezt als riichter.
De volef an de fuus si pengktelech do
A shnaiden iech gesiichter
Vei si gesin déén aaf elo.
Si shpile sèlver afekoot
An haale sech geshait genuch derfiir
A vele kèngem mennsh sai root.
T partaien triede fiir.
O mam, vaat krit één do ze heieren. :
«Du lijener, shpezbouf, raiber do,
«Dobausse, vaart, vèèrt ech dech leieren, -
«Gef uecht, jong, kom mer net ze no !»
T as shweier, rècht
ze shprééchen, vèl et si kèng zaien do.
A fiir en éét si s alebeit ze shlècht.
De riichter shwéést, fervekelt dom as t fro.
«Nu rouech, jonge,» rift den aaf,
«Ech kènen iech sho laang,

«Diir sit der shtroof shon oft entlaaf,
 «Mè haut, do pezen ech iech unei baang
 «Et kan é sech geves net iiren,
 «Sou daks, vei één ze paake krit,
 «Al shlèche kierel anzeshpiiren,
 «An hai as èèr ferdengkte brit :
 «Aacht dééch galei
 «An unei kasht,
 «Aacht dééch laang shlei
 «An unei rasht.
 «Nun zit,
 «Diir gaaljeshtrek,
 «Dei diir zwée sit,
 «Iech zrek.»

A. DE LA FONTAINE.

T Shtodènnten. *)

I

Miir sin t shtodènnte, kukt ons un,
 De shtuel fum lezebuurjer lannt !
 Laang joore si miir iveldrun,
 Gi miir gedrilt fu shtrènger hannt.
 Miir huke shtom op haarder bèngk
 Dei sheinsten zait fun onsem lieven,
 Bis onse géésht één daach gelèngk
 An t golde fraihéet aus déét shtrieven.

Refrain

Shtodènntenzait, vien net gesait,
 Vei shein s de bas, di miir bedauern
 Shodènntenzait, Shtodènntenzait,
 O geifs du eivech, eivech daueren !

II

Miir sin t shtodènnten, fèert ons net,
 Va miir och fil spèktaakel maan ;

*) och shtodènten.

1) Gaunz fil lait maa kèen enershèet tesht dem pèrsonaalpronoom an dem possèssiif: *Pers.* onns (nous, à nous), èis (den è as laang) iis (duebel-laangen i). *Poss.* ons, ais, eis (e kuurz) iis (i, ainfach lèngt.)

De mutvel kukt op shret an tret
Ons aleguurten aus den aan,
De «vele mann» lait ons am blut,
Vun onse pèp voor och ké bèsser,
Och sii hun t tennt daks ausgeschut,
Hiir nim an t bèngk geshnezt mam messer.

Refrain

III

Miir sin t shtodènnte, maat ons no,
Sit frou vei miir a jaamert net ;
Den iersht fum lieven as shnèl do,
Vie wéés, vaat da mat onns al get.
Geshaft mus gin, frun alem t flicht
Fiir t groussech a fiir t klèng talènnten,
Mè da get t fréét néés opgesicht,
Firvaat sos vèère miir shtodènnten. -

Refrain

IV

Miir sin t shtodènnten, réécht onns t hannt,
Miir dèngken haart a shwèze frai ;
Miir sin de shtollz an t kraaft fum lannt,
Seng secherst hofnongk nach derbai.
Fiir t héémecht shti miir daaper aan,
Si brauch sech onser net ze shumen,
Dréét hiir gefoor, miir shloo mat draan,
Vèl si a miir sin éént zesumen. -

Siggy fu LEZEBUURCH.

Dem Homéér sèi Lèèt.

Desen nometech as dem Zeus sèi rèich esou vuel vei dem
Posaidoon sèint fol rooseraï. Eus der fèèren, vou dei zwèè rèi-
cher sech fershwome bereieren, vènzele sech voleksshoof erbèi
bis un t uufer a kruebelen an der luucht duurch ernèèn iver
visech hiivelen a fielfrèèdech bierjer. Geknuurelt pinien a

fruchtshweier oliivebèem vengken a vengken de vèlen, diene viblejeen hiivelen, bevues mat vèissem shèumgeshtraich. Dei beselen a ferhèkster course erbèi, zum shtuurmugref geint daat zerrassent uufer fu Chios.

El jonge mann mat blèchem gesiicht iver de shtèngeje paat getrepelt, teshent den haarzdiftejen dène fum bosquet erduurch. Hai an do grèifen t èsht no sengem laange klèet a sichen et fèstzahaalen. Mè hien dreit sech net em. Seng ae kuken dèishter no fijhenzech. Se beuechten net t shreimzen, dei t dènenmoole rout op shangkech fangere shraiven. En èshtche kludert frèch u sengem shwaarze baart. Mè hie shengt daat och net ze shpiiren.

Sho shtèet en um rannt fum bosquet, op der heicht fum hiivel. Hie gèet net mei fiirun. Riicht shtrèkt seng gaakech geshtallt sech an t luucht. Sèi blek brènt eroof un de fous fum hiivel, dien t sallzecht vaasser belèkt an emklaatsht an emdèusht.

O diir, meng aen, haalt t liicht nach esou laang, bis dat der daat shef, daat klinzecht, daat roosabeséejelt gesit, vei et, gedroon op de sallzeje, shaimeje pèert fum Posaidoon, lues erbèi junnsht, hier zum gehiivelte shtrannt fun der hèmecht. » Al daat pespert de jongmann a glènert an tiirmt, t gesiicht fu krèmphafem vei iverzun.

«Also nach net,» gi seng gedanken, «nach kome se net erem, meng fren, dienen den Apollo sou klangfol shteme geshèngkt huet. Si sin t sènger, t aèden, dei meng dichtong Ilias a fèere shtiede fiirdroon, an och op der insel Ithaka, fiirum mèchteje, konnshtleshteje kinek Kratistos. Sou sole se èntlech t hèerzer ervèèchen a foleks- a kinekgonnshst mer ersangen. Bis elo vooren t hèerzer fu shtèen an t gonnshst onggerècht. Mat blanhèet huet vuel t Moira t prennze geshloon an dei aaner konnshtubieder, sou dat se t seil fu menge vierker net shpiiren a se feruechten. Soubaal neme riets gèet fun èngem gedicht an et doerbai hèesht, et viir a mengem, dem filferkannte poët Homéer sengem gaart gevues, da reselt ales uuzech de kap a vennsht, dat mèi shraifshtaaf eivech shtal sol haalen. Ooder, Moira, vels de mech duebel pengejen doerduurch, das de flèicht miir sèlver zum shapeje liicht fun den aen en onsehère gèesh-

tesblek gín hues. Ech bieden dech, du ievesht kraaft fum kosmos, huel mer leiver t licht fun den aen. Mè bloos daat fum gèesht un, dat et hëllera blengkt an de fong fun der dicht-konnsht.» Sou shwaat de filgehëiten dichter Homéér.

T mier, t voleken an de buedem vibelen op éémool a kiunnshen an dreine iru sengen aen. Hie prèst se zou. Hie behèit t riicht net mei. Maakech gehait e sech nider op e bemooste shtèèblok. E veinech shèuteng fum vannt biden him t geshtraich op der rêchter sèit an halef geplemt èshtercher iver dem kap. Sou brukt en do, t hèn frum gesiicht, an de kap sèitlech vider e rèue shtrongk geshtëipt. An e feiverejen, halef vaakrejen draam shlèicht frun en duer.

Hie gesèit sech, de beifchen Homéér, vei e sech frun zwanzzech joor an derno, sèi gesiicht op der mam hiire shous léét a krèisht, vèl de pap fu senge gefeierleche sérèesen emer nach net erem as. Hien erlieft erem dei faierech frèèt, dei am haus voor, vei t noriicht koum, dat dem pap sèin epos iver de krich tesht de mais an de frèshen him t gonnsht fun de kineke vèit a brèèt bruecht hèt. Diemools hun t noopere mat respèktfolem nèit a bevonerong iver seng famil gediedeht. De jongen Homéér voor duu fofzeng joor aal. Hie shpuur a sech e faier, daat vollt hien heich opflaamen dongen, fiir da vèit iver dem pap seng vierker evèch ze liichten. Vei seilech souz e shpeider daks hai op der sèlvechter plaaz, mam bèngel an de suebel ze kroozelen. Et koum em sou flessech. E shpuur sech esou vuel, sèi banenzecht viesen op t èèrt duer ze léen, an dan al keier den nai geshriivenen dèèl viirtlech ze ferhaalen. Vei du sèks meint eriver vooren, haat en t gedicht fèèrdech. Seng gannz seil haat en drageluecht. Gelieft huet en neme fiir seng Ilias. E vost se gannz èusvènech. A sou konnten s och seng fren. jitferèèn èng parti, sou dat se, van s èèn noom aaneren opgesoot hun, t gannzt epos fiirdroe konnten.

An dan die groussen daach !

Op èngem klèngen hiivel an der met fun der Agora shtongen houferech gebozt dem Homéér seng frenns-aéden. Ronderem èng vul fu fiirvezeje bekannten èus dem shtietchen an èus der emgeijent. Se vaarden drop, fiir t eishte keier èpes èus dem Homéér senger Ilias fiirgedroon ze kreien. Se pesperen

an diedeje laang duurchernèn, hai greissen der sech, do knaken der och alt pingnolen. Vie kennt do duurch t viblech vul sou rèesech shpadseiert ? Dem Homéér sèi rivaal, de laangshrekejen Antinoos. Op den Homéér, die fun ongedelejer ervaardong zidert, trepelt en duer mat hunechgesiedechem blek a klapt em hèèrzlech op t sneler. «Sief mer gegreist, du bèshte fun al menge fren. Haut vèèrt deng konnsht zu eiere komen. En afer fu shoof a fu rener fershprouch ech geshter dem Apoll, fiir t gut ge-roode fun desem daach.» Baim lèshte vuurt drekt e luussech èngem trap borshten en a zou.

Sou shwaach as t kraaft fum Homéér sengen aan, dat en dem Antinoos sèi jhèst fu flapejem shpot net gesèit. Mè deif am hèèrz filt en, dat hai shtepelech hanervènechkèèt geint e geshpon get.

Elo klengke selverech tein èus der met fun der plaaz. Glèich drop fèngkt de Phémios un, dei eisht vèrse fun der bis elo ong-gelèushterter dichtong Ilias ze sangen. Eng zèit laang sengt a ferzielt a babelt e fiirun. Du gèèt op èèmools e gegromels a gelaachs a gejëiz duurch t vul fun de laiden. De sènger hèlt shtal. Dem Homéér kacht t blut. Den hanervènejen Antinoos klemt erop an t met fun der plaaz. «Diir lait fu Chios,» fèngkt en un. »Èèrt ongezillte behuele mengem frennt Homéér geint-eniver gehait mech ersierklech. Van et him och net gerooden as, èpes heijes a senger konnsht ze shaafen, da sit em dach veinechstens dangkbar fiir t mei, dei e sech get. T as nuun èèmool net jiderèngem gin, gesèng vei dien hai ron ze brengen. Lèushtert emool :»

Ales lèushtert evei op getleche gesangk. Den Antinoos laiert èpes plates ouni gemit eroof. A geshwen klapen s an t hèn, dat èèn et vèit iver t plaaz heiert dèushen. Den Antinoos, riicht evei e poul, shrekt duurch t shmèèchlerech massen doeremer. An t jong méédercher kuken em mat hèèmlecher hofnong no. Op der sèit bai der mauer shtèèt de filgehèiten Homéér. Hie bujheiert net. Hie shwèzt net. Et as, vei van e sandaalerim em t guurjel geif zouprèssen. Seng ae brènen. Hien helt dei geftech bleker net anuecht, dei fun ale sèiten op e shtiechen. Dun dreint dien aarme fershtoussene sech èènzok em a rènt fort fun der plaaz. A sengem hèèrz aaver shwiirt en :

Diem shlemste fun al menge fainde sèzen ech e monumènt a mengem naien epos, der Odyssée. Dei pèrssoun dran, dei der deifster feruechtong viirdech as, sol de ferfluchten num Antinoos droon.»

Daat ales huet de filgehèiten Homéer vei am feiver gedreèmt. Du kraacht en aasht am geshtraich. Den dichter ervecht. Op en duur kennt sèin oprichteje frennt Démodokos. «Sief gegreist, Démodokos ! A vat nais ?» Drop soot den oprichteje frennt Démodokos : «T nooricnt as gut an och shlécht. Mè loos dech net erèeshen.» - «Shwèz dach !» - «Den haner vèshen Antinoos huet der erem èng geshtücht !» «O die fallshen, dien onfershiimten, dien neishtert ! Fun diem sengem paapejen, zokerseisse gediessesems konnt ech kèès èpes aanesht ervaarden.» «Al deng noopere shmozlèchelen hèmlech frou driiver, dat deng frennts-aéden, dei op vèite rèesen deng dich-tong zu eiere sollte brengen, e fershtopte bonnt mam Antinoos hun.» - «O shaan fun de shaanen !» - E fesher fu Samos voor t eineshter am shtietchen. Hien erzielt an ènger begèeshterong fum Antinoos a senge sènger. Dèi rivaal as op Samos vei en hèrgot entloos gin. Fu kinék a folek kruut en dei houferechst geshèngker, dei èèn neme siche gèèt. Sandaale mat gelene bloken, glenerech mat éédelshtèng garneiirt chitooenen, a lannzen a shwèërter a shelder, daier geresht, gouven onknekech an t shef him gelueden. Ma die «guden» huet t halshecht derfu mat senge beglèèder gedèèlt. Elo as e vaider om tuur iver t shpijelecht mier, fiir a vèit fershprèète lèner sech nach mei dèèr lolberblieder ze pleken.» - Du mèin ènzajen oprichteje frennt Démodokos ! Hèt dech dei krèngkt dach net zrekgehaal, fiir des lèsht rèès mat menge sènger matzemaan a se dan ener-véès zou mei heijer begèeshterong unzefaieren ! Ooder viiren dach meng ae gesonnt geviesht, fiir dat ech se sèlver hèt kene beglèèden. Vèl ech ferlaangeren no der friemt, duurch dei ech fru joore mat mengem pap an aaneren hèère gezu sin, iver t sallzecht vaasser evèch zou frieme lèner a laiden. Enervé fonnt ech diemools e folek, daat vaart op e got, dien no filen honert jooren eroof a sèi lannt sol komen, fiir hai enen frèivelech al shmèèrz op sech ze lueden, die jiemools mennshen erduecht an erliden. Doerduurech sol die got sèi folek fu lèèt a fu

shaaft erleisen, an hanen um èn och nach zou dout gepengecht gi fum sèlvechte folek, fiir daat e geliden huet. Am deifste shmèèrz rift e ferzwaifelt sengem getleje pap zum Olymp erop : «Wuurfiir hues de mech ferloos ?»

«Mèi gefil fu ferloossenhéét as desen aménnt net maner ersierklech vei diem frieme got sèint. Duurch de gedanken un hien hun ech daks an dèishtere shtone gesicht mech ze treishten. Ma da shtung al keier fru mer meng aarem shtierflechkèèt. An ech soot mer : «Jo, sou e got huet gut al misèèr an esuguer den dout drèi dééchlaang z erdroon. Dreit dach sèi blek bis an t eivech zèiten eran. Sou geneist e sèin zoukenftejen triummf, dien en duurch seng almuecht sech zou jider zèit kan erzau-beren, shon elo baim haudeje lèèt, a shpiirt daat lèsht nemen halef.» - «Haal op a sief net esou mozech geint t geter. Vèl dei sin al gut, an t Moira apsenns as gerècht. Net séèlen dreint a keiert s et esou, dat t feruechtong fu gannze felker sech shten-terlech zur onfershtènehster ubiederai emdreint.»

Shtom blaift den Homéér mat zerrassener seil am feivrejen dèngke fersongken. Tèsselech gèèt en e puer shrek fiirun. De shtuurm huet sech fritlech am liicht gevèlte, berouechteàmh shtuurm huet sech geluecht. Den himel laacht blo. T fielsecht uufer shpijelt sech fritlech am liicht gevèlte, berouechte mier. An t oovesrout hèlt seng rout tangeren iver t fèèren a shprèèt rousefaarf op bèem an hiivelen a bierjer.

«Mè so,» fèngkt den Homéér no ènger vèl un. «Vei hèsht dan dem Antinoos sèint eeshtlecht viirk, iver daat s esou en dèush maan.» «Lèushter, esou gèèt et un : «Getin, ferziel onns fum groussen Achill sengem frèeshlechen èifer.»

Drop shprengt den Homéér an ènger glous op a jèizt : «Vei e blez fiirt et elo duurch meng seil. Daat as jo den ufangk fu menger Ilias. Mat menge lolberen huet dien nèishtert sech op senge rèese geresht.»

Alebeit frenn kuken op èemool fervonert op t mier. De lèèft jo e shef mat roosaem sééjel un t lannt un. Dei zwei fren shreken, dabere, rène riicht dohiner.

Eus dem shef klamen dem Homéér seng sènger erèus, un der shpezt de Phémios mat fershteiarter min. Hie gehait sech op de buedem fiirun den Homéér : «Sief gregeist, du greiste fun

ale poëten ! Den Zeus as gerècht. T eier as fiir dech. Ferzai onns, de shlèchte shtraider fiir deng dichtkonnst, Golltgaier huet onns gelakelt. Beshtach fun dengem rivaal gouve miir iverall op de faarten deng gesèng fiir dem Antinoos seng èus. Seng songe mer enert dengem num. Sou as t lècherlechkèet op dech an t uechtong op hie gefall. Mè emsos voor onse gaier, vèl ales, voumat mer beshtach gi vooren, muste mer am shtuurm iver bort gehaien, fiir onst aarent lieven ze rèten. Dengem faint sei shef, shweier beluede mat gollt a selver a vafen a shtoft, gouf desèlvechten amènt mat dem Antinoos a senge beglèeder fun de gurmangzeje vèlen an t deifte geviirjelt. Daat geshouch om vé op Ithaka. Geshwen derno koume mer op der insel un a songen dèin epos enert dengem num frum konnsthfrèedeje kinek Kratistos a fru sengem folek. An elo iverbrenge mer seng greis a seng glekvennsh. Klam an onst shef. Du fens et opgeshtubelte fol mat geshèngker, dei de rèiche kinek Kratistos fun Ithaka der matshekt als merci fiir dèin èeshlech vonerbaart epos.»

«Aa, die knashtejen Antinoos !» rift dun de gleklechen dichter. E bekt sech. E shraift mam bèngel, dien t mier un t lant gedriven huet, e puur viirder op de suebel. «Daat as e vers,» sou soot en, «dien ech a mèin nait epos erafleken. Liest :

«Sou solen s al energoon, dei sou èng shpicht sech lèeshten !»

H. MULLER.

T So fun der Melusina ¹⁾

Kèerch voor frun dausent joer èng klèng uertshaaft am lezebuerjer lant. Do haat de groof Siegfried, ²⁾ - duerch sain unhèer Wigerich, ³⁾ e shpresslek fum grouse frangkekééser Charel - e shlas. Hie voor e grouse jèer a koum éen daach op der juecht an dei geijent, vou haut t shtaat Lezebuurch shtéet. Do huet e jo obéemool e vonerbaare gesangk geheiert. Vei en no rèchts an no lengks gekukt, gesouch en op ènger heijer

1) Melusina

1) Stüchfrüt

3) Viijerich

fielz - haut héésht se de Bok (Bock) - èng vonershei geshtallt sezen, e jongkt fraamennsh, vei hien nach ni èngem begeint voor. An èngem aifer klemt en t fielzen op, fiir daat himelskannt fu mei no ze kuken, oover vei en èntlech ueven ukoum, voor daat lievecht mèèrche fershwonon.

Den aaneren daach voor de groof Siegfried erem op der mool. Lues, gannz lues as en néés t fielz opgekloven, vei en den zaubergesangk geheiert huet. Shons voor en esou no, dat en t goldent diadéem an den hoer fun der prenzèssin - vèl se voor secher èng - liichten a bleze gesin ; shons vollt en t èèrm no hier ausshtreken, fiir se u sech ze raissen, hai entshwieft se him duerch t loft a fershwent an der deift a meten an de grenge vaaen fun dem klènge flos, Uelzecht genannt, dei sech do duerch den dall zeit.

Dem groof seng fervonerongk voor grouis.

Den dreten daach koum en alt néés ze shpeit, oover dem Siegfried voor et net entgaang, dat dei miirgrem aen fun dem èngelsviesen, dat him et fiir eivech ugedun, sech nemen ongèèr fun him lasgeras. Kéén zwaivel, seng leift voor op geijeleift geshtous.

Fun dèèr shton un haat de groof Siegfried kèng rou mei. Daach an nuecht huet e missen un daat sheint mèétchen dèngken. Aacht dééch laang huet hien et net eremgesin ; den nengten daach oover souz et néés do op senger fielz an huet mat èngem kamm aus puerem gollt sech daat laangt geldent hoer gekèmt, iverdéem et deiftraurech sain zauberlit gesongen huet.

Vei va flileken, dei ké mensheblek gesi konnt, him obéémool un t feis gevues vieren, sou shtoung de groof am amènnnt frun der friemer geshtallt, dei hie mat dausent kèten ugezun. An, o voner ! Dei keier as se net mei fershwonon, dei keier huet se him glekseilechfrou entgeint gevengkt a geruf : «Siegfried, Siegfried, firvaat shteiers du meng rou ? Kèns du t Melusina net ? Sèlver onglechlech, brengen ech onglek jitferèngem, dé seng hannt no miir ausshtrekt. Siegfried, Siegfried, nach as et zait fiir zrekzeshtoen !»

«Ni shtin ech zrek, niimools !» soot de jongen hèllt, «kom an hief kèng angsht, a mengem shlas geshit onns naisht. Eénzok huelen ech dech mat a main héém. Vaat ech hun, geheiert

diir, du sols t mééshtershaaft iver ales hun, vèl fun deser shton un bas de miir esou gut vei fershprach als braut.»

Dofuner vollt t Melusina fiirteisht naisht vessen. Entelech oover voor se dach beréét, mam groof Siegfried hochzait ze faieren, ma nemen enert dèèr bedeng, dat si ni gezwonge geif, t dall fun der Uelzecht ze ferloossen ; dat filmei de groof Siegfried hiir e shlas baue sollt op dèèr fielz, vou se sech bis elo emer opgehaal.

Do voor gude root daier ; de groof Siegfried huet vuel e klèngt shlas zou Kèèrch, oover kèng keip gollt a selver fiir e shtolzen, naie bau opzefeiern op ènger heicht, vou nach t iver-rèst shtoungen fun èngem mèchtege kastèl, vaat dei aal Reimer opperiicht haaten, daat oover zuer zait fun der felker-vanderongk zershteiert voor gin.

A senger ferzwaivelongk goung de groof Siegfried esou vait, dat en den daivel sèlver an der gééshtershton em helef ugeruf huet. Déén huet net laang op sech vaarde geloost. Vei fun ènger riisenhannt gouf t èèrt opperas, flaame sin an t luucht geshloen a meten aus hinen de saataan x) sèlver erausgetrat.

«Ech véés, vaat der féélt !» soot hien zum groof, «hai, enershraif dest shreftshtek ! Ech bauen diir e shlas um bokfielz, ech fershaafen diir raichtom, muecht, oover no dressech joer, daach fiir daach, shton fiir shton, sol deng seil mer geheieren !»

Mat sengem blut huet de groof de ferdraach enershriven. Am nèksten ablek voor de saataan dermat an de flaame fun der enervèllt fershwonen an nach laang huet sai graislecht laachen dem Siegfried an den ouere geklongen.

Vei de groof dén aaneren daach néés an t uelzechtdall koum, gesouch hien shons fu fèèr heich um bokfielz dei shpaz tiir fun ènger mèchtejer buerch an t luucht shtiechen ; ké mennsh voor vait a bréét. Dei grous agangspaart voor zou, oover de shlesse! shtouch op der diir. Fol fréét huet de groof Siegfried opgeshpaart an t shlas fiir sech a besez gehol. Bis op t spez fum heksten tuer as e geklomen an huet vait rèchts

x) Satan

a lengks iver t gannz geijent gesin, dei hien ééznok dem Maxi-meinerabt fun Treier geint sai besez zu Féélen, net vait fu Kèèrch, oofkaaft huet.

Aacht dééch duerno gouf t hochzait fum Siegfried a fun der Melusina mat ongehaierer pracht gefaiert. No an no hu sech em t shlas alerlé menshen ugesiidelte an esou as èng klèng shtaat entshtaan, dei «Lucilinburhuc» genannt gouf, daat héésht : «Klèng buerch.»

De Siegfried an t Melusina voore matenéé gannz gleklech an zefriden a kruuten èng gannz rai kaner, éénte mei shein vei daat aanert. Daat konnt de saataan net ferkwessen an ener alerlé geshtaltten voor en drop aus, t Melusina dem Siegfried oofvénech ze maan. Vei en do naisht erréécht, huet en et em-gekeiert mam Siegfried fersicht.

Op iirjent èngem vé voor en nèèmlech dohanert komm, dat de Siegfried frum der hochzait der Melusina heich an hèlech fershpriehen haat missen, dat si t rècht hêt, sech samshdes an hiirem gemaach anzeshpèèren an dat hien ni dierft no-fuurshen, vaat si do maache geif.

Laang jooren haat de Siegfried sèi fershpriche gehaal ; du huet de saataan hie jo obéémool op t idi bruecht, t Melusina geif him al samshdes ontrai. An ènger rooserai as de groof op den tuur lasgeshtiermt, an déém t Melusina sech samshdes opgehaal. Vèl hiert gemaach zougeshpaart voor, huet de groof héémlech zum shlessellach agekukt A vaat gesouch en ? T gannz zemer shtoung fol vaasser an t Melusina huet sech dra gebuet, oover net als richteje mennsh, mè als niks, op leze-buurjeh «Vaasserfrèchen», daat héésht, si voor halef mennsh, an halef fesh, hiire sheine kierper as no enen ausgelaaf an e graissleche feshshwannz.

Sou voor de groof vuel hanert t gehèèchnes fu senger fra komm, oover et huet em ké guts gedun. Fu shrèk voor sèi sheint brongt hoer shneivais gin, en huet e kréesh gedun, en aanere kréesh, nach fil mei shrèklech, huet him geèntfert. «Siegfried, Siegfried, vaat hues de gemaat !» huet èng shtem geveimert, du gouf et en donershlaach, vei van den iertbuedem zideren a bieue geif, a vei de groof an ènger ferzwaifelongk t diir opshprèngt, du voor ké vaasser mei do a mat him voor och

t Melusina fershwonen. An der met fum gemaach oover voor en deiven, deive shacht, a vei de groof gelaushtert, huet en enen t vaalen fun der Uelzecht daushe geheiert, e grengelzeje liich-teshain louch iver dem vaasser an deiftraurech huet de viderhal de vaasserfrècher hiir uuraalt lit eropbruecht. Du voust de groof, dat t Melusina fiir eivech fer hie ferluer viir.

Munehmool oover, va ké mount a kèng shtëèren um himel shtoungen, voor et dem Siegfried, vei van èpes vaisses em t buerch shwieve geif ; munehmool huet en esouguur gemèngt, èng vais geshtaltt geif sech ivert t vei fu sengem jengste kannat beken. Da voor et him, vei van hien drop lasshtierze sollt, fiir se fèstzemaal, oover van hien t èèrm ausgeshtrekt, voor ales fershwonen an nemen en traurecht veimeren koum him entgeint.

Du voor dem groof seng fréét um lieven dohin ;vuel huet en seng hausmuecht nach mei vi èng keier gleklech fergreissert, vuel hu seng kaner him emer mei fréét gemaat, oover va si no hiirer mam gefroot, dan huet hien sech ferzwaivelt an t hoor gegraf a konnt e kèng èntfert gin. T kniecht an t méét oover hun de kaner ferzielt, hiir mam vèèr één daach shpuurloos fershwonen an ni eremkomm ; mei vouste se viirklech och net, nemen éé voust t gannz vourecht, daat voor de groof, an nach één, déém oover de monnt geshpaart voor, nèèmlech dem Siegfried sain hauskaploon, déém hie seng grous sen gebaicht haat.

Lues a lues voore baal di dressech joor erivergaang ; op de root fum shlasgééshtlechen haat de groof duurch dausent gut vierker sech mei gin, dei ferlueren himelsgnoot eremzegevanen a gesicht, duurch de bau fun ènger kapèl zu eiere fum hèleche Michaèl, net vai fu sengem shlas, sech t helef fum mèchtechen èèrzèngel ze secheren, fiir dei shton, vou de saataan kome geif, fiir seng seil ze fuerderen, dei hien him frun dressech joor duurch ferdraach faijerlech a shrefftlech fershpach haat.

Entlech voor de lèshten daach do. Al daaper a mèchtech reter fum gannze lannt haat de groof em sech versamelt ; hie sèlver souz an èngem panzer fu gollt op der eiereplaaaz a sengem vaiden a shtollze retersall. Daat fainst an daat bèsht, vaat e mennsh sech dèngke kan, gouf do opgedesht ; an den heije kèlechgliesser hun dei daierst vainer fun der Musel a fum Rhein

gefengkelt. Zwéé berüümt sènger, e jongen mat krauselhoor, an en aalen, mat laangem vaise baart, hun dem groof seng hëldendoote besongen an dobai t haarf an t ziter geshloon. Deif am sall an heich um bierch huet ales gelaushtert. Du huet één zwiefel dommp shlei durch t shlas geheiert. T gééshtershton voor do. Onbevééchlech souz a sengem heijen ééchefootèl de groof. Mat beiden hèn huet hien sai mèchtecht shwiert esou fru sech gehaal, dat éé geglééft, en hèt e kraiz an der hannt. Kéé blek huet en derfun oofgeschloon, kèng ooder um laif huet e gereiert, e billt fu shtéén, esou souz en do.

Obéémool fung et un, em t buurch ze doneren an ze blezen, rout flaamen sin hin an hier geshloon, de shtuurm huet dei heich blaie fenstere fum sall vait opgeras, de vannt huet al faier durch de sall gejhauft. Doudeblééch sin t reter opgeshprongen - du shtong frum groof èng ivermenschlech grous geshtallt an èng shtem huet durch de sall geshaalt, dat jiterèngem fu shrèk t hierz am laif shtoe blouf. «Groof Siegfried», soot èng fierchterlech shtem, deng zait as em ! Dressech joor hues de t lievensfrééden al bis op de saaz ausgedrongk, nu folech miir, vei et am pakt geshrive shtéét, die mat dengem blut enerzééchent as !»

Vei fershtèngert huet ales op de groof gekukt ; dé souz nach emer do, rouech a blééch, an huet kéé vuurt geëntfert. Du shtrèkt mat rauem laachen de saataan t hannt no him aus a vollt e paaken a mat sech fortzeien - ze shpeit, zwéé gebrachen aan hun him entgeintgeshtuurkt, t seil voor aus dem kuirper entflun, oover nach am dout hun dem groof seng aiskaal hèn de gref fu sengem shwiert vei e geldent kraiz dem saataan entgeintgehaal

Mat èngem fluch as de beise géésht zrekgefuur ; a shons shtoung frun him èng aaner geshtallt, mei grous a mei mèchtech, mam zééche fum draiééneje Got op der brosh, daat vei èng son geblezt. E vengk, du as dem daivel t pèrgamènt aus der hannt gefall a mat èngem saaz voor en zuer fenster aus an t daishter nuecht. Mat senger lanzeshpezt aaver huet den èèrz-èngel Michaël - vèl als déén haaten aleguurt hien erkannt - t shreftshtek um buedem opgeshpeist an iver t flaame fum hèèrt

gehaal, dat et ééznok faier gefaang a bis op de lèshte bushtaaf ferbrannt as.

Am sèlvechte momènt voor hie sèlver fershwonon, al kèerzen hun nèès gebrannt, dei heich fenstere si fumsèlven zougaang, t flaame fum hèert hun heich an de kamain geliicht, a jiffrèngem voor et, vi van e blous gedréémèt hèt. A sengem heije shtul oover souz de groof Siegfried, e seilecht lèchelen em de mon a voor - dout.

Fun dèèr zait un ershengt t Melusina al siive joor op der-sèlvechter fielz, vou de Siegfried se ferteisht gesin. Si shaft zenterhier un hiirem laichenhiem a mecht al siive joor e shtech drun, één ééznegen. Dobai sengt se emer daat sèlvecht lit, emer an emer jaamert se, dat dach éé komen a se erleise sol. Vien daat oover fersiche velt, dien duurf net fèèrten, vèl die mus hiir sèlver, dei a geshtaltt fun ènger shlaang mat fairejen aan ershengt, e klènge geldene shlessel aus dem mon zeien.

Sho munech hun der Melusina hiirt traurecht lit geheiert, sho munech vollten si erlesen, oover am lèshte momènt huet hinen de mut fersoot, ooder si vooren net pengktelech vi de praiseshen zaldoot, dien a garnisoun zu Lezebuurch louch. Van oover der Melusina hiirt laichenhiem fèèrdech get, ouni dat si erleist, da fersengkt si fiir emer an der deift, an di mèchtech fielz, op dèèr t shtaat Lezebuurch opgebaut as, trelt zesumen an dèkt hiirt graaft zou als ongehaire laicheshtéén.

Daat as t so fum Siegfried a fun der Melusina.

Siggy fu LEZEBUURCH.

(Aus Lezebuurch fir emer.)

De Sthierches-Géésht

(Eng Lezebuurjer Folekssso)

Doniden am Uelzechtdall, vou haut t Klausener Brauerai de gude beier mecht, louch fru laanger zait den Deieregaart, (nach haut esou genannt) an do shtong och t Mansfelder shlas. Fun al déém raichtom an der sheinhéét gesait één haut naisht meí. Mèchtech heich fielzen troune rondem den dèlchen, vou t Uelzecht héémlech derduerchdausht. Zou de beide saite fum vaasser laien iverall shei blumen- a gemeisgèèrt. T haiser, dei

no baim vaasser shtin, shpijele sech dran. Vou freier de Mansfelder Deieregaart louch, sin haut iverall proper haisercher, an déénen zefriden aarbechtslait vunen. Se kemere sech net em dei grujhelech so, dei fum aale shlas an der emgeijent ferzielt get.

Et kenen elo èpes mei vei zwééhonert joer sin, du huet am «Tisenhaus» a Klausen den aale Felten, e klènge bauer, gevunnt. En haat èng grous familjen an huet geshaft, das t shwaart em gekraacht, fiir mat den zwéé èner zesumen ze komen. Seng éen-zech helef vaar sai kniecht, den Tun. T Tysenhaus louch bai ènger grousser vis mat èngem èpelbongert. Am sumer, van oovens t beishte gefidert vaaren, souz dem Felten seng familjen op der vis an der uucht. T nuechtegailercher hun hiirt méésht an hiirt bèsht gesongen, iverdéém de Felten seng geshichten a séchercher zum bèshte gouf. An dei grous an dei klèng hun sou andèchtech nogelaushtert, et hèt één èng maus heieren iver de buedem laafen.

Op sou èngem sumeroovent souz nun t gannz familjen em de Felten an huet em nogelaushtert. Och den Tun souz derbai, fiir ze rashten. Frenntlech huet iverdééms e rone folmount iver daat aalt gemaier fum Mansfeldersshlas an den dall gelaacht. An den aale Felten huet ugefaang : «Kaner, haut as erem sou en héémlechen oovent, vou de mount t viichtelcher aus hiiren daishtere kautshe lakelt. Komt miir gin den helze bierch aus, da kene se sech hai op der vis ameseieren an danzen. Vèl ké mennsh daarf s erbleken. Sos ergéét et him an hinen net gut. «Du hues rècht,» soot dei aal Feltens, «van nemen de Shtierches-Géésht dei klèng dèbercher a rou leist. Aaver den hanerlestejen, nidertrèchteje kèrel kan t viichtelcher esou veinech a rou loossen vei t lait.»

Kaum haat t mam de géésht ernimt, du gouven t kaner onrouech an hu sech ferfaarte bai de pap gedrekt. Den Tun huet och de fiirvez geshtepelt an e froot de mééshter, vaat et fiir èng bevènes hèt mat dem géésht. Och dei aaner hun dem aale Felten gefleift, hie sollt t geshicht fum Shtierches-Géésht zum bèshte gin. Dé konnt kèngem mennsh èpes oofshloen, an nodéém en seng paif, èng Rheinesch Bitchen an der tèsh haat, fong en un : «Diir vest flaicht aleguer, das de groof Peter Mansfeld zu liefzaiten mat al sengem krichsfolek geint t hééden no

Jerusalem gezun as, fiir matzhelefen dem Hèrgot sai graaf fraimaachen. T Tiirken, dei net fil konnshte mat de kreshte gemaacht hun, haaten de groof gefaangen, an t vèèr em shlècht ergaangen, van net èng shtéiraich hédeprenzèssin sech senger ugehol hèt. Vèl t Tiirken hiir daat ivel gehol, vollt si net mei an hiirem lannt blaiven an huet metel a vée gesicht, fiir dat de groof Mansfeld èntkome sollt, voubai se hie begléét huet. A Klausen haat t grèèfin Mansfed daach an nuecht gebiet, das hiire mann erem gesonnt a monter op héém kome sollt. Hiert gebiet gouf erheiert, é freie muerjen as de groof Mansfeld néés a Klausen ageriden. Dei shei friem prenzèssin mat filen zaldooten voore bai em. A gollt a karfongkelshtèng dei onmas haate se. T grèèfin Mansfeld vaar ausser sech fu fréét, vei se en erem gesin huet an t fèster konte kéén èn kreien, a se huet t prenzèssin vei èng shwèster gehaalen, aus dangk, vèl si dem groof t lieve gerèt haat.

Sou fil as secher, das de groof Peter Mansfeld laange joeren zefriden am shlas gelieft huet.

Ener de laiden, dei de groof aus dem héédelannt mat hiir a Klause bruecht haat, vaar och en tiirkeshen zauberer, en éé-kelechen, klènge gebokelechte kèèrel. Him vaar et ze ferdangken, das de groof mat der prenzèssin héémlech fortkomm vaar. An en haat sech den dengsht net ze knaps bezuele geloos. De groof huet en aus erkèntlechkéét haihéém zu sengem fervalter gemaacht. Duerbai haat en och t opsiicht iver de gannze raichtom am shlas. Aaver ondangk as der vèllt loun ! De klènge gebokelechten huet dem groof sèi fertrauen shlècht belount. Vou e shtielen a raave konnt, huet en et gemaacht. A geshwen haat hien e gude koup zesume geraaft, dien en derenesht am shlaskèler fershtopt huet. Vei de groof bis derhanert kouw, huet en die propere gesèl bai vaasser a brout an de prisong a-geshpaart. Do hèt e gut zait gehaat, fer iver seng naishnozechkééten nozedèngken. Mè die gaaljeshtrek huet daat net gemaach. En huet filmei daach an nuecht driver nogeduecht, vei en de groof em den èk kennt brengen. An nach eishter, vei e sech et erdréém haat, kouw t gelééhéét. Op dem groof sengem gebuurtsdaach kruut en t kèten oofgehol a konnt néés frai doruechter goen. Geshwen drop, et vaar e sheine sumer-

oovent, vei den haien, do gung de groof mat senger fra a mat der prenzessin am Deieregaart shpadseieren. De mount huet esou shaussech gelaacht, t nuechtegailercher hu sech net gin mat sangen, an t gehaanskwengkelcher sin trèpvais dorueter geflun.

Gemitlech haaten dei drai sech haner der deker lan op de vues gesaat an hu matenaaner geshproocht. Du kent jo miir naisht diir naisht den zauberer mat èngem laange mèsser an der hannt haner ènger hèk erausgeshprongen, fer dem groof et an t brosst ze shtoussen. Dien haat ievol t gedaish an der hèk heieren. E shprengt op, raist dem naishnoz t mèsser aus der hannt, an iir en sech emsin, kruut den Tiirk èng ener de ken gekraacht, das et em frun den aen gehimeliicht huet. Op dei kréesh fun de fraen koumen t denger erbaigeshtiermt, an ablaks gouf den zauberer an e groust faas geshtach a mat shtèng zougedèkt. An do vou t Uelzecht am deifste vaar, hun s en dragepucht. En as net mei eropkomm. Daat vaar t èn fum tiirkeshen hèksemééshter.

Joerhonerte sin zenter déém oovent fergaangen. De groof, t grèèfin an t prenzessin si geshtuerven a gouven an dem familjegraaf am shlas baigesaat. Do vou den Deieregaart an t shlas shtoungen, sin haut neme mei aal maueren. Ma nach bis zu deser shton huet den Tiirk kèng rou. Vei daks as hien vèl nuets bai lait, dei nach geshaft hun komm, fiir se mat fershpriechen ze fergaachelen. Ech sèlver hun et vuel nach net gesin, aaver mai pap seilech, Got treisht en an der eivechkéét, die konnt e litche fun him sangen. En huet e mei vei éémool gesin op sengem faas t Uelzecht erop geshwome komen. Elai, riichtiver ener der shwaarzer vait, Geveinlech, van de shmuellaans kichemééshter bai mengem pap vaar, koum en. An daat vaar daks. Vèl en haat e beshweierte shtoot. De géésht huet mai pap emer ugeshprach, e solt en dach fum faas eroofhelefen. E geif en dan an de kèler fum aale shlas feieren, do kennt en sech karfongkelshtèng a gollt huelen, soufil en es breicht. Mè mai pap vaar e fershtèneche mann an och mat veinejem zefriden. En huet dem blimeler net nogelaushtert. Hie vost och a shlèchten zaiten ze hausen a sai shtoot ze feieren. Kreshtkatoulesh vei e vaar, vost en, das kée géésht a kéen hèksemééshter

him èpes donge kennt. «Hm,» huet den Tun du den aale Felten enerbrach, «lo véés ech oover nach emer net, fervaat se den tiirkeshen héksemééshter de Shtierches-Géésht nenen.» «Daat sols de och gevuer gin. Èént noom aaner. T lait hai am dall nenen en net aaneshter vei de Shtierches-Géésht. Daat kent dohier, vèl en emer bai der Shtierefielz, haner der Mensterkiirch, gesi get a sech och do eremdraift.

Daat vaar t so, dei den aale Felten dien oovent zum bèshte gouf. A mei vei èngem fun dééne dei nogelaushtert, huet t angsht èng hengerhaut de rek crop gejoot. T vaar baal kéé mei esou keng fiir den ootem richteck ze zeien. Al souzen se do vei ferhèkst ouni e vuert ze shwèzen, vi de Felten sho laang fiirdech vaar mat ferzielen.

Vei t kierchenauer fun Domenikaaner zeng shleit, du huet t mam sech drageluecht a gesoot, t viir baal zait fiir shloofen ze goen. Och de Felten huet sech gehueven an ivèr dem goen dem Tun zougeruf : «An de juk och mat diir, vèl t get maar freibiiren. Draï kouerten hollz si fum Bèrjer eroofzefeieren. Eén daach géét knaps duer. Duefiir den helzebiirch aus.»

«Van et net aaneshter as !» huet den Tun fiir sech gromelt, gelount èng gut nuecht an as op t shtèl zougaaugen. Oover dei kléng gééshtergeshicht fum mééshter gung em am kap rondem. Dé koup géllt an dei karfongkelshtèng hun em kèng rou geloos. En huet sech hin an hier gerult am bêt a konnt kéé shloof fanen. Van daat vouer vèèr, vaat den aale Felten ferzielt huet ? Van den Tiirk him zu raichtom a glek ferhelefe geng ? Vaat hèt sèng fraiesh, t Batzen Trin èng gèlecht, van hie shtéiraich héém keim. Da kennt hat t madam shpilen an t hèt et sai lieve laang gut. Nondikas ! Da kreich hien èng kopel uessen an en hènsght an de shtall vei kèng am gannzen dall opzedraive vèèren. En hèrebauer geif en vei s an de bicher an an de kalènere beshrive sin.

Iver dééne gedangken as en zu guder lèsht dach entommpt. Am draam haat hie shon de raichtom an hèn a gesouch sech mat sengem Trinche beshtuet. Daat greist a sheinst bauerenhaus am gannzen duerf vaar saint. Seng kei a seng pèèrt vaaren de shtuel fu vai a bréét. Sain Trinchen vaar gekléét vei èng prenzèssin. An hie sèlver haat èng richteck miershaumspaif

am mon, duergeint vaar dem conseiller seng Choquins-sabel en drèk. Vat e glek ! Vat èng fréét ! En huet sech baal net mei gefilt.

Opéemool shprengt e maten am shloof op. Haat net emesht e baim num geruf ? E laushtert, a sain hierz klapt ongeshtim. Naisht mei ze heieren. E mus sech geiert hun. A vuer sin al daat blengkech gollt an dei fairech karfongkelshtèng hikomm, dei hien elo graat nach am shraim haat ? Naisht evei shteps a liichteshain louch op dem dill. Do vaar daat toopecht gedrééms dru shollt. Hie vaar a blouf nach emer den Tun, dem aale Felten sai kniecht, vei fiirdrun. A vèl et shon esou aussergeveinlech hèll vaar huet e sech éenzok gehueven, a verft de pèert hiert fuder an t raaft. Dan helt en den éemer, fer huerrech vaasser aus der Uelzecht ze shèfen, fiir t eieren ze drèngken. Mè en haat nach den hierzel net zegutstert op, du gesouch en, das de mount nach heich am himel shtong. «Dèstobèsser,» duecht e bai sech, «bis ech t pèert gebijelt a geschrijelt hun, as ievel sou lues t zait do.»

An èerdech gong en duerch t vis op t Uelzecht las. Ma laushter ! Daat kan dach baal net gut sin ! Zou Domenikaaner shleit graat t auer. En zielt shlaach fiir shlaach. Zwielef ! Also ereisht halefnuecht ! T gééshtershton !..... An t shudrenge sin em de rek eropgelaaf. E vollt sech erem héemlech mat dem éemer fol vaasser an de shtall maachen, du gesouch en en aidelt faas t Uelzecht eroofgeschwome komen. «Daat hels de der ievel nach mat,» duecht den Tun. «Vie véés viem saint daat as. De mééshter kan daat nach emer brauchen.» A flek rapt en en aasht fun der nèkster vait, fir domaten t faas eriver ze zeien. Mè e vaar nach net zergutstert un t faas komm, du as hie sèlver mat aler gevallt op t vaasser hi gezu gin. Ouni sech laang ze besanen huet en den aasht fuere geloos a vollt huertech héem laafen. Du heiirt en aus dem faas èng huel shtem blèeren :

Ech rufen dech ! Main eierevuert,

Ech maan dech raich vei kéén am duerf.

Fil gollt a selver sols de hun,

Kom hier, ech kènen dech, den Tun,

Kom hier, a fèert mech net am grengsten,

Ech shtin alzait zu dengen dengshten !

Vei den Tun daat litchen geheiert huet kukt en hane-reks. A vaat gesouch en ? Um faas souz e klènge gebokelechte mènchen, an èngem giele kléét, mat sheine shtiiren drage-shtekt. E laange baart hung em bis op de rim eroof, an an der rëchter hannt haat en èng laang tiirkesh paif, aus dèer e fun zait zu zait en deke shtrap dammp gezun huet. Mat der lengker hannt huet e sech zefriden a gemitlech de baart geshtreilt.

«Vie bas de ? Vaat vels de fu miir ?» fréét den Tun. «Ech sin de Shtierches-Géésht. Fru laange jooren vaar ech dem groof Peter fu Mansfeld sai shazmééshter. Ech véés t plaaz, vou sai gannze raichtom fergruève lait. Sief net dom ! Ech mènchen et gut mat diir. Folech mer op t vuert, a maar bas du de raichste mann aus der gannzer emgeijent.»

«Vaat sol ech da maachen ? Shwèz !» soot den Tun an ènger gèlecht.

«Laushter. Gef mer mool fiir t eisht èng hannt, das ech aus dem vaasser eriver kome kan. Néén ! kom leiver hier bai mech op t faas sezen da vaisen ech der dei plaaz, vou s de al die raichtom fane kans. Mè de monnt mus de haalen, a kènger lievejer seil e shtievesvuurt derfu soen. An ech sèlver sin der eivech enerdengech. Ferziels de oover èpes dofun vaas de haut erliefs, dan as et fiir dech geshit. Bas de domat afershtaanen ?»

«Daat vele mer glééven,» séét den Tun, «aaver du mus mer fershpriehen, das mai seilenhéél net drener lait.»

«Gef dach net toopech, t as net dermei vèert fiir fun esou èpes ze shwèzen. Van s de mer aaver traus, dan zei e puer shtrèp aus menger paif, da gesais de, op ech et gut ooder shlècht mat der mènchen,» huet de gebokelechten um faas nidetrèchtech geëntfert. E vaar iver dem geshpreich gannz no un t vis geshwome komm an e réecht dem Tun, die sech un en aale vaideshtak ugepaakt, t paif eriver. Vei dien an der oprééjong graat mat der hannt derno graife velt, du gesouch en opéemool, das den Tiirk amplaaz néél, laang shpezech kloen haat. An de shtil fun der paif as hin an hier gaangen an huet sech gerengelt evei èng shlaang.

Duu ereisht gesouch den Tun, das en et mat der daivel sëlver ze dun haat. An e lééft esou seier vei seng béén en droe konnten op t haus las. Bai der shtalldier dreit e sech nach éémool em fiir ze kuken. Aaver de mènche mam faas vaar fum értbuedem fershwonon. Ma heich iver dem gemaier fum aale Mansfelder Shlas, op der zakejer fielz, gesouch en e klènge mann mat ènger laanger paif am mon dek shtrèp dammp an t luucht bloosen.

Vei t muerjesklak gepengkt huet, shtong den Tun mam ruksaak um bokel prèt do. Kéé mééshter a kéén Trin hèten en nach zrekgehaalen. An iverem goen huet en dem Felten ales ferzielt, vaat hien an der nuecht erlieft. Fun diem daach un huet ké mennsh mei èpes fun em heieren.

An ereisht um shtierfbèt huet de Felten senge lait dem Tun sain erlifnes mam Shtierches-Géésht ferzielt.

Friny GILSON.

Téaater.

Aus dem Folksshtek «Fir Kraiz a Glaaf.»

(5 Akten)

Akt I, optret 1-3 : Am Eisslek 1797, frum ausbroch fum Klepelkrich. T franseish jhandarme sin hanert dem pashtouer fu Kreindel hier, èngem ongeschwuerenen, déé sech baim bauer Maates Bormann fershtopt huet. Eng aal bauereshtuf. Rèchts shtéét e laangen ééchene familjendesh mat ènger bèngk hanelaansht an e puer shtil firdrun. No derbai èng kastoutenauer. Lengks e kolonenueven. Dernievent èng aalmoudesh footèl. Am fong èng fenster, dei op de gaart vaist. Zimlech no baim ueven den taakeshaaf. Iver der diir lengks, dei an t kiche feiert, e kraizerfeks mat ènger ferdierter pèlemshtaus derhaner. Eng aaner diir am fong feiert an de gaart.

I. OPTRET.

Den aale bauer Maates (70 joer) ; de Frènz (sai kanntskannt, 10 joer) . Hie shtéét am fong bai der fenster a kukt nodèngklech an den himel. Sai grouspap sezt gemitlech baim ueven an der footèl. En hanteiert un èngem bierkebiesem a shapt un èngem hééleshtil.

Frènz : Soot, pèter, van ooyens den himel do iver dem «Gerbrannte Bierch» esou bludech rouf as, get dan nach krich am uurt ?

Maates : Vei kens de nemen doerop ?

Fr. : Geshter oovent, vei t son och esou fairrout energoung, du soot de Jéépes Pierchen : «Kuk, Frènze, daat bedait nach krich a roof a brannt.»

M. : Daat mus de net glééven. De Pierchen vollt dech neme briichten.

Fr. : En huet et aaver esou fèst gesoot, graat evei van et him mei vi deken èèsht viir.

M. : Och vat ! De Pierchen huet emer esou apaarten idien. A van et emool esou shro sollt gin, da lait daat net un der son doueven. Ma éénzech an elèng un de menshen.

Fr. : Ma pèter, fiir vaat velen t lait sech dan elo net mei an déém Frangkraich sheken ? Der huet ons nach t lèsht ferzielt, beis mèner hèten do sho fil gut lait doutgemaat.

M. : Ma jo ! (zeit den ootem shweier) An evèl sin t Fransousen och hèer a mééshter hai am lannt.

Fr. : Miir kenen ons oover nach vieren, gèldiir, pèter ? A va se zefil frèch gin, dan huele mer t flennt fum shpaicher a maachen derbai.

M. : Lues, lues, kannt ! T mus één èpes z erdroen an oofzehuele vessen. Neme va s ons zou èpes zwange velen, daat aiser Hèrgot ferbueden huet, da gaar hiirer !

Fr. : Ai, pèter, vaat geif daat èng gèlech, va mer richteich ping-pang maache kennten !

M. : Gief Got, kannt, dat miir dei shton net erlieven !

Fr. : Vuefiir sin dan dei friem hier an t lannt komm ? T haat jo kéén se geruf.

M. : Daat vuel.

Fr. :Ma pèter, da shwèzt mam pap a mat dééenen aaner mèner aus dem duerf ! An da gehaie mer se néés viif aus dem lannt eraus.

M. :Lauschter, Frènze, t dauert net mei laang, da komen t Eis-traicher néés erem, an dan Vaider dèèrf ech der nach naisht soen.

Fr. : (traimidech) An da, pèter, jo gèldiir, da brauch onsen hèer pashtouer sech och net mei ze fershtopen. Da lauden t klaken néés zou haaf. Dan as erem al sondech mas a fèsper an aiser kiirech, an da kan ech néés am roude frak frum èlter sezen (t diir am fong get raksdech opgeshtous.)

2. OPTRET.

Dei fiirech. De pashtouer fu Kreindel, als bauer ferkléét, kent ausser ootem eragerannt.

Pashtouer : Eim Maates, seier, seier, se sin erem haneru mer.
Dei Klierfer !

Maates : Du leiver Got ! Komt, hèèr pashtouer, huurtech hai erooft an de kèler ! (En hieft èng falldiir op, de pashtouer klemt oof.)

Fr. : O pèter, vaat maache mer elo ?

M. : Frènze, seier breng mer e saak aus der kichen ! (De Frènze lééft aus.) Des keier salen s aaver hanert t liicht gefeiert gin, an daat èlen !

Fr. ; (brenge de saak) Hait, pèter, as en.

M. : (léét de saak iver t falldiir ; se rekelen den desh driver.)
Do, lo kene se komen. (Se si knaps fèèrdech, da komen zwei franseish jhandaarmen an t zemer geshtiirmt.)

3. OPTRET.

Dei fiirech. E brigardjé ; e jhandaarm.

Brigardjé : Am num fun der franseisher républik ! Bierjer Bormann, vou as en ?

Maates : (shtèlt sech den domen) Vat as las, diir hèèren ?
Kent éen iech no ? Hai vèèrt dach kéén iech èpes din. Daat geseich ech emool gèèren ! (en helt sai bèngel a velt bis bai t diir shapen.)

Br. : Shtèlt iech net esou, eimchen ! Miir vese sho, vou mer mat iech shwaibaueren dru sin. Vou as de paaf ? Eraus mat em !

Jhandaarm : Vuer hut der e fershtopt ? Maacht kèng fisema-tènnten, sacré tonnerre !

M. : (ziderech) Diir hèèren

Jh. : Dajé, get et da baal !

Br. : Kernô d'un chien ! hues de elo veles, fiirun ze maan ?

M. : Em himels velen, hai as dach t zèèrenhaus net. Do sit der iirgaang !

Jh. : (shprengt an ènger rooserai op de Maates duer a paakt e bai der brost) : Bauer, du mechs de gèk mat èis ! De paaf as haibanen !

- M. : O Got am himel ! Loost mech las, loost mech mat rou !
- Br. : (helt e mam hallz - ferbassen) Aha, baiirchen ! Evèl gèet der de vap ! Kuk, ech dreien der den hallz em, kanaaljen !
- M. : Mèi Got a mèin hèèr ! Frènzi, vais dach déénen hèèren t pashtoueshhaus !
- Br. : Genuch dèèr kaneraien, aale buger ! ¹⁾ Miir vaaren èèrem knashteje paaf op de fèèsht. An der lèshter minut as en hai-erober gelaaf. An e mus haibane sin. Van der èis en net gut-velech erausgit, dan huele miir ons e sèlver shons mam shla-vekel.
- Fr. : Loost mèi pèter goen, diir veisht lait ! En huet iech jo nach naisht zuléét gedoen. Van em èpes geshit, da gaar ²⁾ èèrer !
- Br. : Krapert, haal t gaber !
- Fr. : Hai am lannt si miir mééshter, a sos kéén.
- Jh. : Kuk, kuk déén tokskap ! Ferbèl der de monnt net, jengel-chen !
- Br. : Den aalen evei duer geshpaut ! Bershtchen, ech mèngen, du hès èpes am shna, van s d och schon e gesiicht mechs vei t hèlech onshollt. Aléhop, bauer, géét et da baal fiirun ! Diir huet elo laang genuch de shpunes mat ons gemaat. Vou huet sech de paaf fershtopt ?
- M. : Dir hèèren, ech feieren iech duurch t gannzt haus, fun' ene bis ueven, da kent der iech sèlver iverzéejen.
- Br. : Um ieveshte shpaicher fèngke mer un. Bauer, git fiir ! (zum jhandaarm) Turbot, shtiech mam séével an al èk. Dout ooder lievech, de paaf musse mer kreien. (Hien zeit t pistoul eraus.)
- M. : Vei dei hèère velen. Ferèkskeseiert ! (E géét zuur sait aus.)
- Jh. : Hèèr brigardjé !
- Br. : Ja ?
- Jh. : Hèèr brigardjé, va mer elo kèng domhéét maachen ! Den aale géét esou gutveles mat, daat as mer ferdèchtech. Ech fèèrten, de paaf rènt shons doueven an den hèn. A va miir t gannzt haus op t kop gehait hun, dan as hie shon zu Vaicherdang !

1) bougre.

2) gare.

Br. : Och vat ! Duu vels emer ales bèsser vessen vei enaaner.
Kom nemen a loos mech gevèerden. (Di zweif gin dem Maates
no ; se si knaps fort, da shprengt de Frènze bai t falldiir an
zit s op ; e bekt sech a rift lues an de kèler eroof.)

Fr. : Hèer pashtouer, komt seier ! komt seier !

Pashtouer : (klemt aus dem kèler erop : Duu gude jong !

Frènze : Seier, seier, hèer pashtouer, laaft doene laansht de
pèsh an dan ivert t héét !

Pashtouer : Aiser Hèrgot sol der et lounen ! (E séént de Frènze
a fershwent.)

Frènze : En as fort ! Vat e glek ! (Et heiert éen hosslech tret
an der shpaichertraap ; de Frènze fiirt zesumen, mecht t
falldiir erem seier zou, léét de saak drop a shtètt den desh
op seng aal plaaz.) Haha ! Dei Peiteréefallten ! Elo kene
se roosen a futere bis jengsterdaach.

V. NEUENS.

Erenerong un den C. M. Spoo.

Et voor am joer 1911 firun de Pèishten. T aisebun sollt
ons no Klierf brengen. Vèl dei feiert an dei dret klas iverfelt
vooren, blouf dem shafner nèisht aaneshter ivrech, vei ons an
èng zwèèt ze gehaien. Daat voor ons gepaf. Vèl esou ènger
eier rènt èèn net al daach an t grèp. - Nodém miir ons ruksèk
oofgeluecht an nodéém miir ènger dèmche ongevollt op t feis
getrat haaten, rèisse miir t fenstere fum coupé op, a vei et sech
fiir lemelcher, evei miir diemools vooren, gepast, hu miir uge-
faangen, de lait ze vengken an ze rufen. Op dèemool huet èèn
am coupé vaider kèè mei geheiert vei onns.

Vei mer Walfer errèecht haaten a vei t harmoonika shons
muenech litche fu sech heiere geloos, klapt èèn onns op t sheler
a séét : «Van ech net shteieren, da geif ech déénen hèèren e-
mool èpes fiirliesen.» Dobèi zeit hien e bichelchen èus der tèsht
erèus a foug un :

«Et voor esou em t Peishten
T shtung ales an der blei,
An t filercher di songen

Hiir lider shpeit a frei.
Duu ¹⁾ rift de leif, de kinék,
Al deier op e fèst
An t koumen al seng bèst.»

Miir haate Kèutebaach sho laang passeiert, den einchen haat sech mat sengem fiirliesen nach emer net gin. E vost onns files, files fum Rodange a senger familjen z erzielen a vei miir onns zu Klierf fun him getrènt hun, hu miir him missen fèst an hèlech fershpriehen, onns dem Rodange sèin epos an der drekerai Shaarel Praum ze fershaafen. Fun déém daach un voor de Réénert fiir onns esou onentbierlech evei de breveier fiir de pashtouer.

Vèl t ferbrèdong fum Rodange sengem laang ferkannte mèeshtervierk zum groussen dèèl dem patrioot Spoo ze verdangken as, duefiir sief him, am num fun alen hèèmechskaner, eivech gedangkt.

Léo BERCHEM.

De Braaneshtéén.

Bis et iessenszait voor, huet den aalen hèèr fu Braaneshtéén seng gèsht am shlas doremer gefeiert an hinen ales gëvisen, vaat e shpaas maache konnt. Do voor firteisht de grouse retersall, nach zimlech gut erhaal. An der met fun dèèr ènger sait gesouch èn èng onggehaier shminé, ¹⁾ dei fun èngem eishte kenshtler aus dem shtéén erausgehae voor. An dé fershidenen èken fum sall shtongen nach gannz retermonturen aus shtool an aisen ; se hu fun den Hunechhèèren, fum hèèr fu Braaneshtéén hiirgeshtaamt. Aus den heije gooteshe fenstern gesouch éé shtonevait ; an der deift as e klèngt vaasser duurch shmuel visendèèler em de bierch eremgelaaf, op déém t shlèsche shtong. A vaider fèèrnt si rèchts a lengks aaner kopen bis an den himel geklomen ; e puer buurchruinen hun do fun aalen zaiten ferzielt.

Maner grous, oover geshichtlech mei interèssannt voor jidefalls den hunechhèèresall, vou één t galeri fun de braaneshtééner hèère bevonere konnt. Do hongen a grouse, fer-

1) ooder du

1) cheminée

gulte rumen èng mas biler. Mat de kraizzich huet t geshicht fu Braaneshtéén ugefaang. Den eishten hèèr fu Braaneshtéén voor mam Gottfried fu Bouillon an t hèlecht lannt gezun, a sengerlieven huet kéé mei èpes fun him geheiert. Mam ener-gangk fum retertum hu sech dei Braaneshtééner hèèren als jeneréél ooder diplomaaten am shtaatsdengsht erfiirgedun. Daat lèsht billt, vaat do hong, voor daat fum aalen hèèr fu Braaneshtéén sengem sonn. Hien huet sech net shlècht nievent der laanger rai fu sengen uenen ausgeholl ; et voor kéén drener, dé net dei fuursh shtiir an dei iirsht kuk fun der Braa-neshtééner ras opzevaisen gehaat hèt.

Teshent de mènerportrèen hongen och dei fun hiire fraen ; dei méésht haate sech a grousser tualèt moole geloost, an et voor kurieis, t èntveklung fun de fraemouden aus èngem joer-honert an t aanert ze gesin. Dei Braaneshtééner damen voore mééshtes seier houfrech an hu jidefals rècht gut zou hiiren dichteje maanslait gepast.

Aus dem sall huet e laange gangk, dé gannz mat grousse bloe shtènge platen beluecht voor, an t shlaskapèl gefouert, dei vuel klèng voor, oover seier raich ausgesin huet. Eng shmuel traap huet haner èngem èlter aus marber a granit an t kripta gefeiert, vou an ènger rai fu shtènge lueden dei freier ééjentemer fun der buurch hiire lèshte shloof gehaal hun. Op éénzelve sèrch voor t billt fum fershtuevenen a lievesgreist ausgehaen ; aleguurt haaten t hèn op der brosh gefaalt an hu gebiet. Eézel figure vooren op grousse shtènge platen an t mauer ageloost.

T gèsht fum hèèr fu Braaneshtéén hu sech net laang bai den doudeche gesaumt ; si voore frou, vei se duurch en héemelechen eneriirdeshe gangk, dé mat kèèrzen erlicht gouf, an déén déél fum shlas gefeiert gouden, vou t nievegebaier loughen. Un honert hunen an henger a pelercher sin alèèrt do-remmer gelaaft, gènsen an innten gesouch één e puer dosen op èngem basseng shwamen, enerdaihen a pudelen. An de shtèl shtongen dei krèftech aarbechsgail nievent ènger kopel rasse-pèert. Shei pèert vooren emer èng passioun fun den hèère fu Braaneshtéén geviesht. Den hiert haat t kei op t véét ge-

driven, de grouse shtall voor aidel, mè do voor plaaz dran fiir e puer dose beishten.

No de shwaishtèl koum t sheiferecht an de géesseshtall un t rai, dei alebeit mat jongen an aalen deiercher gut besaat vooren.

E lèshte blek nach an dei grous shaier, vou t foudraash bis enert den daach getèsselt a gekaast louch, èng kuerz hallt frum grouse shap, vourener t mashinen enerbruecht vooren, an t gannz gesèlshaft as mat laachen a shpaassen an t shlas hanesht shpadseiert. Aleguert hun t rènglechkéet an t uerdnongk am bedrif bevonert. Do huet ales geblengt a geglenert, et voor net daat geringst auszesèzen. Et gesouch ée vuel, dat den hèèr fu Braaneshtéén an t madam fum shlas sech pèrsseinlech em ales bekemert hun, an dat hinen naisht entgong.

Vei t gèsht néés aleguert an dèèr grousser haal fun der buurch baienéé vooren, soot den aalen hèèr fu Braaneshtéén : «Elo haat ech op en hoer baal daat sheinst fergies : t shlasbiblioteik.»

Domat huet en am fong èng grous batangsdiiir opgeshtous a mat siichtlecher fréét seng gèsht agelueden, fiir en amènt de grouse sall, vou hie sech mééshtens opgehaal, sech unzeukuken.

Do shtongen a laange raien op ééche gefècher honerte fu bicher, aleguert prèchtech a shoofsbleis agebonen. Do loughen an e puer vonerbaar geshnezte bichershief gannz keip fun aale pèrgamèntten,¹⁾ alerlé shreften an akten, fun déénen dei méésht mat der geshicht fum shlas ze dun haaten : Et voor t familjenarchiif, daat den hèèr fu Braaneshtéén, e grontgshaiten a faingebilte mann, mat grousem fershtèntnes a filer suerch zesomebruecht a shtènech beraichert huet.

Iverdèém t gèsht dei éénzel saache gemustert a bevonert hun, foug dei grous klak un, duerch t gannzt haus ze dudern. T metechiesse voor fèèrdech.

Siggy fu LEZEBUURCH.

1) ooder pèrgamènten.

Eus der aaler Zèit.

Vei al dei nai haiser op der Vanselershtroos nik vaaren, kèngt shlóôchthèus, ¹⁾ t Naidéérfechen nik ferbaut, vei t lèkt nach ôô t gèèster geglèèft, dei zèit vaar et em de kierfecht nik gannz gehaier. Vèèn nik apsolut must do passeiren, hôôt sech oovens shein zrekgehaalen. Mei vei èèn hôôt do gèèster gesin, veinechstens sou gemèngt, dei èntvéder gebéét, gesongen oder op der mauer gekneit souzen.

Op der zimoosmillen gouf dèèmool nach èus koren brout-méél gemôôlen, daat t birjer fa Voilz sééstervais om bokel dôôr gedroen. - Van dei gèèshtergeschichten och nik sou vich-tech, se ferdingen dach als aal erenerung opgehoven ze gin.

T vaar an ènger novèbernôôcht, de vannt hoot gehault a gebloosen, enert der Heicht hôôn t aile gejëut an de mount hôôt blazech draagekukt. Shtachdèishter ales vei èusgeshtorven. Fôôn der milen, t Vanselershtroos erop kéént èng nach zimlech jung fra. Hire mann as en ètlech vochen nik vei e sol sen, do must sii gééren ooder nik dè shweiere gangk maachen, sos vaar dèn aneren daach kèngt brout am hèus. Alerhannt geschichten, dei hire groupsap ferzéélt, haat t fra sech erenert, vei si t kierfichtsmauer am liechtshèin gesèit. Doudecher, junger an aaler, bekannter an fréémer hôôt si gemèngt ze gesin. Vei fôôm blez getraf fiirt si op èèmool zesôômen, fôôm Vellzer kierchturm shleit zwéélef auer. Shaurich vidergelen dei tein. Dach daat vaar nik ales vôôfir t fra erfeiert. Si koum graat bai der kierfichtsdier, vei fôôn èngem eneren zwang gedriven, hôôt si mussen aakuken. Dozweshen déén eishte grèèver kéént èng shwôôrz geshtallt op t dier zou. T fra dèet e krèèsh, lèèft e pôôr shrek a fèlt vei dout neier. De gèèst bemeit sech em sèin afer, hèlt vôôcht bis t fra zou sech as a séét a gebrachene véérder : «Madam, berouecht èèch, kukt dier kènt mech dach ech dun èèch nèisht ze lèèt» - «Dier vost, mengt èènzech kannt, daat ech iver al moosse gééren hat, as mier fir feierzing dé geshtorven.» «Ech hôôn

1) dð laangen, o'enen o; op aanere plaazen huet èen durfir ue ooder u. Hal èus tipograafeshe gren ersaat duurch ôô.

et nik mei dohèem èusgehaalen, t hèèrz hōôt mier geblukt, ech hōô missen op sengt graaf an do bééden, opshon ech sèlver gefōört.» - «O vaat vaar ech ershrèkt !» Vègder brōôcht dei aner nèisht erèus. Si sen zesōômen durch de Grousebéerich op Vollz geshrekt, sech gudenōôcht gevéénsht, an hirt hèem opgesicht. Dèèn aneren daach get gesoot, héént as «Kaspars Mari» ôôn èngem hèèrzshlaach geshtorven. Vei hire krangke mann morjes t aan opdèèt, vaar seng fra èng lèich. Kèè méénsh over vost de vaare gronnt. Èng klèng zèit derno shtéérft och de pap an zwèè ôôrem vèèsekaner musten an t shpidool. Dach nik. Et haat sech èng fra foont, dei se bai sech gehoolt, dei gouf hinen èng zwèèt gut mam. Et gouf fil driver geshwaat, van t meimerchen t kèp zesōôme geshtrèkt. Eng dei sooten : «Vaat gèèt dei ôôn, t as emool gōôr kèng familjen.» Dei aner, t as èngt gut véérk, si sèlver hōô kèng kaner, a genouch ze lééven. T haapsaach vaar, dei drèi se gut zesōômen èuskomen, an t kaner sen zou ordentliche méénshen eropgevōôs. - Lang jooren doorno, t fra haat en heien alter errèecht, koum si zum shtéerven. Zwei jungen, dei alebeit èng klèng shtaatsplaaaz sech ferdíngt, shtungen mat e pōôr noopeshfraen em t shtéervesbèt. Nach èemool hèèft dei krangk de kap a séét : «Frannz a Jhos, mengt fermeijen hōôn ech èich fershripen, blaift ordentlech méénshen. Ech vaar et, dei èèr mam an den dout gedriven,» si ferzéélt de gannzen héér-gangk fōôn dém onhèèlfolen oovent. «Ech vollt nik shtéerven, ouni èèch t vouricht gesoot ze hōn. Ferzait mer, ech koont sèlver nik derfir. Vaat ech fershelt, hōôn ech dèèlvais ôôfgedroen, fir de rèst beissen ech an der eivechkèèt.» Hir lèst véerder, eier si t aan fir emer geshlos, vaaren : «Kaner, glèèft ni a gèèster !»

Hary **KREMER**, Vollz.

Eus der Kanerzèit.

Vè sol sii, di shei kanerzèit, vōôl¹⁾ gannz fergèessen ! Vè sol sech hirer am shpeidre lééven nik mōônichmol ereneren ! Dei shein zèit, vei miir op der shoulbèngk geritsht, am haf ge-

1) laangen, ofenen o ; sos ue ooder u.

songen a geshpronge sen. Mat der giisht, mat de jike geshpiilt. Dei zèit, vou mir gemèngt, t gannz vèllt vir op èis gefall, van et fir an t shoul geshèlt ? Dei zèit, vou mir nèisht fô lèèt a sôôrge gevost, kèng aanung, das daat ais sheinst a gliklechst joore vaaren, vou mir nik gevost, vei shweier sich dat dééjlecht brout ferdingt. Vei mir als beifchen dei eisht zigarèt geraacht, voubèi et èis baal e shtrèpchen ze seier gung. Vei mir enerm shlas fèngkes a fershtopes geshpillt, dobèi an de shleivendèeren t boks èusgeras, èis dohéem hèemlech op de shtul gesaat, das t mam de ras nik sol gesin.

Vei mir op al mauer an diir di sheinste mènèrcher gemooit, iverall derbèi vaaren, vou èng kaaz geshlèèft. Vei mir t fôôsicht ais haiser kannt, vou mir en deke su ervesht. Ousterdaach mat de massendinger t èer opgehoven, t sue gedèèlt, a shtollz vi e kinek mat aisen drèi frang an den tèshe gerabelt. Buurchsondich, hollz a shtrei, kéeref a sos aale kroom ze-sôome geshlèèft an èngt fèier vei èng hèl gemaacht. Am mééرز kèuzekèp a frèshe gefong, èis môônchmol bèim fangk de shnap gesicht. Am sumer t beshèr an t hèlken duurchlaaf, fir fulenèster ze fanen, vei den deksten èèchbaam èis nik ze hei, van et och hai an do fir t hèut op de kneie gung. Vou et nik emer geléènt eroofgung, èn oder dèn aneren èng shreim mat hèem gehol. Dach daat vaar nèisht, t gouf nik gedôcht, glèich drop vaare mir dei bèste fren. Op èng shtang gouf èng faz gehong, daat vaar aise fèndel, a mat musek a gesangk gung et lestech a guder deng op hèem las. Dèn anern daach èng aner shtuurazichkéet an èussicht. - Hakt se mir, dei freier shoulkomerooden, an alen himelsgeijende fershpèèt, t vèllt hôôt fir èis èngt anert gesiicht. Et mecht dem ènzelen emer nach frèèt, e freiere kreichskomeroot erem ze gesin. Ales vaat mir geshtiicht, et vaar ze ferzaien, mir vaare jo - nach kaner.

Hary KREMER, Vollz.

T Léjènt fum klèngen Hiirdejong.

Am shtall zou Bétlèhém lèit t Jésuskannt an der krepchen op hè a shtrei. Den iesel an den oks viermen et mat hiirem hèuch a kuken et esou trai un, as vellte se soen : «Nèen, *)

vou kempt daat leift mennshekannt nemen hier!» A si fer-
giessen, hiirt hê a shtrej ze knaberen.

T as nuecht, an dobèussen as et shtakdèishter a kaal.
Mê haibanen as et - vei droolech - hêll vi am do.

T Mutergotes sezt bai der krepchen a shleit kèèn a oof
fum himelskannt, an den hêlje Jousep shtêet dernieft, t hèn
gefaalt, a biet t kentchen un.

Du gëet t dier op, an era komen t hiirde fum fêllt, dienen
t êngele gesoot hun, dat t Kreshtkentchen am shtall op
t vèllt komm vier.

Si kneie frun der krepche neier a brengen dem klênge
Jésus hiir geshêngker : dien êen e lêmchen, dien aaner brout
en dreten êng bol hunech ; e feierte keis ; erem en aaneren e
botervêk.

E beifchen elêng haat nêisht fer him ze brengen, an en
hêt oover sou gier och êpes gin. Gannz fershootert a ferdress-
lech shtong en haner der diir.

Vei den hêlje Jousep die klêngen esou traurech do shtoe
gesouch, du vengkt hien em, e sol dach mei no komen. De
jengelche mecht e puer shrek a blaift dan erem shtoen.

Du séét t Mutergotes gannz leif zu him : «Vels de t kent-
che net fu mei no kuken?»

An hie gëet lues op den zeive mei no bis fiir bai t krep.

Op èemool grêift en hêemlech no senger flût, op dier en
emer, van en elêng bai senge shéévercher as. shpillt a fréét
gannz shai : «Daarf ech dem kentche flêicht e litche shpilen?»
A vei t Mutergotes mam kap «jo» gevengkt, fêngkt hien un
ze shpilen, sêi mêtst a sêi bêsht, daat sheinst, vaat e konnt.

En huet kèèn a fum Jésuskentchen oofgeschloon a sêi
gannzt hierz a seng gannz seil huet en a sêi lit geluecht.

An t kentche huet seng gut klêng aen opgedun an de
klêngen hiirdejong esou leif an trai ugekukt, a vei et du him
och nach seng hênercher entgeint geshtrêkt huet, du léét dien
ivergleklechen hiirdejong em seng flût an t hênchen a foler

*) An desem shtek an och an ênger rai aanerer fervêne mer êng vaider
variann - êe=è - e - fun de silben hêét ooder kêét a fun dem lêut an
esou vûrder vei kèèn, léét etc.

frèèt *) gèet en èus dem shtall, fiir erem op t fèllt bai seng shoof ze laafen.

Fiirun der diir oover shtong en èngel ; dien huet em esou èng shei selver flüt gin, vei en nach kèng gesin haat. An op déer konnt en dei sheinste lider shpilen, dei èe sech nemen dèngke kan, sou dat e shpeider am tèmpele fu Jérusalèm am groussen orkèster dei eisht flüt geshpillt huet.

Michel HEVER.

T Kliber um Duerf an der Kuervoeh.

Grengendonshdech as do. T klake si fort no Roum hiir Oushteren haalen. T bouven hun hiir kliberen a jhare fum shpèicher eroof gehol a fresh geshmiirt.

Shon èng dek shton ze frei laafen se fun dohéem fort an hu kèum zèit an hiir shmiir ze bèissen.

Bai der kiirch ooder shoul komen se zesumen. De kap-hèer, dien ales ordoneiert a fiir dei geléenhèet dem pap seng aal tèshe nauer geleint kruut, shtèlt t gannz bannt zu zwein an zwein op a get t zèèchen, las ze goen.

Vaat e komeidi a shpektaakel ! T klibere shloen hiiren helzernen takt ; dei klèng tubaake maache : Klik, klak ! An t jhare jèizen a kleksen a reksen, dat et èng frèèt as.

Op der krèizshtroos blaiven s al shtoen. Vei op komando brecht dei droolech musek oof, an èus zwanzèch gesonde shtrassen shaalt et :

T as fir t eisht !

T as fiir t zwèèt !

T as zu haaf !

A vaider gèet et duurch al gaassen a gèssele fum dueref. T kaaze shprangen iver de vé a maan sech duurch t basht ; t henger kèksen a fleien op de juk ; t hon bilen ; t mame loossen t brout an de kuelebe shtoen a komen op t fiishtdiir geshos fiir hiire Piireli oder Nekeli ze bevoneren, vei en esou houfrech an daaper mat senger kliber duurch t dueref mar-

*) èe as èng heefech variannt fiir éé ooder èè ; trozdéem hèsht et frèet, bèem, èemer ; geijendevais get et aaver och des formen : bèem, frèet, hèel (fiir ze kapen) , èemer.

jheiert, an t pape blaiven en amènnt shtoen an dèngken un dei shein zèit, vou sii och klibere gongen.

Daat sheinst fiir t bouven as aaver oovents em siiven auer t faashtenandacht.

E puer kèèrzen um Mutergotesaltoor vèrfen e shapecht liicht an t haalef dèishter kiirch. Eè gesèz fum rousekrantz folecht diem aaner, da kemt t litanei an den èngeldeshèèren.

Daat as die faierlechen ablak !

De kaphèèr helt seng kliber an den aarm an as berèèt. No jítfer «Gegreist sais de Maria» rubelt en zwein tiir.

Soubaal t gebieder fierdech sin an t krèiz gemaach, gin al klibere matenèèn las.

T lait haalen t oueren zou a sichen t kiirchdiir sou seier et neme gèèt, andiems t bouven drèi minute laang hiir dèivsmusek fiiru shpilen.

Michel HEVER.

Vei t Klaken op Roum hiir Oushteren haale gin.

Va Grengendoneshdech de Gloria gesongen as, da shtèlen al klaken èus shtaat a lannt hiirt lauden an, ferloossen de kierchtuur a gin op t rèès no Roum, fiir fum Poopst hiir shtem erem sééne ze loossen.

Oovens, van t nuecht hiire shwaarze manntel iver bierch an dall geluecht huet, an am shtierklooren himel de mount seng liichtche brènt, dan heiert èen opèemool an der loft en hèèmlecht *) dèushen a rèushen, e somen a bromen, as geiven dausende fu shneigèns heich iver onse kèp hiir flileke shloen. An dach kan èen nèisht gesin, vèit a brèet.

Neme, vien a shpeider nuecht nach gannz elèng op hèm lasshrekt, ooder vien ener der luucht a senger vaarmer shtuf nach sezt bai ènger aarbecht, un dier e shaft mat esoufil frèèt, dat kèen auershlaach hie shteiere kan ; och déén, déén a shteler kumer vaacht baim krangkebèt : dei al heieren hai-

*) Di mèesht lait mat èe plaaz éé ooder èè (kèen, shtèen), hun oover èè an esou viirder vi bèèm, hèèmlech, frèèt. Geijendeveis oover héesht et bèem, èemer, hèel, rèès.

antdo, gannz vèit evèch, sou duus a lues, e ferluerent lauden a pengken : bim, bam, bim, bam,

Et sin al dei fil, fil klaken, dei op der rëes sin no der shtaat Roum. Dei èus dem lezebuurjer lannt : fun Nikloos, èus dem Gutlannt an dem Eisslek ; klaken èus Bèljien a Frangkrèich, Shpuenien an Englannt, dei èus Shwééden an Norvééjen, dei duurch t shneivoleke mussen zeien ; t klake fum Rëin a fun der Doonau, dei èus Poolen, Unggarn a Russlannt : aleguer an hierem shneivëissen daafrèkelchen, die s iver hiirt viertesklèet gezun hun, fleien s iver t Alpen no Itaalien.

Do enen an der hëljer shtaat ervaart de Poopst mat ale kardinéél a beshefen t klake firun der Peiterskiirch. Vei un den hekste fèstdéech, sezt en op sengem troum, emgin fu senger shwëizer gaart mat hiire blengkejen hèlebarden.

Op èemool rift èng shtem : «Hai, do ueve kome se !» Gannz klèng liichte se fu fèeren èus de voleken, gin emer mei grouss a loosse sech lues eroof op de buedem. «Bing !» gèet et èng keier ; al klak huet lues ugeshloen a shei «bonjour» gesoot. De Poopst erhieft seng hannt a séént s aleguer, dei filech, filech klaken. Da riet en s un a séét : «Velkem, diir leif, trai klaken ! Ech soen iech merci fiir dei gut aarbecht, dei diir e gannzt joer gelëesht hut. Van der elo erem hèm komt op èere klakeshtul, da laut mat folem shwongk an t vèllt eran, dat den Hèrgot fun den douden opershtaan, dat frit a frèèt erem keimen an t vèllt. Laut, diir klaken. laut zou de fèster a priedecht t aarbecht. Ruft um freie muerjen zou frouem shafen a vennsht um oovent dem miden a krangken e gude shloof a seissen draam. Beglèet mat leift, glaaf an hofen op hiirem vé, dei fiir t lieven sech t hannt rëechen ; greisst t kannt bai sengem eishte shrek op t vèllt an treisht a shtierkt, vie sézt de fouss an t eivechkèet.»

Nodiem de Poopst esou geriet, pengkt al klak a klèkelchen e shlaach mat hiirem klakenhumer. Da gin s al an ènger rai, shein hanerenèn an t Peiterskiirch, zuer grousser paart aan an zuer zakristai erèus. Daat dauert baal zwei gannzer dééch.

An der zakristai krit oover jiffterèng e kierfche mat blo a rout a greng a brong gefierften oushterèer.

Dei brengen se mat hèm fiir dei jongen, dei an der kuer-voch esou gut an haart geklibert hun.

Michel HEVER.

Buurchsondich.

Zu Shtèen vaar de buurchsondich an der zait fiir grous a klèng e fèstdaach, vei e sech net dak am laaf fum joer gebueden huet. An der fèsper (Vesper) vaar et de beivercher shweier genuch, de babelije mentchen ze haalen, an se vieren sou gèer baienéé gerecht, fiir sech èpes an t ouer ze pesperen. Soubaal vei t fèsper aus vaar, se se huertech t kierchentraap a gevesht, fir èng shmier ooder och nemen e shtek drechent brout fun der mam ze kreien, an dan hu se sech evèch gemaach, vèl haut huet et gegolt fer sii, an duerfiir vollt kéén de lèshte sen. Sii vaaren et jo, dei t shtrei hu missen herbaishaafen, fer no èngem sheinen aale gebrauch t buerjaup ze maan, dei ooves, soubaal vei et daishter gouf, ugeshtach gin as.

T jengelcher hu sech op t bauerenhaiser ferdéélt, fir iverall èng, a van et dem hèer fum haus gut gemèngt vaar, och zwou baushte shtrei z erveshen. T as jo alt net emer ouni gromelen eroofgaang, a mei vi éémool huet et gehéesh : «Maacht iech eraus elai, diir naishterten, t shtrei as ze fil raar det joer, fir et ze ferbrènen.» Aaver t bouven hun hiir lait kannt, a graat do, vou am mééshte gejaut gin as, hu se di dekst baushte krit, va se sich se och munechmool sèlver fum koup hu missen eroofhuelen. Fun ale saiten, fun der Mèertes-hèk a fun den Haisercher, se se da mat hiire biirden ugedreht komm, fir s am Flekepèsh neierzeléén. Hai hun dei grous jonge fu fofzeng bis fenefanzwanzech joer shon e shtrephchen op se gevaart. Si haaten an dèèr zait èng laang dèneshtaang erbaigeshlèèft, dei e gannzt joer laansht dem deke flèèshbiirebaam ueve baim vé geshtaanen huet, an dei iver zeng hollzbek geluecht. Dan as et lasgaangen.

Vei klèng hanntkèsselcher vaaren t bouven iverall beflas, fir de groussen en dengsht ze lèshten. Dei grous hun t shtrei mat shtreiséeler ooder vaiden em de baam gebonen, an esou

as no an no t buerjaup entshtaanen. Gannz dak hu se t hollz fun e puer dèerejer fèshen ener t shtrei gevekelt, fir op dei maneier der buerjaup hiirt lieven ze lèngen. Van t zait net ze kuerz vaar, hu se ueven èng shtaang kwèesh duurch t shtrei geshtach an esou huet t buerjaup èng kraizform krit, dei besonesh de kaner an de meimercher aus dem duerf gut gefall huet. Vaar ales esou vait an der rai, dan huet t buerjaup missen op èng no knup geshlééft gin. Sèks ooder aacht borsh-ten, net graat dèer shapechster, haaten dobai èng shei geléen-héét, hiir shtierkt ze vaisen. Den éelsten huet emer de komando gefouert. Van et emool faierlech sollt eroofgoon, huet éé fun de jongen, dien e besse fun der musek fershtung, sech an t shpezt geshtallt an e flote marsh op der harmonika geshpillt. Op der sait fun der buerjaup an hanendrun sen t kaner aus dem gannzen duerf gelaaf, t jongen an t méédercher, an och dei klèng kraperten, dei nach baal net elèng op de bée shtoe konnten, vaaren derbai an hu fir den neideje shpektaakel gesuercht. Firun den haiser, op den diiren an den traapen, shtungen t mamen an t papen ze kuen, an och t pèteren an t giedelen sen dien nometech hanert dem kolonueven erausgekroch, fir ze gesin, op t buerjaup gut geroode vier. Em den oovent as t buerjaup op der knup opgeriicht gin. Den daach firdrun vaar en deift lach gemaach gin, vèl om sondech huet daat net dierfe gesheien. T as net emer ouni e vuertviessel baim opriichten eroofgaang, aaver opéemool shtong se do ; riicht evei èng kèèrz huet se mat hierem kraiz zum himel opgekukt.

An dèer zait huet et oofgelaut fir an t andacht, an da sen t jongen al shei matenéén an t kierch gaangen, vèl se vollte kée ferdros baim hèèr maan, dien et sou gut mat e gemèngt huet an en al fréét konnt fergonen. Am leifsten hèten dei klèng bershtercher sech laasht t kierch gefautelt, fir bai der buerjaup ze blaiven, vèl se gefaart hun, t geif éé se huelen, an da viir hiir gannz fréét fir e joor zum daivel ge viesht. Souvait evei ech mech ereneren, vaar se éémool fun èngem nait-fugel héémlech an der andachtszait ugeshtach gin, an zan-terhier as vuecht derbai geshtaane gin. T gannzt joer as de klènge binerten t zait net esou laang gin an der andacht vei

op buerchsondech, a se hu gemèngt, de pashtouer mist veint hiirer e puer fadronser evèchloossen, fer dat et eishter gedoo vier, aaver nèén, t andacht huet kéén èn krit, an t jengelcher souzen vei op destelen an op dèèr.

Iir de sééje gin as, sen der e puer fun de groussen aus der kierch gaang, fer t buerjaup unzeshtiechen, sos hèt se no der andacht net shei gebrannt. Gleich no der andacht sen t bouven am hèle karièèr duurch naas visen an iver drèkech shteker gelaaf, vèl jitferéé vollt den eishten op der knup sen. Dan hu se sech seier èng faakel fu shtrei gemaach a se un der flaam ugefaang, fir dermat em t buerjaup ze laafen a s an der luucht eremzeshwèngken. Van éé fun e gannz no bai t faier komm as, an en huet seng dek bèkelcher mei vaarm krit evei dei aaner, dan huet e gemèngt, en hèt den Hèrgot mat der deker zeif an hie vier t geleguetskannt. T véés éé jo, vei huer-tech e kannt frou gemaach as. Iverdééms huet èng mèchtech flaam zum himel geshloon, t huet gekraacht a gekrekelt am shtrei, t kniet fun de sééler sen am liichteshain fum faier an t gannz knup vaar hèll beliicht. Firun der kierch shtongen t mèner an t fraen ze kuken, an ales huet gesoot, esou shein hèt t buerjaup nach kéé joer gebrannt. T baueren hun un der flaam gesin, fu vaat fer ènger sait de vannt keim, a van et net de richtije vaar, dan huet de Flekepiche gesoot : «Kaner, t as geféélt, de vannt kent fun der réénsait, t get en naast joer.»

Van dei lèsht flèmche sech ferziert haat, an nemen e koup èshen ivrech bliven as, hun t beivercher der knup mat shweierem hèèrz èdi gesoot, an da sen se esou gannz geneshelt dohém an der shtifche bai den ueve gekroch, fir hiir naas feis ze drechenen. Vaaren t boksen an t huesen zefil zougeresht, da sen och alt emool shtréech oofgefall. Dan huet de Pierchen ooder de Jhèngi gemozt, fu fermèssenhéét och flaiicht naisht zenuecht géés an en as mat hongrejem bauch an t kautsh geshlof. Nuets hu se fun der buerjaup gedréémt an da sen se an t faier gefall ooder am visegruef shtiechebliven. Vei gliklech vaare se, va se t aen opgeshloen hun an am vaarme bètche loughen.

Fir dei groun vaar t fréet mam ooffbrène fun der buerjaup nach net gedoon. Noom nuechtiessen sen se mat èngem kuerf fun haus zou haus gaangen, fer éer a shpèk ze héeshen. Dobai huet t harmonika net geféelt, a van an èngem haus zoufèlech e méétche vaar, op daat ée fun dée shtoilze borshten en a haat, dan as emool èng shotesh ooder èng vallz geshpillt gin ooder t jongen hun e klèngt humoristesht shtek vei «Den dome Jong» zum bèshte gin. Haaten se den tuur gemaach, dan hu se sech an ènger viertshaaft èng amelèt baake geloos a sech bai èngem pètche beier - déémools vaaren nach kèng humpen - bis an t shpeit nuecht eran ameseiert. Dobai sen s al op hiir rèchnung komm, van der fil fun en och nemen e frang ooder fofzeng su an der tèsch haaten.

Hautzudaach get nach dohéem an och sos am lannt èng buerjaup gebrannt, aaver t shengt mer baal, as van et net mei an déem aale géésht a mat dèer sèlvechter fréet gesheich. Sou shein evei et freier vaar, as et haut secher net mei. Van ech un ais buerjaup fun dohéem dèngken, da shtin ech a gedangken a Flekepèsh mat menge kamerooden. Ech heieren èng harmonika shpilen, shprangen duurch t visen a veitshe mat der faakel vei mer daat gemaach hun, vei t vèllt nach net esou fol nait a shtrait vaar, an al mennsh zefride gelieft huet, van en och net graat ales krit huet, vat seng aan gesin hun.

N. PLETSCHETTE.

Leiver Hèrgotsblieschen.

Diir huet onns al shon daks gesin,
 va miir duurch t gaasse liichte gin :
 blo t hèn a rout ons nieschen :
 O leiver Hèrgotsblieschen !

Miir laafe frou fun haus zu haus
 a sangen t lait op t diir eraus ;
 sii laushteren a sii laachen,
 a shèngken onns gut saachen.

Ma ètlech lait, ech mus et soon,
dei kenen t liichten net ferdroon,
an t sangen nach fil maner ;
do get et naisht fiir t kaner.

Bai èngem nooper shtonge miir
èng feirelshton firun der diir
ze sangen an ze shèlen :
emsos ! Voor daat net èlen ?

Èng fra, mam biesem an der hannt,
dei koum eraus op t diir gerannt :
«Frèch sit der, frèch vei shpazen, ;
maacht iech evèch, diir frazen !»

Baim bèker, do gouf fil gelaacht :
Grous tuuten haate s onns gemaakt.
A vaat voor dran ? Dek kuelen.
Der joomer sol se huelen !

An èngem haus, git net dohin !
do mussen lauter pompiers sin ;
dei fongen un ze lèshen,
de bokel onns ze vèshen.

Dei méesht lait oover hu fershtannt,
e vaaremt hierz, èng ofen hannt ;
do gouf et fil, mer kruuten
Fol tèshen a fol tuuten.

Shpeit ooves duu voor aus dei fréét,
fol vuesseflèke rak a kléét.
T mam laacht : «T as naisht, main hieschen.»
O leiver Hèrgotsblieschen !

J. P. LOENERTZ.

Den Zen Nekléeschen.

T as kaal, dobaussen hault de vannt,
den Zen Nekléesche géét duurch t lannt,
en huet sech op de vé gemaach,
vèl t as sain hëljen naamensdaach.

E géét mat sengem grouse kuerf
duurch gitfer gaas, duurch gitfer duerf,
a vou braaf kaner sin am haus,
do géét en ran, do déélt en aus.

Dien éé krit det, dien aaner daat,
sou vei et shtéét op sengem blaaf,
en as e guden aale mann,
a mecht alt, vaat e maache kann.

An huet e muerjes, geint der daach,
duurch t haiser dan sain tuur gemaach,
da géét n am Eisslek op èng kop
an héémlech an den himel op.

Marcel REULAND.

De Shangkemènchen.

Fun al dééne gshichten, dei t grousi onns kaner erzielt
haat, hun ech këng esou gut behaal vei dei fum Shangkemèn-
chen. Neme kan ech iech net mei soen, vou e gevunnt haat.
Flaicht haat ech als kannat kéé ferhallt drop geluecht ooder
t grousi vost et sèlver net genéé. Iverhaapt voor et net vait
hier mat hiirer leier. Als ééltst vun hiirer aacht huet si misse
fu kannat un der mam am shtoot helefen an si kruut këng zait,
an t shoul ze goen. Trozdém konnt si am kap rèchnen vei
këng zwéét a geshichten erzielen èng mei shein vei dei aaner.
Flaicht dei grujhelechst, dei se vost, voor dei fum Shangke-
mènchen. «Nemen,» soot se, van se dei erzielt huet, «da mus
ech vait zerekgraifen bis op dei zait, vou de Shangkemènchen
nach net op der vèllt voor.

Sai pap voor shon en deke bauer a seng mam haat nach derbai e kaasht fu gèllt mat an de shtoot bruecht. Hiren haf voor och één dèèr sheinster an der gannzer geijent. Do gouf iech aaver och gevudert a gedudert fu muerjesfrei bis oovesshpeit. T kniecht an t méét vosten oft net den dueblen ze vieren, fiir de mééshter an t mééshtesh zefridenzeshtèlen. De Vaidebauer a seng fra haaten och vaider naisht an der kop vei op de koup ze shafen. Daat vèèr jo am èn nach ze fershtoen an ze èntshelejen, va bai déém zistem dei aarem net ze kuurz komm vèèren. Gemèngkerlech géét et jo de bauerelait net op e shtek shpèk, èng dosen èer ooder e sieshter gromperen un, van se èngem aarmen ener t èèrem graife kenen. Ma de Vaidebauer a seng fra vooren net fum «gin» hier, néén, si vooren ales eishter vei metshgievech. Van s emool epes gin hun - vaat gannz séèlen de fall voor - da voor et hekstens èng aal gró kuusht ooder e puer shwengsgrempercher. Dach elo hèt ech baal èpes fergies. Van se graat èng oofgelèkte plaakech shangk an der kichen ooder an der shpenchen haaten, da kruut den aarmen héésheesaak ooder t hééshefra se. Van dei da fiirun der dier vooren, hu se mééshtens shimech t shangk op t mesht ooder haner èng hèk gevorf. De Vaidebauer haat daat éémool zoufèlech gesin. En huet shpeterlech t shelere gezun a gesoot : «Get één dèèr zort och nach èpes, da vessen s et nach net emool ze shèzen.» A néén, kaner, daat voor ivelgedoen, duebel ivelgedoen fum Vaidebauer, evèl en t aarmetai op esou èng graisslech maneier och nach fershpot huet. Dei héémlech rooserai fun de lait huet him shpaas gemaacht, an déé shpaas huet him esou gut gefall, dat en sech mat der zait èng gevunecht draus gemaacht haat, van en aarmen daivel op den haf koum, senger fra zouzerufen : «Gef em èng shangk, Greit, gef em èng shangk !» En huet der fra net braichen ze fleiven, vèl si voor flaicht nach mei kuushtech vei hien. Ma si kruuten hiir shtroof, o mai ! A vaat fiir èng shtroof ! Den Hèrgot fergest kéén, och kéén, déén him èpes shelech as.

Vaidebauesch kruuten èpes jongs. Da si pap a mam jo mééshtens vei am himel, van èpes buzejes, esou èpes leives an aartleches an der vei lait. Baim Vaidebauer an hiir konnt één naisht fu fréét gesin. Si hun déén aarme viermchen mei vei

e laasht an en ambra ugesin as vei èng groot, e geshèngk fum himel. Et voor nach èpes um kentchen, vaat e glaaf net gefall huet, et voor, vei éé séét, viirklech nemen haut a shangk. A vaat fiir shangk ! Esou graf an ongeschlaf, vei van et geshplekte louklepele vèeren. Nach derbai haaf de klèngen e kap esou onfleidech an ongemidelt, vei van e mat der aakst erausgehae vèer. Graaf esou senerlech a venerlech huet de klèngen sech opgedoen an opgefeiert. Et voor kéé kannf vei dei aaner kaner. En huet net gelaacht an net geshpaast, net gepootert an net getrootert ; en huet neme gies a gedrongk a geshloof. Shpilgeshiir huet en iverhaapt kéént krit, doofiir voore Vaidebauesh ze knekech an och ze veinech hiirem kannf zougedoen. Vaaf graaf om desh ooder sos doremer louch, huet et krit an da konnf et sech doomat ameseiren. Vèl et net fervinnf voor, voor him och ales ushtènech ; aaver op èpes voor et viirklech vei fersies op t shangk. Vei de bauer daaf fiir t eisht anuecht gehol haaf, as him de shrèken an t glider gefuer. E vollf dem kannf t shangk, èng dek rentschnach, evèchhuelen, ma du gong iech e shpèktaakel las. De jengelchen huet sech mat hèn a feis geviert a mèèrdesh kréesh gedoen, fiir t shangk kenen ze behaalen. Vaaf vollf de bauer du aaneshtes maachen as vei dem kannf t shangk ze loossen. Daaf as net nemen éemool geshit, ma zeng an zwanzehmool. Soubaal de klèngen èng shangk erblekfst haaf, gong de kameidi un. Dan huet e gejeimert a geveimert, gekoshtert a ramoshtert, gevudert a gerudert, bis hien se haaf. An dan hèt ké pèert em se mei evèchgehol.

Vei de jengelchen mei maans gouf an elèng laafe konnf, gouf t saach ereisht opfèlech an ééfèlech. Soubaal en èng shangk erveshe konnf, huet en se gehol an anzwoush fershtopt. Am ufangk voore seng shtope licht ze fanen, ma no an no gouf hie mei lous an t koum séelen één derhaner, vou e seng shangkemautsh hèt. Mei vei éés huet de Vaidebauer de jengelchen veint dèer geshicht lasgezun, aaver et konnf naisht dengen : Déém klènge Vaidebauer voor t fréét un de shangk van één esou èpes nach fréét nène kan ugebueren. Vei et z ervaarde voor, haaf de jong bai de gesènger an den nooper frei den num krit «de Shangkemènchen»

Diir kent iech dem Vaidebauer seng rooseraï fiirshtëlen, vei en daat gemierkt huet. En hêt du sain ééje kannt gieren zer-ras, ma et voor an t blouf de Shangkemènchen bai de lait. Dat bai esou zoushtèn kèng leift teshent Vaidebauesh an hiirem kannt opkome konnt, as kloer. Van t mam hiiren ierjer an hiire ferdros mei fershtope konnt as vei de Vaidebauer sëlver, da voor hiiren zuer ivert dem kannt seng vonerlech-kéét an ééfèlechkéét dach net maner grous.

Vei daat nu mééshtens bai esou saachen de fall as, gouf de misèèr fu joer zou joer mei grous. Zu naisht haat de jong idi, naisht huet en anterèsseiert, vei neme shangken ze simelen a mat shangken ze shpilen. Das daat dem Vaidebauer al daach mei op de mo gaangen as an hien sech doofiir och emer mei shro geint de jong behol huet, fershtéét sech fum sëlven. E freie muerjen voor de Shangkemènchen, e voor du shon e joe-rer fofzeng aal, dan och duurch t basht, evèl en senger glosht no shangken net genuch nogoe konnt an duerft. A kéé vost, vouhin e voor. De pap, vei erleist fun dem halvavais, vei en de jong emer héémlech bai sech genannt haat, huet sech gehut e sichen ze goen ooder sichen ze loossen. Daat hêt sai shtollz net zougeloost a leift fiir sai kannt huet e jo kèng geshpiert. Fum jong gouf am haf net mei geshwaat an ech hêt och kèngem es vele rooden, e baim Vaidebauer zou ze ernimen. Dei aaner lait hun et aaver enert sech gemacht an op éémool as iverall erzielt gin, do an do geif an èngem groussen daishtere besh e mann vunen, déén sech mazen am geshtaiz en haischen baue geif. Déémools haaten t lait t metelen nach net an nach maner geléénhéét, fiir doruechter ze réesen vei s et haut maachen. An esou vost laang kén aus der geijent, op èpes un der saach vèèr ooder net. Entlech hu se dan zoufèlech geheiertan t koum och Vaidebauesh esou hanenerem zu oudenet vèèr kèng so an t geif sech viirklech em de Shangke-mènchen handlen. Et gouf almeijlech es erzielt. E geif net neme shangke sichen an huelen vou e kennt, ma e geif sech och nach derfun ernieren. An t vèèr em kéé vé ze vait an ze drèkech, van et hééshe geif, do an do leije shangken.

Dat et enert déénen emshtèn dem Vaidebauer net am draam agefall vèèr, sai jong eréémzehuelen a van et och mat

gevallt hêt misse sin, daat vèert der vuel fershtoen. Fiir mam a pap voor de shangkemènchen dout. Aaver déén eiveje fiirvorf konnte si sech dach net aus dem hierz raissen, dat sii, daat héesht hiire gaarz a gasht elèng shollt vooren um shangkemènche sengem misèèr an éélènt. Ma matléét hu si kéént geshpiert, doofiir haaten se zefil gefit op de jong sezen an si hète gier gesin, van och dei aaner lait net mei fum shangkemènche geshwaat hèten. Dan hêt dei éélèndech geshicht mat déém ferluerene sonn en èn gehuet. Daat koum ivrijens sou halver fum sèlven. T begierlechkéét no shangk as bai déém aarme kierel emer mei groug gin a si huet en zu alerlé konshten a shlech ferléét. Enges daachs haat e fu vaidem èngem doudegriever om kierfech nogekukt, vei en en aalt graaf opgemaacht huet. Vei et bai dééne lait, dei veinech respèkt frum den doudechen hun, alt géét, as hai èng shangk op t sait gevorf gin, do èng laie bliven. Daat voor dem shangkemènchen senge mais gepaf. Ooves, vei den doudegriever mat senger aarbecht agepaakt haat, kennt e mat èngem saak op der sheler geshlach. Eént zwéé voor en iver t mauer an de kierfech geshprongen an e vollt graat ufèngken t knachen, dei den doudegriever nach net gesimelt haat op ze raafen. An déém ablek aaver huet één e geheireje knaalert geheiert an èng daishter shtem huet dem Shangkemènchen zougeruf :

«Shangkemènchen, blaif evèch !
 Menger seil, du ges ze frèch.
 T deiereknache si fiir dech ;
 Shangkemann, huel dech anuecht !
 Hai shtin t gééshter op der vuecht !

Vei de Shangkemènchen daat geheiert haat, shprengt e mat èngem èlene kréesh iver t mauer an op a fort. Fun do un huet e gekrèngkelt an e voor neme séelen ze gesin. Daat as de kaner aus dem noopeshduerf, dei alt fun zait zu zait e viertchen mat em geshproocht haaten opgefalf. Si sooten sech ènges daachs : «Loost mer kuke goen, vaat de Shangkemènche mecht !» Vei se bai sain haische komm sin, sollte se sech mat kraizer sééne : T haische voor an e koup gefalf. Si hu geruf : «Shangkemènchen, Shangkemènchen !» Et huet kéé geëntvert an t konnt och kéén hinen èntveren, de Shangke-

ménchen louch dout enert sengem knachenhaus. T kaner sín du héém gaang an dobai as et och bliven. T huet kéén sech em dei aal shangke gekemert an t vellt huet se no an no fer-shlééft. Eng rai fu joeren derno hun hollzhèer op der plaaz en haleft gerep fonnt. Voor et dem Shangkemènche saint ooder net, t konnt kéén et mei soen. No an no koum e gannz an de fergies an och t plaaz, vou seng haipchen geshtaanen haat. A van t grousi miir t geshicht net erzielt hèt, vèèr si fiir emer fergies gevesht an ech hèt iech se och net kene ferzielen.

J. P. BRAUN.

T Gééshterkaap.

Ech véés den uert net mei, vou t gééshterkaap sech fer t eisht gevisen huet, ma et sol an ènger geijent gevesht sín, vou fil ivles gedoen as gin. T shpezbouve solen do vei dohéém gevesht sín an t naishnozechkééten an t daivleraie kéén èn krit hun. Baal as hai één erdubert ooder beshtuel gin, baal do één ugehaal ooder ugefall gin.

A van esou e bandei duecht, net op èng gelennt aart a vais zou sengem zwèk ze komen, dan as et em och alt net op e mènshelieven ukomm. Sou as daat laang firugaangen an esouguer nach emer mei shlem gin, bis t kaap, t gééshterkaap, ershinen as. Et voor èng kaap vei di aaner, aus ainfachem groe shtoft mat èngem grouse shtuurz, déén t kaap sèlever oover vait iverdèkt huet. Voor et èngem lievejen ooder èngem doudejen seng gevesht, èngem, dien ermuert gi voor ooder èngem, die gehaang gin as, vaat bai esou hèrgotskashtgènger an esou zaiten jo och alt mus sín, vie véés et ? T lait hun dei kaap gefaart vei t faier, an esoubaal vei s entzowoush ze gesi voor, huet ales sech evèchgemaacht, vei van der daivel sèlver hanert e vèèr. Et huet sech shon onhéémlech genuch ugesin, dat t kaap an der luucht geshwieft as, an dat kéén drener ze gesi voor, die se op haat. A van se da glaich ugefaang huet, no desem ooder déém ze sichen, da sín t lait, dei net zur zait fortkomm sín, baal ferangsht. Et voor och kèng eier, an nach maner èng pleseier, fun der kaap iverfall ze gin,

daat héésht, s op éémool ivert dem kap shtoen ze hun. Da voor éé shtoensfous gebènt, konnt kée shrek mei goen an och kèng ooder mei um laif reieren, bis et der kaap gepast huet, fer één erem laszeloossen. Dat et am fong èng shtroof voor, huet éé baal missen unhuelen, vèl al dei, dei op esou èng maneier gezéécht gi vooren, daat vooren der elauter, dei t gevessen net proper haaten,

Et voor och derfiir gesuercht, dat t lait sech net un t kap gevine konnten. Haat se haut één op des maneier erdubert, dan huet s èng aaner keier één op èng aaner aart a vais ershrèkt a gepengecht. Hai konnt één hernoocher èng zaitlaang kée vuurt mei shwèzen, do voor éé fir e puer vochen daaf ooder blan, en drete konnt laang op ké bée mei shtoen ooder kèng hannt mei reieren an esou fiirun. Daat alershlemst oover voor, van esou e pèter ooder och vuel èng gefuedesh enert der kaap emer mei klèng a mei shmuel gin as an am èn gannz fershwone voor a blouf, bis t kaap sech erem gehuef huet a fortgeflun as. Ooofgesi fun èngem lazeje gefil fun ivelzèchkéét, dat se nach laang hanenno geploot huet, konnt kée fun dééne gebènte sech drun ereneren, vaat iverhaapt geshit voor. Fer de shpot huet aaver kée fun hine brauchen ze suerjen.

Vuel éé fun dééne greisten naishterten aus der gannzer geijent voor de shroen Hèng. En haat sech dien nuem shon an der kanerzait ferdengt durch seng rukelzèchkéeten, an derno nach fil mei gemaach, fir e mat rècht ze behaalen. Hien huet net fil op t gééshterkaap gin, secher vèl en nach kèng geléénhéét haat, fir se ze gesin ooder mat hiir zesumenzeshtoussen. An dobai haat hie se vaarshainlech mei vei sos één ze fierchten. Vei sooten t lait, va fum Hèng riets gung : «Van dei doudech shwèze kennten !» Abeng, t meijlechkéét, och emool t kaap ze gesin, kruut den Hèng geshwe gebueden. Et gouf e maart oofgehaalen, an hien huet sech och emool enert t lait gemesht, vèl e geduecht huet, sech durch dien één ooder den aaneren hèndelchen ooder op sos èng belech aart a vais freshen deiesmeies ze fershaafen. Dat en dach angshat haat frun der gééshterkaap huet sech dodurch bevisen, dat e bai al geléénhéét fersicht huet, t saach lècherlech ze maan an déénen aaneren de fèèrtert unzehèngken. «Ech,

de shroen Hèng,» housh et da gemèngkerlech, «sol esou en hookuspookus fierchten, glééft diir daat net! Da get één ooder zwéémool e geheiereje fluch gedoon an da géét de gannzen zauwer vei shteps an t luucht.» Nu gut, den Hèng voor kaum e beschen om maart hen an hier getrepelt, dun huet et opéémool gehéesh : «T gééshterkaap, t gééshterkaap!» Den Hèng huet shpeterlech ronderem sech gekukt, vei van en namool vaise vellt, den haie fiercht oover net, du gesouch en och shon t kaap iver de maart shwieven an op en zou komen, an eier e sech zegutst emsin haat, shtong se, jhup, op sengem kap. T lait, dei sech glaich no ale saite ferzeie vollten, sin erem erbaikomm, fir ze kuken, vei et dem Hèng ergoe sollt. E voor vais vei der dout am gesiicht an en huet gekukt vei foksel, ma en huet de monnt net mei opbruecht zu èngem fluch. Dogeint as en emer mei klèng a mei shmucl aaver och emer mei blo a mei shwarz gin, bis en um èn neme mei esou heich voor vei en dilendap. T kaap voor och emer mei nidrech gaangen an t huet één dun glaaf naisht mei fum Hèng gesin. Ma opéémool huet één e geheiereje knaalert geheiert, an de rêst fum shroen Hèng as vei shteps an t luucht gaangen. An t huet één ni mei èpes fun him gesin ooder geheiert. Mo och t gééshterkaap voor fun do une fershwonon, an t voor och net mei neidech, dat se nach keim. T lait hu sech dach no an no bèsser geshekt, a van och emool één sech èng keier ferféélt haat, dan huet et glaich gehéesh : «Jo, jo, t gééshterkaap, va miir dei erem hèten, da keimen esou saachen net fiir.» Dan hu veinechstens dei aaner sech dru geshteiirt a se si braaf bliven, an doerop kent et jo nemen un.

J. P. BRAUN.

Baim Kraiderlis.

T Lengevievesh voor krank, fil krank, shon zanter e puer meint an al dei gut reit, dei se sho krit haat, hun naisht gedengt. Bai den dokter ze goen ooder e komen ze loossen, daat hèt shwengzech gèllt an och fil mei kasht, vèl vait a brèèt kéén ze fane voor. Et hèt shon één aus der shtaat misse sin, an dei voor vait evèch. «Do blaift der vaider naisht ivrech. Greit,» soot Shmaz Bèèrbel zuur Lengevievesh, «vei één an

de Roudébash bai t Kraiderlis ze sheken. T huet mech gehéelt, t vèert och dech erem op t béé brengen. Dei puer shtone vé kan dach éé fun iech druvoen, van se dech giere gesontt hêten.» «Alerdengs, Bèèrbel, ma vie géét aaver ? Aise pap huet en deke shwier um fous, a bis déén erem gut as, fergin ech jo fu peng. A vèl ech jo och t méédercher net sheke kan, blaift vaidér kéén ivrech vei dai pèterchen, de Bèèr, an déén huet dach ereisht zwiefel joor, veis de véés.» - «Fiir déé gangk as e sho maans genuch, Greit, ma et mus één em genéé soen, vei e sech ze ferhaalen huet, sos errèecht en naisht bai der aaler héksemuder.»

De Bèèr gouf an t shtuf geruf, e kruut t saach ausernégeluecht an de vé gesoot, an der mam zuleif huet en den opdraach och ugehol. E voor zimlech kurajheiert an en huet am fong och naisht leiver gemacht, vei sech op der gevaan an am besh eremzedraiven, ma èpes huet em dach net gefall. En hêt esou giere gevost, vei t Kraiderlis ausgeseich, vèl zanter dat èng apgashtech noopesh hien fiir èng domhéét emool geheierech mam biesemshtil ersielt haat, haat en èng éeshtlech angsht frun den aale fraen. «Daat kan ech der nuun net graat soen, Bèèr, vèl esou fil ech véés, huet nach kéén et fun no gesin. Ma du dierfs a kèngem fall Kraiderlis soen an och net Héksemuder, jemen nauen néén, sos hêts de der mim un de frak gegraf, vei t lait soen. Beshson velt se genannt sin, a gaar déém senger, déén se aanesht nèné geif. Da vèèr s amshantnt» Dun huet t Bèèrbel sech sèlver enerbrach, vèl se anuecht gehol huet, dat se dru voor, dem Bèèr de ganze kuraash ze huelen. «Gei rouech bai se !» soot se, «t geshit der naisht, van s de maneierlech bas. De vé hun ech der jo gesoot.»

De Bèèr huet sech dan och geshwen op t béé gemacht. Z iessen haat e matgehol fiir zwein dééch a gènevain ooder buurvaasser, dées get et jo iverall. Sai mèsser haat e sech och an t tèsht geshtach a shon baim eishten hieselter, déén en ukomm as, huet e sech en dèfteje bèngel geshniden. Daat geheiert dach zum mann an de Bèèr huet sech bai déém gangk dach shon sou halver als grouse gefilt. E mus de filercher och opgefall sin, vèl se hun déén daach éeshtlech shein an

haart gepaf. T hiesercher aaver, dei sos bis un de vé komm
 sin, hu sech duurch t basht gemaach, vei se déé klénge mann
 geheiert hun mat sengem bèngel sou haart op de buedem tupen.
 Si konnte jo net ounen, dat de Bèèr sech op dei maneier mut
 maache vollt, vèl vaat e mei no bai de Roudebesh koum, vaat
 saí gangk him mei ongeroode geshinen huet. «T mam vèèr
 och flaicht ouni dem Kraiderlis sain drongk ooder seng saalef
 erem gesonnt gin, huet e geknoutert. An domat haat e baal
 dei drai rout sanntshtèng iversin, dei em de vé op t heicht
 vaise sollten, vou t Kraiderlis vune geif. Ma graat vei en de
 fous gehuef huet, fiir dem paat nozegoen, die kaum gezééchent
 a getruede voor, huet e maarkolef drainool esou èle kréèsh
 gedoen, dat et onsem Bèèr duurch muurch a shangk gaangen
 as. «Daat ka jo shei gin,» soot e sech, «van ech shon ugemèlt
 gin», an e vost net, op e sollt fiirugoen ooder net. Ma dan
 huet en néés u seng mam geduecht an op se flaicht erem esou
 veimere geif fu peng vei muerjes an en as dach fiirun de bierch
 op geklootert. De paat voor ales vei net gemèlech an et shengt
 e voor drop geriicht, dat één net liichtshaz op t heicht kome
 sollt. Hai voore bashten am buedem an do shtounge shtèng
 eraus ooder t si vuerzelen dohier gekroch, dat éé baal mam
 fous huet missen hèngke blaiven : «Déé vé hai glaicht der
 aaler hèksemuder,» soot de Bèèr zou sech sèlver, vei van e
 sech hèt velen treishten, ma e koum dach gleklech op t heicht.
 En huet och glaich mazen ener dééenen aanere béém dei on-
 gehaier ééch an dei grouz fielz gesin, fun dééenen t Shmaz
 Bèèrbel, seng guet, him erzielt haat. De Bèèr huet t eisht
 emool gerout aaver an èngems sho seng aen ronderem goe ge-
 loost, ma et voor naisht fun ènger hiel ze gesin. Vei en duu
 nach èng grimel mei no gaangen as, du gesouch en dan aus
 der fielz haner der ééch en dene bloe fuedem dammp komen.
 «Aha,» duecht en, «do vèèrt t mim ze fane sin.» En as riicht
 drop zougaangen an dun as em och èng shplek an der fielz an
 t ae gefall, dei e fiirens iversin haat, ma et voor net meijlech
 epes dobanen z enershééden, esou daishter voor daat lach,
 daat de Bèèr fru sengen aen haat. An dobai voor ales ronderem
 en esou rouech a shtel, dat en èng maïschen hèt kene laafen
 heieren. T as dem Bèèr emer mei èlen a mei onhéémlech gin

an e vost net, vaat e solt ufèngken fiir sech bemierkbaar ze maachen an der angst las ze gin an du rift e jo op éémool a sengem trublement ganz haart : «Kraiderlis ! Kraiderlis !» Ma déé shpektaakel, déén du lasgaangen as, déén hèt der missen heieren, kaner, Kaazen an hon, hunen a kueben, maarkoleven a kaizcher, ailen an nach esou gedeiesh hun al matenèen ge-jaut a geshpaut, gekreint a gekèft, gemiaut a gehault a gebilt. An èngems huet de vannt geroost an un de béém gerapt a geras, dat éé gemèngt hèt, t vel juecht keim durch de besh. Fu shrèk shtong de Bèèr do vei ugenèelt. Op éémool gouf et aaver an der hiel esou kloer an esou hèll vei am do. Am sèl-vechten amènt haat och de gannzen tapaash en èn a fiirum Bèèr, e solt fergéeshteren, shtong t Beshson. Vei e blez voor em hiiren num erem an de kap komm, déén em ganz ausdèngkech gi voor. E laangecht dongkelgrengt kléet mat file faalen huet er bis op t plaakech feis eroofgehang a vait bis iver t sheleren eroof sin hir foksrout hoer gefall. Op e vengk fun hiirer hannt huet e mei no misse bai se trieden an duu huet en ereisht gesin, dat èng laang den shlaang sech em hiire kieper gerengelt huet baal bis an t krauselen fun hiirem hoer erop. Esou shein an esou shtollz haat de Bèèr sech nun t Beshson dach net fiirgeshtallt. An ereisht déé faireje blek mat déém sii e festgehaal huet, an déém en net ausvaiche konnt. Sii huet kée vuert zu em gesoot an emer nemen hiir fairech aen op e geriicht gehaal. Du as dem aarme jong t blut baal kaal, baal vaarem durch t oodere gelaaf ; baal shtong e riicht a shtaif do vei èng kèèrz, baal huet e gezadert vei èspelaaf an t angst as em emer mei no un t hierz erugekroch. Der Beshson hiir aen hun em aaver och emer mei deif an t seil eragebrannt an e vost sech namool net aanesht ze helefen, vei er riicht an t gesiicht ze jaizen : «Ech haat Kraiderlis geruf, vèl ech zefil gefaart haat.» Kaum haat en t vuert aus dem mon, du gong désèlvechte shpektaakel las vei fiirens, ma en huet net laang ugehaal. T Beshson huet mat hiire laangen èèrem e puermool duurech t luucht gefuchtel an ales voor erem maischeshtel. «Vei héeshs de ?» «Lengevievèsh Bèèr.» Vien huet dech geshèkt ?» «Mèng krangk mam.» «Vaat féelt er ?» «Si huet

t giicht an dem kap an an den hèn.» «Zanter veinei?»
 «Zanter drai meint.» «An da sol ech er elo he-
 len?» «Jo, van der velt.» «Gut, Bèèr. T angst
 haat dech jo elo opriichtech gemaacht. Ech vel nun aaver
 nach vessen, op s de esou genatauert bas, daat héésht op s
 d et och enert aaneren emstèn bas. Vaat haats de fu miir
 gesoot ooder geduecht vei s de de bierech erop komm bas?»
 Daat voor èng beis fro, dei en sech net ervaart haat, an de
 Bèèr vost net mei vou an a vou aus. Fortlaafe konnt en net a
 leien duerft e jo och net. «Aba, » huet en sech op éémool erkrit,
 «mei vei friessen kan se mech jo dach net, » an e soot gannz
 lues a gedaamer : «Ech haat iech aal hêksemuder genannt.»
 Eier al daat gedeiesh den zoodi fun eineshter erem ufèngke
 konnt, haat t Beshson shon en zééchen mat der hannt gin an
 ales as rouech bliven. Ma si huet dem Bèèr nach èng fro ge-
 shtallt, op dei en sech nach maner gefaast haat : «Vien huet
 der dei nim gesoot?» T Shmatsbèèrbel voor seng giedel an
 en duerft dei dach a kèngem fall ferrooden. Ma dei grous
 shaarf aen fun der Beshson hun erem ugefaang ze liichten
 an ze brènen a si huet neme mei brauchen e beschen ze diir-
 èngelen : «Nu jé, kent t èntfert da baal?» dun huet de Bèèr
 ferkwamst a fershootert faarf bekannt : «T Shmatsbèèrbel.»
 «T Shmatsbèèrbel, kuk hai ! Do gesait één erem dat
 den ondangk daat greist as, vaat t mennshen opzevaisen hun.
 Abé, ech ferzaien der, vèls de onerfuere bas,
 vèl s de opriichtech voors an deng mam esou gieren hues.
 Déén drongk, déén ech der elo gin, dé bringts de hiir, dan as
 se geshwen erem an der rai.» T Beshson huet du e puermool :
 «Djhiip ! Djhiip !» geruf an du koumen draizeng daivercher
 hanen aus der hiel geflun, dei al èng klèng flèshelchen an de
 pètercher haaten, dei se hiirer mééshtesh der rai no duer-
 gehaal hun. Dei eisht flèshelchen voor nach aidel geviesht an
 t Beshson huet aus jider flèshelchen en ètlech drepfen dra-
 laafe geloost. Vei t flèshelchen baal fol voor, huet si se mat
 èngem shtek shwammp, daat e kaizchen er bruecht huet, zou-
 gemaacht. Dan as se mat den hèn nach e puermool driver hin
 an hier gefuer, huet se gereselt an iverdééms alerlé gemier-
 velt, vaat de Bèèr nemen zu èngem klèngen déél fershtoe

konnt. «Draimool des daachs 5 drepsen a réénvaasser ...»
naat en aaver erausgeheiert an daat gong em duer. T Beshson
huet em t méétzin geréécht an em mat der hannt gevengkt e
vèèr las an e kennt erem goen. De Bèèr huet t flèshelchen ge-
hol a mèrssi gesoot, ma en huet nach emer gefaart, t Beshson
geif em es dach nach velen an e konnt sech net enthaalen e
klénge kneifall firun er ze doen. Si huet et anuecht gehol an
e besche mei frentlech dragekukt vei fiirens vei e komm voor.

Vei seier de Bèèr du de bierech oofgedosh as, brauch ech
iech net ze soen. E voor an ènger fréét, dat dei saach dach
nach esou gut ausgaangen as an dat seng mam erem soit ge-
sonnt gin. En haat esouguur iverheiert, dat de maarkolef
erem no ueve gemèlt huet, de Bèèr hèt dei drai rout shtèng
evèl hanert sech. E voor a fil mei kuurzer zait erem dohéém,
vei e gebraucht haat fiir ze komen. A vaat en elo dohéém er-
ziele velt, daat vest der jo al. Doofiir brauch ech iech elo vaider
naisht mei ze soen. Gut nuecht, kaner !

J. P. BRAUN.

Eng Mam.

A shteler nuecht huet èng seil des vèllt ferloos an as dem
himmel zougeflun. Al frèèt a lèèt, al glek a peng huet se hainide
geloos an as emer mei liicht gin, emer mei liicht, an de vannt
huet s emer mei heich gedroon, dem muerjeshtier entgeint.

Den himel gouf emer mei blo, mei duurchsichtech, evèl
vèit, vèit ener hiir sin t voleke gezun mam réén, mat dem
shnei a mam èis. De muerjeshtier as emer mei grouss gin a mei
hèll. Sou hèll a kloor, dat t seil hiir aen huet missen zoudin.
Et voor evei en draam.

Op èèmool heiert si rufen : «Halt !» - T seil erfeiert, rèist
t aen op a gesèit sech fiirun ènger grousser paart ; dei
blezt a liicht nach dausent mool mei hèll vei de muerjeshtier.
Et voor t himelsdiir. A fiirdru shtèet, mam groussen himels-
shlessel an der hannt, de Peitrus a séét : «Vien hai era velt
goen, mus sèi lievensbuch fiirvaisen, mat alem vaat en do ene
gudes a beises gemaach.»

Vei t aarm seil sech fum eishte shrèk erhol haat, séét
se gannz fershootert : «Ech haat esou veinech zèit do enen,
fiir ze shraiven ; et voor emer esou fil ze dun am haus»

«Sou ? hmm ! - Vaat voors de dan doniden op der iert ?»
- «Ech voor - ech - ech voor neme mam.»

- «Mam !» sèt gannz duus duerop de Peitrus, an e liichte gèet duurch sèi blek vei seis erenerong èus der kanerzèit.

An èngems drekt en op e knèpchen, an der seil hiire shuz-èngel shtèet op èemool fiirun en. De Peitrus pespert dem èngel èpes an t ouer ; die lèeft seier fort, kent oover glèich erem zrek. Un der hannt feiert en en aaneren èngel. Die voor a vèis geklèet mat himelbloem mantel an èngem gele rëef em t shtiiir. An der hannt haat en e kessen, gannz mat diamante beluecht, blengkech vei èng son ; èe mei shei vi dien aaner. Daat voor e blezen a liichten a fongklen, dat èe baal net kuke konnt.

«Daat sin t gebiedier fiir deng kaner», séet de Peitrus, a vaist op al dei blo karfongkelshtèng ; dei rout elai sin al dei shtonen, dei s du nuechten an dééch laang baim bèt fum krangke kan ferbruecht ; et sin dei filech treinen, dei suerch a lèet diir èus dem a gedreht. Dei kèten èus vèisse pèerelen do, daat si lider a frèèdentreinen ; et as dei grous leift, dei èus dengem guden hierz fiir mann a kaner as gekwol. Daach fer daach, e gannzecht lieve laang.»

T seil vèes net vei hiir geshit a vaat se dèngke sol ; vei e goldechen draam shtèet ales firun hiir, en draam vei se nach kèe gedrèemt.

A vei se sou op al die rèichtom kukt an nach emer net begrèife kan, kent en zwèeten èngel mat ènger goldener harf a shpilt esou voner- vonershein, dat t seil op èemool al dei diamante fergest a lèushtert, lèushtert

«Daat sin deng lider, dei s de nuure mam hierz gesong, vèls de kèng vierder fonnt hues, dei shei genuch vooren. Et sin och deng drèem an dèi ferlaangeren no glek a frèet an dengem hèm : evèl du konns jo emer shtonelaang fiir dech elèng esou seilech drèemen.»

En dreten èngel tret erfiir an dreit a sengem shous e gannzen aarbel fol dèer sheinster rousen.

Daat sin deng gut vierker ; deng barmhierzechkèet, mat dèer s du al aarem geholef ; et sin dei gut vierder, mat déénen s du sou munchen onglekleche getreisht, van dèin èèjent hierz och sèlver geblut huet.»

A laangem bloe saamètmantel tret en aaneren èngel fiir, dien a sengem aarm vonershei biler dreit, dei an der son blengke mat dauserterlè faarven.

T seil erkènt se al, dei bekannt biler, an dèet e luese krèesh.

«Hai as dèi greiste shaaz», rift de Peitrus. «Daat sin al dei vennsh a frèeden, dei s du als mam do enen diir sou oft fersoot hues, fiir aanere frèèt ze maan. Nuu kom an huel dèi loun fiir al daat guts, daat nemen e mamenhierz ka fierdech brengen.»

An t èngelen hèngken hiir al pèerelen an diamanten em, a feieren t seil, dei sèlver nuu blengkt a liicht evei èng son, an den himel an *)

Musek a gesangk briechen oof ; ales shtèet zuer sèit a fréét, vaat fer èng kinigin hai keim.

Den èngel oover bleist drèimool a seng gelde posaun a rift : «Hai kent èng mam !»

Michel HEVER.

Vei t Béém hiirt sheint faarvecht Kléét kruuten.

Et voor e kaalen, daishteren oktooberovent. Den daach duurch haat et fil geréént, an den nievel huet sech eroof op féllt a besh, duerf a shtaat geluecht.

Et gouf hiersht. T blimercher hun de kèpchen hèngke geloos, as veisten se, dat se geshwe shtierve misten. An de mount, de gude mount, huet esou grous ae gemaach, vei en hanert ènger deker, groer volek erausgekroch koum an eroof op t iert geluust huet. Du gesouch en t Shèferralé **) um Glacis. «A fiir vaat maan dach t béém al esou traurech gesiichter ?» fréét en sech ; «vou dach sos graat do esou fil lieven a kameidi a leshtechkéét as.» De gude mount as sech es net zoukomm, bis en opéemool dru geduecht huet, dat haut de muerjen t hainzelmènercher um himel t vaassershleissen opgezun haaten, an dat et duu de leive laangen daach an èngem shtek geréént huet, geréént a geréént. Gannz secher vaaren t lanen an t kèshtebéém aal beis, vèl se kèng son mei ze gesi kruuten.

*) ooder ann ; och alt aan.

**) Schefferallee

Ma do voor oover esou èng klèng fiirvezech lan, dei konnt dei traurech shtemong net ferkwessen, a si huet driver no-geduecht, vei se dei aaner rem kennt laachen dun. Opéemool shteist se onfersins mat e puer èshtercher un t èst fun hiirer noopesh, dier kridlecher mim «Reiermechnetun.» Dei granzech gefuedesh huet sech duerop beis gereselt, dat t drep-sen nemen esou gebonzelt koumen, a rift shnaupech : «Vei kans du dech nemen enershtoon, esou e klènge llichtfangk veis du, gannz rouech ze sin a sech net ze muksen !» -

«O leif mimchen,» soot duu gannz fershootert dei klèng lan, «ech vollt iech jo nuere soen, dat den hiersht enervéen as.»

«De moni hiersht as enervé!» rift duu gannz haart ons mim ; an op éemool voor al shlècht laun vei fortgebloosen, an al béém hu sech geshtrekt an t èst gehueven, fiir ze gesin, vou den hiersht hierkeim ; vèl den hiersht haaten t béém al gier. En as oover emer erisht komm, van al lait shloofe vooren.

Am Alé voor neme mei den Trianon nach belliicht ; mè um 12 auer as och do al luucht ausgaang. An duu voor ales daishter. Nueren haiando huet de mount an e puer shtieren haner de voleken erausgeluust.

Opéemool heiirt éé fun der Aarelershtroos e shèlen a pengken a klengelen fu file, file selverklèkelcher, a glaiich koum e sheine voon, aus lauter nesshuele gebaut, a mat drauveblieder ausshtafeiert. Sèks feks hun de véénche gezun ; e leive klèngen hainzelmènchen huet kutsheiirt an hanen drop souzen als bedengter zwéé kavééchelcher. De voon as op der Shuebermesplaaaz fiirgefuer, an den hiersht shprengt eraus. O, vei vaar die shein, esou shein, vei één sech en net fiirshtèle konnt ! Eng laang boks fun alerhannt faarven, e giele frak, an op der sheler èng brong pèlerin, den hut voor mat drauven a mat drauveblieder garneiirt an op der brost haat en èng soneblum. E voor nach vierklech jongk an alèert, de moni hiersht, an huet sech emool fervonert de Park an t Shèferalé ugekukt.

Dei aal lanen a kèshtebéém oover vooren esou frou, dat de guden hiersht erem do voor an si hun em t èst entgeint geshtrekt fiir e velkem ze hééshen. «Hues de ons och èpes matbruecht, leiven hiersht ?» fréét glaiich dei klèng fiirvezech

lan, «Aa, secher ! an èpes gannz sheines, klènge lanebéémchen» soot den hiersht, an en huet em seng bliederkroun gehéemelt a geshtreilt. An èngems zeit en èng klèng selver paif aus der tèsch a paift. Gleich shprangen èng dosen hainzelmènercher aus dem voon a shlééfen èng grous kesht op rouletten erbai. Dei huet den hiersht opgeshpaart, a vei t béém sech gebekt hun, fir an t kesht ze luussen, gesouch en s èng onmas shei klééder fun ale faarven : giel, brong, rout, grengAn al baam kruut sain nait kléét fum hiersht.

«Oover,» soot den hiersht a mecht de béém e fanger, «past op ! Van der daat nait kléét nach unhut muerdemuerjen, van t son opgéét, da must der et droe bis ech erem fort sin aus dem lannt.»

Ma t béém hun an hiirer fréét net richteck uecht gin op daat, vaat den hiersht gesoot huet, an hun sech neme geflas, fer dei shei klééder unzedun. - «Néé, vei shein, vei shein !» huet éé baam diem aaner zougeruf : «Vei vier et, va mer en hiershtbaal oofheilen ?» «Joo ! rift et fun ale saiten. An duu gong et las.

Et gouf gedannzt a gesongen, gelaacht a gegèkst. Zwou lanen an zwei kèshtbéém hun èng kwadril gedannzt, an t mimchen an de pèterchen hu sech drugin an de «shmitchen» eroofgevikst. Laang sho voor den hiersht erem vaider gefuer, an nach huet dei leschteck gesèlshaft an hiire sheine faarveche klééder sech ameseiert. A kéén huet anuecht gehol, dat t son haner den Draï Eéchelen erausgeluust huet : den nievel huet sech opgeleist, an dei eisht soneshtraale foulèn eroof, op de Glacis.

«O mai ! O mai !» Gannz erfeiert haalen t béém an hiirer leschteckéet op an dèngken opéémool drun, vaat den hiersht e gesoot haat. Oover, et voor ze shpeit. Gannz rouech a geneshelt hu se sech, jideréén op seng plaaz geshtallt an hun t son op hiir shei faarvech klééder shenge geloos.

Erisht fil vochen derno, vei den hiersht aus dem lannt fort voor, konnten se hiir klééder ausdun. Ma si vooren net beis driver, vèl dei shei rout, giel, greng a brong faarven haaten hinen zefil gut gefall.

Al joer oover, van den hiersht erem an t lannt kent, dan zeien se dei faarvech klééder erem un an dèngke mat fréét un die leshteje baal fun der Shèferalé.

Michel HEVER.

Fun den Dauven.

Vei ech nach e klènge shoulbouf voor, vaar¹⁾ ech shons frou mat den dauven. Van ech esou bai de kei an de vise shtoung an dei shein deiere gesin hun, vèisser, shwaarzer, groer, gieler, gebumelecher, dan hun ech se aleguerte velen hun. Mèi pap a meng mam vollten aaver nèisht derfu vessen, an esou gouf mèi vonnsh net erfelt.

Vei ech mei grous voor a shon am koleish, sin dei dauve fu Melesh mer nach emer an de kap komm. An der grousser vokannz, van ech erem an de vise bai de kei voor, koumen dei leif deieren erem bai mech an hu mer èpes an t ouer gesoot. Ech hun et fershtaanen an erem baim pap a bai der mam ugehaalen, fiir dauven ze kreien. Et voor nach emer nèen. «Si maachen ze fil shuet an de soomen a si fiir nèisht ze gebrèuchen,» soote se. Duu sin ech hèmlech higaangen an hu mer brieder zesumegesicht a mer ueven iver dem hèknap en dauveshlaach gezamert. T as ales gut gaangen an t huet kèen^{*)} èpes anuecht gehol. Vei ales esou vèit fèerdech^{*)} voor, sin ech bai de Melesh Velem gaangen, fiir e puer kopelen dauven ze kreien. Mè do voor shons fiirgesuercht. «Ech dèrf der kèng gin, mèi leive jong, vèl dèi pap an deng mam velen net.» Du sin ech dan op t noopeshdueref gaang an hu mer zwou kopele kaaft an hèmlech an de shlaach gesaat. Dei zwèe fluuchlècher haat ech natiirlech nach net èusgeséét an der kornish, vèl ech sos meng aarbecht ferrooden hèt. Ech hu seier e fuusseshwannz gehol an t fluuchlècher èusgeshniden. Vei mèi pap a meng mam hèm koumen, souze meng feier dauve fiir um briet. Meng frèèt voor aaver huurtech um èn. Den dauveshlaach as evèchgeras gin, an t dauve si bai de meler komm. T as fun al déém nèisht mei bliven evei dei zwèe fluuchlècher an der kornish.

Al. RIES.

1) viessel fu voor a vaar.

*) ooder kèen, fèerdech etc.

Fèier ! Fèier !

Tra-traraaa. Tra-traraaa, sou klengt et durich ²⁾ di dèish-ter nôôcht. ¹⁾ Heier ! Lauster ! So ! Vaat as daat ?

Tra-traraaa, tra-traraaa ! T as fèier, fèier ! Erèus ! erèus, erèus ! Vou, vou, bèi véém ? An alen èken an ènen jeizt et, tuut et ; t klaken lagden zu haaf, t pomjée laafen, rèeder rulen, komandoreif erteinen. Alès as op de bèèn. Kurz drop gesi mer de fèiershèin am firmamènt. T foorveshe, fôôm ¹⁾ vantt gedroen, fleien vifil honert mèeter vèit. Et richt noom brannt. Bai véém as et ? - Op der «Héél» am Mèt senger shai-er. - Ma do kan et shei gin ! Dei fil haiser ronderem ! Kèng bang ! Ais pomjée sen do, jitferèèn op senger plaaz.

«Gut fèier brènt sech las», séét en aale pèter.

Trara, trara, traraaa, t get vaasser gebloosen. Èt as evèl do. Engt nopeshhèus hot fèier gefongen a glèich shpèizen zwou, drèi shtruzen mat gevaltejem drok dervider, drop las. Hai an do gouf ôôgefongen ze pleneren. T vaar nik neidich. Dei mèest gefoor as eriver. - T oprééjung hôôt ¹⁾ sech gelôôcht. ¹⁾ Fôôn ¹⁾ der shaier as nèisht ze rêten, dach et blaift dobèi. Gotsaidangk !

Oô de blèiche gesiichter, ôôn ¹⁾ déém zidrije gangk fôôn den nooperen gesèit èèn, das si al a grousser onrou vaaren. A mat rêcht. An dèishtrer nôôcht, am deive shloof ervècht, an dan esu baal t aen op dè grèissleje fèiershèin ze gesin, do kan èèn - kèé voner - t fôôref ¹⁾ shanjheieren an t bèèn zidrech kreien.

No an no ferlaafen sech, vei èè séét, t «Zuschauer» a sichen hirt hèèm op. Vei sol et entshtane sen ? Jaa, vei ? Dat sen hir lèst véérder. T pompjéèn over, dei mussen haalen a shtoon, dei dorfen nik on t rou dèngken, bis dei lèst fongk der noocht glèicht.

H. KREMER. (Vollz)

1) ôô shtèlt laangen, afenen o duer ; sos huet èn derfiir u (fun, hun, munichmool) ooder ue (suereh, geluecht) (Van den drok ooder t shraifmashin shwierechkèete mecht, kennt èn t akzènten evèchlussen ooder sos èpes vielen: aw, oh, oa, z. B.)

2) Fil viirder sin am Eisslek kuurz, dei sos laang sin, z. B. : oder, lang, hir, gefang (gefangen), hat, durich (durech, durch), aner.

«Aus der Duan 1) zou Vaasserbelech.»

Et as zuur zait fun de valutaréésen no Treier. An der duan zou Vaasserbelech erwaarden t duanjéén den néksten zuch, dé fun Treier eroofkent.

Shtram (duanjé) Ojé, ojé, ojé ! T as fer an e grèèf ze laafen ! Sin daat mer da shnèlzich ! Eng shton zu Iijel, 2) zwou shtonen hai, daat si mer zoushtèn !

Shro : (duanjé) Ech begrafen t lait nach maner. Zenter déer lèshter voych si se evi bobelbènzech. Eng richtech felkervandrun ! - Van et nach e puer dééch dauert, da brengen se doutsecher den doum mat, t Porta Nigra

Shram : An t saibèken an t shosselen aus gannz Daitshlannt hanendrun.

(En zaldoot brengt e shmogler eran an de büro.)

Zaldoot : Hai brengen ech der zwein, diir hèèren, ma den één as mer enervé entvutsht. (Zum shmogler) : Eran elai mat der, an e veinech flot, duu flantes, déén s de bas !

Shro : A vaat huet déén do da geshtiicht ?

Zaldoot : Shmogle vollt en, den tudler, vaat dan aaneshter ; t shmoglerfeiver huet jo evèl t gannzt lannt. Vei ech e froot, vaat en hèt, gouf de kèèrel frèch vei naisht guts an en huet mech shemel a blès fernannt. Vei ech en duu enersicht hun, duu haat en e gannze kwasht geshmogelt saachen, dobai an der jhilstèsh èng golden auer, déer èng natiirlech aus der Flèèshershtroos fun Treier, halef blèch a kofer.

Tudler (tudelt beshtènech) : D-daat as net vouer, h-hèèr du-duanjé, dei dei auer h-hun ech evèl laang, ech hu se fu mengem eim gottreishten g-geierft. (Zaldoot oof.)

Shro : Da vaist emool, mèèshter, daat mus sech dach fanen. (graift him an t jhilstèsh) Ma kuk elai, diir huet se navèl gut fersuercht, gesin ech - vei laang hut der se da shon ?

Tudler : Z-z-zanter fofzeng joer, fun das mai mo-monongk dout as. - Diir kent e froen, diir hèèren. (T duanjée laachen)

1) douane

2) Igel

Shro : Kraizdonervieder ! Vaat as daat fir e getudels, leiert emool shwèzen iirt der op Treier git.

Tudler : Da-daat as e ge-gebuertsfééler, hèèr du-duanjé, meng mam tudelt och. (T duanjéen laachen néés.)

Shro : Soot emool, haat èèren eim dei auer da laang ?

Tudler : Ne-nemen éé joer, va-van ech net iiren.

Shro : (Vaist op den ziedel op der auer.) A senger plaaz hèt ech oover dien ziedel hai eroofgehol ; ooder diir hèt e solen an dééne fofzeng joer eroofrapen, der haat dach zait genuch der-fiir. Hai shtéét jo nach de prais¹⁾ drop.

Tudler : (erfeiert, zou sech sèlver) O jé, o jé, ech d-daabo !

Shro : Ech gesin, dei golden aueren sin navèl belech zu Treier.

Tudler : Jo, et vaar èng èng ok-okasioun, hèèr.

Shro : Hut diir da flaicht nach esou okasioune matbruecht ?

Tudler : Néén, g-gannz beshtemt net, da-da-daat as ales.

Shro : Da loost mech emool kuken mèi bèshten, an dèer aaner-rer tèsh. (Filt him an dei aaner jhìlistèsh) Aha, hai sin der nach zwou, also èng fiir muerjes, èng fiir metes, èng fiir oo-vens. Ech an èèrer plaaz hèt miir nach èng fiir nuets kaaft, mat èngem vèker drun, da viir diir fai monteiert. (Laacht)

Tudler : L-l-loost mech goen, hèèr d-duanjé, ech vo-vollt jo ales dé-déklareieren.

Shro : Sou, sou ! Dan aaver huertech eraus mam rèsht. (De shmogler kent lues a lues mat ale saachen eraus.)

Tudler : Da kan ech l-lo lupen, diir hèèren ?

Shro : Gemèlech, neme gemèlech ! Lo maache mer iech emool t rèchnung. Vifil mecht et, hèèr Shtram ?

Shtram : Am gannzen 87,50 frang, da komt der gut evèch.

Tudler : Em-em gotesvelen, diir hèèren, si-sit dach mei fer-shtènech, dèngkt u meng neng kaner an un onst aanekèt.

Shro : De monnt gehaalen, vaat gi mech èèr kaner un. Hai hut der ze berapen, vaat der shelech sit.

1) ooder prèis.

Tudler : Ech bi-bieden iech, diir hêèren, dan droen ech t saachen erem ha-hanesht no Treier.

Shro : Diir sit dem éefallt net aus der hat getrollt. Vaat solt diir dan erem hanesht goen ; daat viir jo mutvel.

Tudler : Da, da vaart, ech kuken emool. (Helt de portmoni) Ech mènge, t sa-saach meich sech. Zielt) 87,50 frang. Elo hun ech Treier genuch. Bon-bonjour, diir hêèren ! (Seier oof.)

Shro a Shram : Bonjour, mééshter ! (de chef de gare eran)

Chef de gare : Vei as et, kene mer den zuch dan elo kome loossen ? En hêlt doene bai der brek, en huet sech t paif sho baal eroof gepaf. (kukt op t auer) Elo sol e sho baal èng halef shton fun hai fort sin.

Shro : Da loost e komen. Hêrjé, vaat vèert daat erem èpes gin ! (Den zuch lèèft an, t heiert èèn t lait hanert der büün kréesh dîn) Vaasserbelech, alles aussteigen ! T diir fum büüro flit op. Ales kennt matenéén erageshtumt.)

Zaldoot : Dajé, dajé, vaat drekt der esou ? Der komt al un t rai, éèn noom aaneren. Sit fershtènech, da géét et nach èng keier esou flot.

(Dei baim zaldoot passeieren, mussen de pas vaisen.) (E folert kennt shweier belueden mat drai depen eragevènzelt ; en trelt a shteist iverall un.)

Folert : Bonjour, diir hêèren, hai sin ech um dil. As èpes ?

Shro : Néén, t get ereisht èpes, Vaat hut diir dan do opge-lueden ? Hop, hop, loost iech net esou laang fleiven, da si mer glaich ééns. Vaat kashten dei depen ?

Folert : Haielaihahi, vei as déén esou firvezech ! Soot, hêèr, a fir vaat velt diir daat vessen ? (rèpst)

Shro : Den treieshe beier as iech an t kop geklomen, haalen ech.

Folert : Néén, hêèr, an de bauch, van et iech naisht ausmecht. Ech hun esou e besche profiteiert fun der geléénhéét, vest diir. (En trelt vider den desh.)

Shro : Nondikas, blaift emool rouech an zit iech fum desh evèch ! Also drai depen : 4,50 frang. A vaat hut der do an der valis, maacht emool op !

Folert : Van et iech intrèssiert (mecht t valis e beschen op)

Shro : Jé jé, maat se gannz op, dat één èpes gesait. Aha, do hu mer et jo : 6 zènbishten, 4 laiskèm, 2 pèk hollzshrauken, èng baartshossel, éé maukuerf - a fer vien as déén dan ? -

Eng krauselzaang. Hut diir kèng klééder matbruecht ? Dajé shwèzt ! E veinech viif, t sin nach lait do.

Folert : Vaat sol ech mat klééder ufèngken, hèèr ! Ech hun t haus dohéém fol.

Shro : Sou, sou. Wèè diir huet navèl alerhannt tupi, gesin ech. Da vaist emool déé pardessus do, déén as jo fongkelnools nai. Soot, déklareiert diir en ooder

Folert : Jé jé, hèèr, kukt net graat esou genèè, ech gin en humpen, alt zwein, van et mus sin.

Shro : Mai leive mann, miir heieren net zu déém ouer. A blaift diir och fun den humpen evèch, diir kent jo shons net mei elèng op de béén shtoon. - Also, as daat ales !

Folert : Jo, hèèr. Diir huet oover och glaaf kèng pitié mat aarme lait.

Shro : Ferbèlt iech de monnt net. Elo maache mer iech de konnt. (De Shtram réécht dem folert den ziedel.) Daat mecht am gannzen 68,60 frang.

Folert : Immer blechen muss der Sachse. Nujé, daat as t gèllt nach net al, Miir aaner hun et jo. (Zielt t gèllt op den desh.)

Shro : Dan zit iech elo zrek a komt net mei esou bejhipst haihin.

Folert : Néén, hèèr, bis dei nèkste keier.

(E paakt ales an a vènzelt sech zuer diir aus, voubai en iverall vider-shteist. Den Zaldoot helt e baim vèkel an heleft him zuer diir aus. De Folert dreit sech nach em a rift)

Arvoar, diir hèèren an haalt iech monter !

Shro a Shram : Diir och, diir och !

Shro : (zum zaldoot) : Shtèlt emool dei mat den éémeren al dobaussen zesumen. (zaldoot oof a rift)

Zaldoot : Al dei éémeren hun, haihin an èng rai ! (séét zum duanjé) Hèèr Shro, viifil den éémer ?

Shro : Draï frang t shtek. Hieft t gèllt alt sëlver op, da si mer eishter fierdech. (Zaldoot oof)

Shtram : Vaat as daat haut erem en zoodi ! (T depen rabelen hanert der büün) T as e gerabels dobaussen, et mëngt één, t kreich één de charivari geshloen.

Shro : Geshwen mussen dei fun Treier no Lezebuurch éémeren an depe leine komen.

Zaldoot : Nonzech éémeren - 270 frang. Klènger a grousser. (Léét t gèllt op den desh.)

Shro : (zum zaldoot) : Shek dei mat den éémeren an den zuch !

Zaldoot (rift) : Al éémeren an den zuch, aaver nemen t éémeren !

Shro : Huelt t saibèken och.

Zaldoot : Javool ! (rift aus) : An elo dei mat de saibèken an èng rai zesumen ! (gerabels hanert der büün)

Shtram : Duu hues et eraus, fiir der t lait fum pèllz ze haalen, da si mer déém kameidi och e veinech las haibanen.

Zaldoot : 50 saibèken - 60 frang. (Léét t gèllt op den desh.)

Shro : C'est çà. Vaat as daat haut e gedepens. Shekt och dei mat de saibèken an den zuch.

Zaldoot : Al saibèken an den zuch, oover nemen t saibèken.

Shro : Sin der nach do ?

Zaldoot : Néén, t as kée mei um perron.

Shro : Haibane si mer och fèèrdech. (E bozt sech de shwées oof.) Der daivel sol dé rumel nach laang aushaalen. Nu kuk emool, vei se zuur diir ausrènen. Boufdech, do lait jo shons één om bauch.

Chef de gare (shtrèkt de kap zuur diir eran) : As ales fèèrdech ?

Shro : Fèèrdech !

Chef de gare : Da fuure mer ! (Dobausse get geruf : «En voiture ! Pour la direction de Luxembourg ! En voiture !

V. NEUENS.

E puer Remarken zuur Transkripsioon.

Ais shprooch fêlt haut frun alem op duurch hiir profusioun fu formen. Variannte berouen op réjionaaalen diferénzen : haut, hot, hêkt ; aus, êus ; main, mên ; op gramatesh-sémanteshen, vi sii, si, se ; hat, et ; miir mer ; duu, du, de ; fiir fir, fer ; kompénsatooreshen, vi shtodênnt, shtodêênt, pêllz, pêêlz ; fount, fonnt, vou t silp laang as êntvééder duurch de vokaal ooder duurch de konsonannt ; pozisionaale vi «van ech, va mer» ; «ze soen, z êneren» ; pèrseinlechen a felech frêien, arbitrêeren, vou t variannten ouni erkênbaare gronnt gebrêucht gin, an duefiir shweier an êng kategori eranzebrenge sin, vi z. b. vaaren, vooren ; onns, ons als pèrsonaalpronoom nieft ons als possèssiif ; il vient, il pourrait - e kent, e kennt. Eng gut parti fun de fershidenhêeten an onsecherhêete bezeie sech op t lêngt, baal fun de vokaale baal fun de konsonanten, a besonesh als folech fun êngem zouvues fun ênger ooder mei silben, dei e vuurt kreie kan duurch flêksioun, ooflêêdong ooder zesumesêzong. Daat erget forme vi krantz, krènnz, krèn(n) zercher. Am franseishen huet êên do esou viirder vi pâte, pâté, pâtisserie, vou den a emer mei kuurz get.

(T as vuel nit neidech drun z ereneren, dat en duebel geshrivene konsonannt die lèut sëlver als laang uget, an nit sêin nooper. T hêesht jo, an den aanere shproochen do geif e kuurze vokaal ugedait duurch ferdueblong fum konsonannt hanerdrun. Dobal get saaver mêesht fergies, dat et sech grontsêzlech nemen em di betount silben handelt - cf. êngl. opening, beginning - an dat et och do nach dausende fun êusnaame get. Politikerin huet 5 kuurz vokaalen. A Lotterie - loterie as et emgekeiert vi a Literatur - littérature.)

Vei vèit et nuu venshesvèert as, bai al dééenen ênerongen êngem vuurt seng fisionomi z erhaalen, t shrefftbilt ze konserveieren, daat as êng fun dééne froen - nieft den êêjennim an de frieme viirder - vou glêich fun ufangk un t idi beshtung, ereisht no ênger gevesser zèit fun erfaarongen ze gesin, vaat do am gemêlechsten as an am mêeshte gevènnsht get. T shrefftkommissioun fun der Hêlvéetesher Dialêktgesêlshhaft, dei shon 1939 bai ons êng geves rol geshpillt huet, mêngt dueriver : Die je nach der Tonstärke verschiedenen Lautungen eines Wortes sind in der Schrift zu berücksichtigen.

An desem buch sin nuun trotz dem beschrievén, en ufangk fu shtandardiseierong ze probeieren, al dei variannten op hiir rêchnong komm an der dêitlecher apsiicht, al dei enershêeder z illustreieren. T as och kèng esou toopech remark, dei de Georges Bonnard mecht a sengem Manuel de phonétique française : Nous n'avons pas cherché à donner

une image fausse de la réalité en nous efforçant, dans les transcriptions suivantes, d'être toujours conséquent avec nous-même. Och di auteuren, dei hai fertrat sin, gebrèuchen dak arbitrèer esou fershide formen, nit neme veint dem raim (der rime). Dak genuch get et och èusgezèechent gren, e vuurt esou ooder esou ze shraiven ooder esuguer friem a lezebuurjesh zuglèich. Ereisht lues a lues vèerte mer och do zu ènger uniformiteit kome kenen. Aist lezebuurjesh als shreftshpooch as jongk a fiir t uniformiteit z errèchen an èngem èusmoos vei èè se fershtènejervais venshe kan, duurf och sii sech zèit huelen, van et och kèng joerhonerte sin, vi bai de grouse kultuurshpoochen.

E puer détailler :

Eus er-fanen a rèechen huele mer èng grafi errèchen, van och t lèngt fun dem r nit gannz dèitlech as. Psikoloojesh hu mer èng lèngt. Veint nuet, riet, gut, shraive mer nuets, riets (mer haaten es riets), èpes guts, nit mat z. Al keier as en somme èè vuurt, vi «emer», an dan hu mer esou viirder och alt zesumegeshriven. De mobiile shlus-n get, vi baim shwèzen, veint der dèitlechkèet dak bëibehaale vou en no èngem fonéteshe gesèz ging èusfaalen. An domat hète mer nèès dien aale shtrèit teshent der vouerecht iver t beshtanntdèeler fun èngem vuurt a sengem dauergesiicht. Family likeness.

Hai huet et frun alem gegolen, daat niderzeshraive vaat an den tèkste fiirlèit ooder fiirzelaie shengt. Trozdéem sin dausent filoloojesh froen décideiert gin, esu gut ooder esu shlècht vi et fun èngem èenzelne sengem aarbechtsdesh èus mejlech as. Mei vèit ze goen an z. b. di auteuren, dei nach lieven, iver intèndeiert formen ze befroen, daat hèt èng aarbecht bedait, dei neme shweier an e richteicht ferhèltnes zum erhofhten nozen ze brenge geviesht vèer.

Esou fil mist op al fèl kloer si gin, dat di onsecherhèete baim shraive véésentlech èus den hautejen onsecherhèete fun der shpooch sëlver beshtin.

J. F.

Lesht

fun de shteker aus desem hèft

Titel	Auteur	Sait
Aus dem I. gesangk fum Rénert	M. Rodange	3
Aus dem XIII. gesangk fum Rénert	M. Rodange	15
Dem Leivèkerchen sèi Lit	M. Rodange	20
Dei fun der Shtroos	Lambert Schaus	22
Drai Kueben	Marcel Reuland	23
Van ech och emool grous sin	W. Goergen	24
De Baurejong	Th. Wies	25
Baurelitchen	H. Reiter	26
T Héémehshaus	H. Reiter	27
Aise Shaashtech dèmmpt	Pol Noesen	27
Den Anjelus fum Millet	J. P. Braun	28
Gust Eisslek	M. Worré	29
Aus dem téaatershtek : E Sumerdraam	Marcel Reuland	30
Sumernometech	Albert Elsen	31
De Koplabungzi	Fr. Binsfeld	32
Gut Nuecht	J. Kintzelé	33
Reimecher Shproch un t Shmoleven	Pol Noesen	34
Ooventfriden	Tony Hurst	34
Fautefielz	Tony Hurst	36
De Shmat fum Prenzebierech	Tony Hurst	40
Shtoolvierk	Tony Hurst	43
Gebleißmashinen	Tony Hurst	45
Heichueven	Tony Hurst	46
Hymnus	Tony Hurst	47
Lit fun den èsher Minètsdèp	Siggy fu Lezebuurch	49
E Gèngler géét al Daach duurch t Vèilt	Pol Noesen	50
Draianzwanzech	W. Weis	51
De Beifchen an t Nos	J. P. Braun	52
Eng Keisgeshicht	J. P. Braun	52
De Mekejann	H. Godefroid	54
Den Noé als Kapèlméeshter	A. Ries	57

Titel	Auteur	Sait
De Volef an de Fuus frum Gericht	A. de la Fontaine	59
T Shtodènnntn	Siggy fu Lezebuurch	60
Dem Homéér sèi Lèèt	H. Müller	61
T So fun der Melusina	Siggy fu Lezebuurch	67
De Shtierches-Géésht	Friny Gilson	73
Aus dem foleksshtek «Fiir Kraiz a Glaaf»	V. Neuens	80
Erenerong un den C. M. Spoo	Léo Berchem	84
De Braaneshtéén	Siggy fu Lezebuurch	85
Aus der aaler Zèit	H. Kremer	88
Aus der Kanerzèit	H. Kremer	89
T Lèjènnnt fum klèngen Hiirdejong	M. Hever	90
T Kliber um Duerf an der Kuervoch	M. Hever	92
Vei t Klaken op Roum hiir Oushteren haale gin.	M. Hever	93
Buurchsondech	N. Pletschette	95
Leiver Hèrgotsblieschen	J. P. Loenertz	98
Den Zen Niklééschen	Marcel Reuland	100
De Shangkemènchen	J. P. Braun	100
T Gééshterkaap	J. P. Braun	105
Baim Kraiderlis	J. P. Braun	107
Eng Mam	M. Hever	112
Vei t Béém hiirt faarvecht Kléét kruuten	M. Hever	114
Fun den Dauven	A. Ries	117
Fèier! Fèier!	H. Kremer	118
Aus dem Komeidishtek «An der Duan zu Vaasserbelech»	V. Neuens	119
E puer Remarken zuur Transkripsioun	J. F.	124

